

maachen, fir ze verstoen, dass awer hei - och wann ech verstinn dass Opreegung ass, besonnesch weinst deem ganze Medierummel ronderëm, ëm den Eran an Eraus vun deem Amendement -, de Fong insgesamt manner schlëmm ass. An och dat bréngt mech dozou, lech ze bieden, dee Projet um Ordre du jour ze loossen, an deen Ordre du jour ze stëmmen.

Iwwregens ass et jo esou, dass deen Amendement, deen iwwert d'Kommissioun erakomm ass an erauskomm ass, aviséiert ass vum Statsrot, dat heescht wann eng parlamentaresch Majoritéit sech muer hei géif fannen, fir deen erëm eranzesetzen, da wär et un der Majoritéit, fir dat ze maachen.

Ëm wat geet et? Ech wëll erënnere, dass d'70er Gesetz gesot huet, d'Sozialpartner misste sech eens ginn, d'Aarbechtszäit an deem sou genannten Horesca-Secteur ze regelen. Dat ass net geschitt. A wéi ech jonke Minister gi sinn, hunn ech dunn e Projet de loi ausgeschafft, an ech hunn dee bilateral ausgeschafft, engersäits mat de Gewerkschafte verhandelt an anerersäits mat der Horesca. An dee leschten Entwurf, deen ech gemaach hunn, deen huet och bei jiddferengem eng grosso modo Zoustëmmung fonnt.

Iwwert dee Punkt, deen elo am Artikel 12 oder 10 - wat och ëmmer zum Schluss war - dra stoung, ass ni verhandelt ginn. Ech muss dat och ganz daitlech soen. Ech hunn haut an der Zéitung gelies - ech huelen un, dass ech dee Bréif och dann eng Kéier kréien -, dass den OGB-L seet, dat wär en antisoziaalt Gesetz.

Dat heite Gesetz, de Projet wéi en elo virläit, dee geet méi wäit de Salarié entgéint wéi mäin urspréngleche Projet, deen awer ëmmer vum OGB-L, an och vun de Salariatskummeren, an och vum LGBG selbstverständlech, gelueft gouf.

Sou dass een dat mol erëm muss an dee richtege Bléckwénkel hei stellen. Et ass net, dass dee Projet herno verschlechtert gi wär en cours de route, dat soen ech lech; dat hätt ech och net gären zouge-looss. Dofir hätt ech scho gekämpft, dass dat net soll geschéien.

Dunn ass an der Chamberkommissioun en Amendement - an den Här Lux war mat à l'origine - ugeholl ginn, dee Folgendes seet: Wann de Loun, deen ee virum Gesetz hat, nom Gesetz op Grond vun der 40-Stonne-Woch, déi mir elo aféieren, erofgesat gëtt, da geet dat net. Also en dierf net erofgesat ginn, et sief dann, d'Prozedur vum Artikel 37 géif respektéiert ginn.

Den Artikel 37 vum Aarbechtskontraktgesetz seet, wa mir en présence si vun enger „modification substantielle d'une clause essentielle du contrat“, déi en défaveur vum Salarié ofgeännert gëtt, da muss een de Préavis, wéi bei enger Kënnegung anhalen. Wann de Salarié dat akzeptéiert no dem Préavis, dann ass et gutt. Wann en et net akzeptéiert nom Préavis, dann ass en entlooss. An e ka selbstverständlich de Patron usichen, op Grond vun där Entloossung.

Deen Amendement ass vun der Kommissioun komm. An ech hu mech deem Amendement net oposéiert, well nämlech just dat doteen och fir mech nach haut den Droit commun ass. Ob mir dat an d'Gesetz schreiwen oder net, ass dat fir mech den Droit commun. Iwwregens huet de Statsrot dat och geschriwwen a sengem Avis complémentaire, wou e schreift: „La seule diminution du nombre d'heures en application de la loi sous avis, disposant d'une réduction de la durée de travail, ne constitue pas une modification du contrat de travail. Par contre, la rémunération contractuelle constitue une clause essentielle du contrat de travail qui ne peut être modifié, même de façon minime, sans l'accord du sala-

rié. Pour toute modification en défaveur du salarié, l'employeur est donc tenu d'appliquer la procédure visée à l'article 37. Le Conseil d'Etat s'interroge donc sur la portée de cet ajout dans le texte de la loi, qui ne devrait pouvoir en aucun cas dispenser l'employeur de justifier le caractère réel et sérieux des motifs à la base de la modification.“

Dat heescht, de Statsrot seet: Wat soll deen doteen Artikel méi bréngen? Dir hutt et souwisou. Dorophin ass dunn d'Chamberkommissioun higaangen a se huet den Artikel erëm erausgeholl. Och domadder kann ech liewen, well et fir mech awer, op d'mannst gläichwäerteg, datselwecht bréngt wéi virdrun. Sou dass ech hei net agesinn, dass duerch den Amendement, deen eran an erëm erauskomm ass, eng Verschlechterung vum Gesetz hisichtlech de Salariéen agetruede wär.

Ech verstinn dass Opreegung ass, an déi Opreegung kënnt ënner anerem vir - an dat ass ee Feeler, dee rechnen ech mir och gären zou - well mir vergies hunn, obwuel et Amendements parlementaires waren a keng Amendements gouvernementaux, de Chambres professionnelles déi och nach eng Kéier zoustellen.

Dat ass iwwerhaupt e Problem mat deem ech als Parlamentsminister vill gehäit sinn. Heiansdo vergiesen ech se och. Ech sinn och hantert menge Kollege fir et ze maachen. Ech géif dann en Appel maachen als Parlamentsminister un d'Chamber, dass vläicht d'Amendements parlementaires automatesch géife vun der Chamber weidergi ginn. An ech versichen datselwecht - mat menge Regierungskollegen - un d'Chambres professionnelles ze maachen.

Mä nach eng Kéier, dat hei ass e Gesetz wat wichteg ass, wat mat der 40-Stonne-Woch den 1. Januar soll ufänken an enger ganzer Rei vu Betriber. Ech géif et schued fannen, wann dat Gesetz elo, net nëmmen e puer Deeg, mä eventuell e Joer géif schleefen, well et schwieereg ass dat matzen am Joer en vigueur ze setzen. Et géif mer Leed doen, wann dat Gesetz elo net géif den 1. Januar a Kraaft gesat ginn, ëmsou méi, wou ech am Fong hei kee groussen Ënnerscheed gesinn, wat d'Protektioun vum de Salariéen ubelaangt.

■ **M. le Président.-** Den Här Lux freet d'Wuert nach eng Kéier.

■ **M. Lucien Lux (LSAP).-** Här President, ech wollt bewusst net zum Fong schwätzen, well wa mer elo ufänke vum Fong ze schwätzen, da maache mer deen Débat, dee mer wa méiglech muer virgesinn hunn.

Ech mengen, mir hunn eng Meenungsverschiddenheet hei, dass mir der Meinung sinn, dass e Malaise do ass, deen dohier kënnt, dass mer net nach eng Kéier d'Sozialpartner an d'Chambres professionnelles gefrot hunn. Mir sollen elo doriwwer ofstëmmen - ech maache mer keng Illusioun, dass d'Majoritéit wäert de Projet drop loossen - an da setze mer eis iwwert déi Meenungsverschiddenheet, déi mer an där dote Fro hunn, dann ebe muer auserneen. Mä mir sinn nach wie vor der Meinung, dass ee soll d'Sozialpartner nach eng Kéier froen an de Projet erf huelen.

■ **Une voix.-** Très bien.

■ **M. Lucien Lux (LSAP).-** Au vote.

■ **M. le Président.-** Mir stëmmen elo iwwert den Ordre du jour, dee vun der Presidentekonferenz virgeschloe ginn ass an deen lech virläit, of. Den Antrag ass do vum Kolleg Lucien Lux, fir en ze änneren an deem Sënn, dass d'Projeten 4825A a 4825B erf geholl ginn.

Vote

Wien derfir ass, fir den Ordre du jour esou duerchzehuelen, wéi en lech zougestallt ginn ass a wéi en decidéiert ginn ass an der Conférence des Présidents, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et ass keen Zweifel, d'Majoritéit ass derfir, fir den Ordre du jour bäizehalen an domadder wier den Antrag vum Här Lux ofgelehnt.

#### (Brouhaha général)

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg steet de Rapport complémentaire vum Budgetsprojert mat uschlëssender Diskussioun, an duerno d'Ofstëmmung iwwert de Statshaushalt vum Joer 2003. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Doriwwer eraus steet de Fraktiounen nach déi Zäit zou, déi se bei der Diskussioun vun der leschter Woch net opgebraucht hunn.

Wéi et aus engem Schreiwes ervirgeet, dat lech gëschter zougestallt gouf, sinn dat fir: de Rapporteur 24 Minutten, d'CSV 58 Minutten, d'DP 67 Minutten, d'LSAP 46 Minutten, den ADR 54 Minutten, DÉI GRÉNG 57 Minutten, den Här Urbany 22 Minutten a fir d'Regierung 87 Minutten. Fir d'Diskussioun iwwert d'Motiounen an d'Resolutiounen hunn d'Fraktiounen jee 45 Minutten an d'Sensibilité politique 22,5 Minutten.

Et si schonn agedroe bis elo: d'Mme Nicklaus an déi Hären Asselborn, Rippinger, Mehlen, Bausch, Krecké an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Emile Calmes.

### 6. 5000 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2003 (suite)

#### Rapport complémentaire de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Emile Calmes (DP), rapporteur.-** Här President, Dir Damen an Dir Hären, wann Dir mer et géingt erlaben, da géing ech domat ufänken all deene merci ze soen, déi sech an hiren Iwwerleeungen hei mat dem Rapport, deen ech d'Chance hat am Numm vun der Finanzkommissioun hei virzustellen, ausernee gesat hunn.

Dëst Joer stoungen d'Debatten natierlech am Zeeche vun enger neier wirtschaftlecher Situatioun. Eng wirtschaftlech Situatioun mat méi engem luese Wuesstum a selbstverständlech awer och mat de finanzielle Konsequenzen, déi sech doraus fir de Statsbudget erginn. Et sinn och dës nei Situatioun an hir Konsequenzen, déi am Mëttelpunkt vun den Diskussiounen vun deem Zousazrapport wäerte stoen, entgéint deem, wéi dat an de vergaangene Jore war, wou d'Amendementer sech ëmmer gréisstendeels op eng gewëss Zomm beschränkt hunn. Eng Zomm, déi am Projet de budget reservéiert war, fir eben Amendementer ze maachen.

Esou eng Zomm war och dëst Joer virgesinn, mä et sollt u sech anescht kommen, an deem Sënn, dass de Wirtschaftswuesstum vun 2001 im Nachhinein op ee Prozent huet mussen no ënne revidéiert ginn, souwéi dee vun 2002 op en halwe Prozent. Och wann d'Aussichte fir 2003 besser sinn, bedingt doduerch dass jo an der zweeter Halschent vum nächste Joer d'wirtschaftlech Situatioun erëm soll unzéien, mengen ech, huet d'Regierung awer richtig gedoen duerch

eng Partie Amendementer, souwuel um Niveau vun de Recetten, wéi um Niveau vun den Dépensen, deem Budget hei méi Véridicitéit ze vermëttelen. Nach méi Véridicitéit, wéi de Budget der scho souwisou an de leschte Joren hei verpasst kritt huet, mam Ënnerscheed dëst Joer, datt d'Véridicitéit net nëmme fir d'Recettë muss duerhalen, mä virun allem och fir d'Dépensen.

An deem Sënn sinn am Artikel 1 dann d'Recetten an d'Dépensen amendéiert ginn. Et ware 6.468 Milliounen Euro virgesinn als Recetten. Déi sinn no ënne revidéiert op 6.349,7 Milliounen Euro. Dat ass eng Progressioun par rapport zum Budget vum leschte Joer vu 6,23%. Am ursprüngeleche Projet waren dat nach 8,22%. D'Dépensé sinn och no ënne revidéiert gi vu 6.465 Milliounen op 6.349 Milliounen, wat dann nach eng Augmentatioun vun den Dépensé vu 5,84% ausmécht. Am ursprüngeleche Projet waren dat nach 7,78%. Domat reduzéiert dann och de Boni vun deem Budget sech vun 2,8 Milliounen op eng hallef Millioun no ënnen.

Ëm wéi vill sinn d'Recetten erofgesat ginn? D'Recettë sinn am Allgemengen ëm 119 Milliounen Euro no ënne revidéiert ginn. Déi stamen aus enger Partie Diminutiounen vu Steieren hier, awer och aus enger Partie Augmentatiounen, déi dann de Chiffer vun 119 Milliounen erginn. Virun allem sinn d'Steieren op de Léin an op de Gehälter ëm 100 Milliounen no ënne revidéiert ginn. Do waren ursprüngelech am 2003er Budget 1.285 Milliounen virgesinn als Recetten. Elo sinn et der nach 1.185 Milliounen, wat u sech der neier Situatioun gerecht gëtt, wou dach awer gemengt gëtt, dëst Joer géife mer nëmmen op 1.100 Milliounen Recettë kommen, wou der 1.155 Milliounen virgesi waren.

Domat ass da selbstverständlech och der zweeter Phas vun der Steierreform Rechnung gedroe ginn an et ass deem Rechnung gedroe ginn, datt d'Lounmass am nächste Joer méi lues wäert evoluéieren, virun allem doduerch, dass d'Primen an d'Gratifikatiounen sech wahrenscheinlech méi a Grenze wäerten halen, wéi dat an de vergaangene Joren de Fall war. An et muss ee sech jo och bewusst sinn, dass an enger Situatioun, wéi mer se elo hei hunn, de Beschäftigungstaux net méi an deem Ausmooss wäert an d'Luucht goen, wéi dat an der Vergaangenheet ëmmer de Fall war. Et sinn also d'Steieren op de Gehälter an op de Léin, déi ëm 100 Milliounen Euro no ënne revidéiert gi sinn.

Zwou aner Taxe sinn och all Kéiers ëm 40 Milliounen no ënne revidéiert ginn. Dat ass d'Taxe d'abonnement an den Droit d'enregistrement. Dat sinn Taxen, déi ënnert dem direkten Afloss vum Finanzsektor stinn. Si si gréisstendeels de Schwankungen op der Bourse ausgesat, well et sech u sech ëm den Enregistrement, respektiv eng Taxe handelt, déi op de Wäertpabeieren opgehuewe ginn. Nom 11. September 2001 bis dëst Joer an den Oktober eran ass de Wäert vun de Pabeieren drastesch gefall. De Statsminister huet jo d'lescht Woch dee formidable Chiffer vun 8.000 Milliarden Euro genannt, dee sech u sech a Loft opgeléist huet. Dat mécht et also méiglech, datt mer net déi 495 Milliounen Euro erakréien, déi mer virgesinn haten, mä nëmme 455 Milliounen. Dat entsprécht och deem, wat mer eis dëst Joer kënnen erwaarden, wat erakënnt.

Datselwecht gëllt fir d'Enregistrementsrechter, wou mer u sech 198 Milliounen virgesinn haten, déi sollten erakommen, mä wou der dëst Joer awer nëmmen 125 Milliounen sollen erakommen. An deem Sënn ass et richtig, dass déi op 158 Milliounen no ënne revidéiert gi sinn. D'TVA huet och mussen no ënne revidéiert ginn, an dat ëm 40 Milliounen. Hei kréie mer a sech de volle psychologeschen Effet vun esou enger Situatioun ze spieren.

D'Leit fille sech u sech onsécher virun der Zukunft a ginn doduerch manner Geld aus. Et freet ee sech just, wann déi successiv Steuerreformen net gemaach gi wieren, wéi dës Taxe dann ausgefall wier.

Wéi gesot, dat sinn déi Steieren, déi no ënne revidéiert gi sinn. Op där anerer Säit sinn der awer och zwou no uewen hi revidéiert ginn. Esou zum Beispill d'Vermögenssteuer ëm 30 Milliounen Euro fir d'Joren 2002 an 2003, wou all Kéiers 40 Milliounen Recettë virgesi waren. Et ergëtt sech awer am September vun deem Joer, datt déi Taxe elo schonn op 112 Milliounen läit, esou datt et normal ass, datt déi fir d'nächst Joer ëm 30 Milliounen eropgesat gëtt.

Dat wat och an d'Luucht geet sinn déi Taxen, déi aus den Accisen eraus kommen. Ech mengen, déi Donnéeën, déi d'Regierung vun der Douanes-an-Accisè-Verwaltung kritt hunn, si relativ positiv. D'Regierung kann dovun ausgoen, datt op d'mannst d'Accisen op den Zigarette méi wäerten erabrénge d'nächst Joer, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Et huet och domat ze dinn, datt a Lëtzebuerg op Grond vun engem méi positive Verdeelungsschlëssel am Kader vum UBL-Accord méi Recetten erakommen. Dat huet alerdéngs näischt domat ze dinn, datt elo vläicht méi hei am Land gefëmmt gëtt, mä et huet einfach domat ze dinn, datt den Différentiel mat anere Länner zu eise Gonschte spillt.

Wéi gesot, d'Steiere sinn op der Recettësäit ëm 220 Milliounen no ënne revidéiert ginn, et sinn der dann och fir 101 Milliounen no uewe revidéiert ginn. Dat mécht dann en Defizit vun 119 Milliounen aus. Hëlt een dann dee Boni vun 2,8 Milliounen mat eran, dee virgesi war, da mussen op där anerer Säit d'Dépensen ëm 116,7 Milliounen no ënne revidéiert ginn. A wa mer hei vun Dépensé schwätzen, déi no ënne revidéiert ginn, da sinn dat emol un éischter Stell déi Dépensen, déi direkt mam Bruttoinlandsprodukt, respektiv mam Bruttoinlandsakommes zesummenhängen an hei schwätzt een da vun de Kotisatiounen, virun allem Pensions- a Krankekeesskotisatiounen, déi ëm 17,1 Milliounen no ënne kënnen revidéiert ginn. Mä och de Fonds communal de dotation financière gëtt esou ëm 18 Milliounen no ënne revidéiert, grad esou wéi de Kooperationsfond ëm 13 Milliounen, an de Fong fir d'Recherchen ëm 1,2 Milliounen Euro.

Niewent dësen Upassungen ginn dann awer och d'öffentlech Investitiounen manner héich dotéiert. D'öffentlech Investitiounsfongen, minus déi vun der Schoul an déi vum öffentlichen Transport, déi hir Dotatioun behalen, ginn insgesamt gesinn ëm 60 Milliounen no ënnen. Dat stellt awer selbstverständlech déi Investitiounen, déi d'Regierung sech virgeholl huet an deenen nächste Joren ze maachen, net a Fro. Déi Investitiounen, ech widderhuele mech do, sinn absolut kee Luxus, mä eng absolut Nécessitéit. Et si souwisou iwwer honnert Milliarden al Frangen an de Reserven, an dat, mengen ech, misst dergoan dësen Investitiounen nozekommen.

Eng aner Reserv, an dat hate mir och am ursprüngeleche Rapport ënerstrach, ass déi praktesch scholdefräi Situatioun, déi Lëtzebuerg huet. Dat huet et och der Regierung erlaabt, dës Fong ëm 9 Milliounen manner héich ze dotéieren, u datt d'Schold, déi Lëtzebuerg huet, ëm 60 % provisionéiert ass.

Här President, Dir Damen an Dir Hären, dat waren u sech déi Haaptamendementer, mat deene mer an der zoustänneger Finanzkommissioun ze dinn haten. Dir verstitt, datt ech net op all déi eenzel Amendementer op der Säit vun den Dépensé wëll agoen. Dat géif nu wierklech zevill an den Detail féieren. Ech géif mech och net mat deenen Amendementer hei elo of-



ginn, déi mat der Loi budgétaire selwer ze dinn hunn, well déi éischter méi technescher Natur sinn a Korrektiounen maachen, grad esou wéi déi Amendementer, déi nach gemaach gi sinn op Grond vum Avis vum Statsrot, wat och méi héich technesch ass. Wéi gesot, alles dat ännert näischt un der Substanz vum Budget, grad esou wéineg wéi déi Amendementer, déi d'Finanzkommissioun selwer gemaach huet. Ënnert deenen en Amendement zum Beispill, wou mer dräi Gemengen entgéintkommen, déi vergiess haten hiren Taux fir d'Gewerbsteuer mat Zäite festzusetzen, ëmmerhin och eng Gemeng vum engem Kolleeg Député-maire, deen heibanne sëtzt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren déi puer Saachen, déi ech hei wollt soen. Et ass éischter e Rappel vun deem, wat ech schonn a mengem éischte Rapport gesot hunn. Den éischte Rapport, dee sech scho mam amendéierte Budget ofginn huet. A well dës Amendementer a sech näischt un den Akzenter an och näischt un der Qualitéit vun dësem Budget hei änneren, géif ech lech dann am Numm vun der Finanzkommissioun invitéieren, dem amendéierte Budget 2003 zouzestëmmen.

Ech soen lech merci fir d'Nolescheren.

**M. le Président.** - Als éischt Riednerin ass d'Madame Fery Nicklaus-Faber agedroen. Entschëllegt, den Här Budgetminister Frieden kritt nach fir d'éischt Wuert.

**M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt am Numm vun der Regierung virun allem zréckkommen op d'Budgetsdebatten vun der leschter Woch. Gläich zum Ufank wollt lech bieden de Stats- a Finanzminister ze entschëllegen, deen och am Fong de Mëtteg nach wollt zréckkommen op d'Debatte vun der leschter Woch, mä hien ass fir de Moment amgaange sech ëm deen europäesche Steierdossier ze bekëmmern, en Dossier, op deem ech och am Laf vu menger Interventioun zréckkommen.

Ech géif also dofir wëllen am Numm vun der Regierung op eng Rei vun deenen Observatiounen vun der leschter Woch zréckkommen, respektiv herno nach op verschiddenen Aussoen agoen, déi vläicht de Mëtteg an deem Kontext gemaach ginn, ouni awer nach eng kéier alles ze widderhuelen, wat mer schonn d'lescht Woch gesot hunn.

Et ware villsäiteg Interventiounen, mä ech hunn am Fong an deenen Interventiounen net festgestallt, datt d'Grondbudgetsphilosophie fir d'Joer 2003 heibanne kontestéiert gi wär. Datt de Budget amendéiert ginn ass, datt ass nun eemol e Phänomeen, deen all Joer am Hierscht geschitt. Et gëtt ëmmer erëm gesot, mir schwätzen hei vun engem amendéierte Budget, mä, Dir Dammen an Dir Hären, e gëtt all Joer amendéiert. Mä richteg ass och, datt mir dëst Joer an engem vill méi schwierige wirtschaftlechen Ëmfeld déi Amendementer diskutéieren, an dat ass am Fong dat, wat par rapport zu de Budgeten vun de Jore virdru geännert huet.

De Fait, datt d'Wirtschaftsprognose fir dat kommend Joer am Hierscht vun alle Wirtschaftsprognoseninstitute zréckgehollet gi sinn, ass ee Phänomeen, dee mir déi Jore virdru net haten. Wéi mir mat deene Prognose konfrontéiert gi sinn, huet sech natierlech fir d'Regierung an dofir och fir dëst Parlament d'Frage gestallt: Ännert een dorobber hin fundamental de Budget oder net? Sträicht ee Politik, un déi ee gleeft, oder net? An d'Äntwert vun der Regierung war - an ech hunn och d'lescht Woch net fundamental aner Meinungen hei am Parlament héieren, quitte datt ech d'Nuancé wuel mat kritt hunn -, datt mir net mengen, datt ee misst hektesch Kursännerunge

maachen, wann een Nouvellë kritt, déi sécher net erfreesch sinn, déi mat der europäescher an der internationaler Konjunktur ze dinn hunn. Mir hu keng hektesch Ännerungen misst maachen, well mer an deene leschte Jore Reserven opgebaut hunn, Reserven, déi sech an deene leschten dräi, véier Jore verduebelt hunn, ëmmerhin 3,2 Milliarden Euro. Dat ass net näischt. Dat ass eng ganz Staang Geld.

Mir hunn nach Retarde bei der Besteuerung vun de Banken am Beräich vun der Kierperschaftsteuer. Och dat si substanzuell Zommen, a wann ee Reserve mécht, dat wëll ech heibannen nach eng kéier soen, dann ass dat eppes Positives, a wann ee Reserve mécht, da muss een och bereet sinn, se auszeginn wann d'Zäite manner gutt sinn. An an esou enger Zäit si mer.

D'Joer 2003 ass fir de Budget e schwieregt Joer. Mä domadder gëtt net direkt d'Gesondheet vun de Statsfinanzen ugegraff. Wann een e momentanen Déséquilibre huet am Budget, deen iwwerengs am europäesche Stabilitätsprogramm erlaabt ass, da kann een op esou Reserven zréckgräifen. Et kann ee momentan Defizit maachen. Dat ass dat, wat an Europa déi automatesch Stabilisateure genannt ginn, déi extra virgesi ware fir Länner, déi eng gesond Budgets- a Finanzpolitik an deene vergaangene Jore gemaach hunn.

Mir wollten, datt déi Reserve gebraucht ginn, fir keng hektesch Ännerung nom Budget mussen ze maachen. Mir sinn der Meinung, datt déi Sozialpolitik zum Beispill, déi mer maachen, ëmmerhi 44% vun den Ausgabe vum Stat vum nächste Joer, Ausgabe sinn, wou et net gutt wär, wa mer déi kuerzfristeg géife brutal änneren, well domadder géife mer net nëmmen de Bénéficiair vum deene Sozialleeschungen, an dat si mer alleguerten, schueden, mä mir géingen och domadder der Ökonomie e weidere Stouss ginn no ënnen, deen an dësem Moment negativ fir d'Ökonomie wär. Mat anere Wieder, de Konsum géif selbstverständlech weider noloossen.

Grad esou hu mer dofir gemengt, datt et richteg war an dësem Moment, d'Investissementen op engem héijen Niveau ze halen. Investissementen profitéieren der Ökonomie, Investissementen profitéieren de Lëtzebuerger Betriber, déi Haiser a Stroosse bauen. Selbstverständlech muss een och am Laf vum nächste Joer ëmmer erëm deen Investitionsvolumen am Liicht vun den neien Erkenntnisser kucken, a virun allem fir déi Jore duerno, 2004, 2005. Mir wäerten en héijen Investitionsniveau halen, mä deen ass extrem héich, an dofir, och wann en an deenen nächste Jore vläicht net grad esou vill klëmmt wéi dëst Joer, ass en nach ëmmer op engem héijen Niveau.

Mir wäerten dëst Joer ronn 600 Milliarden Euro Investitionsausgaben hunn. Wa mer dat d'nächst Joer nach eng kéier ëm 30 % steigern, da sinn dat kolossal Montanten, a wa mer se esouguer net gesteigert hätten, da wär et nach ëmmer prozentual gesinn, par rapport zu de Gesamtausgaben vum Stat, e ganz héije Montant, an dofir mengen ech, muss een net onbedéngt all Investitiounen tätigen an der Zukunft, mä et muss een dee Volumen op engem héijen Niveau halen.

D'Sozialpolitik wëlle mer bäibehalen, d'Investitiounen wëlle mer op engem héijen Niveau halen, a mir mengen och nach wie vor, datt d'Steierreform am richtegen Moment gemaach ginn ass, an datt déi Steuerreform weider richteg war. Dat ass heibanne jo och nëmmen eng Fraktioun kontestéiert ginn, déi gesot huet: Mä Dir gesitt jo, Dir hutt eng Steuerreform gemaach, an trotzdem ass de Wuesstum net esou héich, wéi dat am Ufank virausgesot gi war.

Ech dréinen lech dat Argument ëm. Wann déi Steuerreform net gemaach gi wär, da wär héchstwahrscheinlech de Wuesstum nach vill méi schlecht, dat heescht, mir wäeren an enger méi negativer Situatioun, well mer awer um Terrain kënnen feststellen, datt d'Leit vill vun deem wat se netto méi an hirem Portemonnaie hunn och ausginn, datt se mat deene Sue liewen, datt se mat deene Sue kënnen investéieren. Duerfir war déi Steierpolitik, wat eng exceptionell zolidd Steuerreform war, souwuel fir d'Privatleit wéi fir d'Betriber, am richtegen Moment gemaach ginn, a mir deelen duerfir net d'Meenung vun deenen, déi d'lescht Woch hei - d'Kolleege vun der grénger Fraktioun virun allem - déi Steuerreform kontestéiert hunn.

An dëser Debat ass och geschwat ginn iwwert d'Evolution vun der Gewerbesteier. Ech sinn d'lescht Woch net dorobber agaangen, well ech der Meinung sinn, datt et net gutt wär, wa mir géingen an dësem Moment deene wichtege Debatte virgräifen, déi am Kader vum Conseil supérieur des finances communales am Ufank vum nächste Joer wäerte stattfannen, déi da vum Innenminister Michel Wolter aberuff ginn. Eent ass awer kloer, datt wann de Stat manner Recetten erakritt, da kréien och d'Gemengen der manner eran, oder ëmgedréint. Deen een an deen aneren hanken un der wirtschaftlecher Entwécklung vum Land, a mir musse selbstverständlech kucken, datt jidderee sengen Aufgabe kann kommen. Just musse mir eng Diskussioun doriwwer kréien, wat dann alles noutwendeg ass. Doriwwer muss ee souwuel beim Stat wéi bei de Gemenge schwätzen.

Wann de Stat substanzuell manner Suen erakritt, da kann een net zu gläicher Zäit méi Sue vun dësem Stat fir d'Gemenge verlangen. Déi Rechnung geet net op. D'Regierung wäert d'Gemengen net am Ree stoe lousen, mä Stat a Gemenge musse wëssen, datt an Zukunft net all Wonsch kann an Erfëllung goen. Net de Stat an net d'Gemenge kënnen alles dat onbedéngt an deenen nächste fënnef Jore realiséieren, wat si wollte maachen. Sou wünschenswäert dat och wär, muss een der Realitéit Rechnung droen, wann ee net wëllt déi gutt Finanzsituatioun, déi mir hunn, mëttelfristeg a laangfristeg op d'Spill setzen. Et ass also keng Zäit, soen ech nach eng kéier, fir nei Fuerderungen, et ass éischter d'Zäit, fir ze iwwerpréifen ob alles dat, wat mir maachen, absolut noutwendeg ass. Et ass een Exerice, deen net ëmmer agréabel ass, dee souwuel de Stat wéi d'Gemenge musse maachen.

Ech géing och bieden, de Budget 2003 net nëmmen ze gesinn am Kontext vun deem eenzege Joer. Mir hunn déi Jore virdru de Budget mëttelfristeg gekuckt, an och d'Wirtschaftswuesstum mëttelfristeg gekuckt, an esou hu mir och de Budget 2003 opgestallt. A wann ee mëttelfristeg kuckt, muss een no hannen an no vir kucken. A wann een dann eng Moyenne rechnet vun der Croissance économique op déi ee sech baséiert, fir de Budget opzestellen, dann ass dat bëssen en anert Jugement vläicht, wéi wann ee just d'Momentopnam, datt heescht d'Chiffere vum Hierscht 2002 en vue vum Budget 2003 kuckt. An an deem Sënn waren och déi Zitater, déi vu mir d'lescht Woch hei gemaach gi sinn, Zitater aus de Budgetsdebatten vum Joer virdru, net falsch. Well ech soen de Kolleege vun der sozialistischer Fraktioun, déi esou gentil waren, meng Ried vum leschte Joer nozeliesen, datt dat Referenz waren op mëttelfristeg Wuesstumer, a mir dat och ëmmer erëm an der Regierungserklärung an an der Einleitung zum Budgetsdocument festgehalten hunn.

Si hunn d'lescht Woch rappeliert, datt ech d'lescht Joer gesot hunn: Wuesstum ass d'Resultat vun enger Politik. Dat war deemools richtig an ass selbstverständlech och haut richtig. Wann de Stat sech net bekëmmert ëm d'Ökonomie, da kann déi Ökonomie net esou funktionéieren am Intérêt vun der Gesellschaft. Selbstverständlech kann een de Wuesstum net millimetergenau steieren, a selbstverständlech hätt mir gäre méi Wuesstum an dësem Moment, wéi mir es hunn, mä wa mir d'Rahmenbedingunge fir d'Wirtschaft net géinge setzen, da soen ech lech, dann hätt mir nach vill méi eng schlecht ekonomesch Situatioun.

D'Steierreform, vun där ech elo grad geschwat hunn, ass een Element gewiescht an déi richteg Richtung. D'Rahmenbedingungen, déi mir fir den Hauptsektor vun der Lëtzebuerger Ökonomie setzen, oder fir dee Sektor, deen déi meeschte Kierperschaftsteuer bezillt, nämlech d'Finanzplatz, sinn dee beschte Beweis, datt d'Wuesstum an d'Resultat dovun an enger Ökonomie och a souguer wesentlich beaflosst gi vun der politescher Hand. Duerfir stëmme mir muer, hoffen ech, an dëser Chamber e wichtegt Gesetz iwwert d'Ëmsetzung vun europäeschen Direktiven am Beräich vun den Investmentfongen, den OPCen. Duerfir hu mir am Beräich vum Stol déi Schrëtt an der Politik geholl, déi et der Lëtzebuerger Stolindustrie erlaben, weider e wichtege Spiller an der internationaler Stollwelt ze sinn. Duerfir hu mir déi Décisioun geholl, déi et noutwendeg maachen, fir datt d'Satellitgeschäft vu Lëtzebuerg aus weider ka gemaach ginn. An duerfir, wéi gesot, suivéiere mir och alles dat, wat op der Finanzplatz leeft, op eng äusserst intensiv Aart a Weis.

An deem Kontext hält selbstverständlech déi europäesch Steierdebatt eng wichteg Platz an, ob schonn datt ech d'lescht Woch hei gesot hunn, an dat bleift och dës Woch, datt net alles op der Finanzplatz vun der europäescher Steierdebatt ofhänkt. Mä mir hunn an deene leschte Wochen - an dat erklärt, firwat de Statsminister an ech de leschte Mëtwoch net un Ären Debatten iwwert de Budget deelgehollet hunn, wat eis nodréiglech nach eng kéier Leed deet a wou mir merci soe fir d'Vesteesdemech vun dëser Chamber - un äusserst schwierigen Debatten deelgehollet, déi ech nach eng kéier wëll an hire Kontext setzen.

Mir haten am Dezember 1997 ënnert der Lëtzebuerger Présidence proposéiert mat engem Koexistenzmodell, also Wiel tëschent Quellesteier an Informationsaustausch, d'Diskussioun iwwert d'Zënsbesteuerung an Europa unzegoen. Déi Debat ass geféiert ginn, mat ville Schwierigkeiten, bis zum Juni 2000 op dem ECOFIN a Sommet vu Feira am Portugal, wou d'Engländer eis erkläert hunn, datt souwéiso an e puer Joer all Mënsch den automateschen Informationsaustausch hätt, a mir wäeren dann déi lescht op der Welt, oder bal, déi nach d'Bankgeheimnis hätten.

A mir hunn deemools gesot: Mä da musst Dir eis dat beweisen. Dir musst eis dat beweisen an Ären ofhängegen Territoiren, an Dir musst eis dat beweisen a wichtege Finanzplazen, déi d'Konkurrenzzentren vun eise Land sinn. A wann Dir eis dat kënn beweisen, a wann déi alleguerten zum automateschen Informationsaustausch iwwerginn, dann ass och Lëtzebuerg bereit dee Schrëtt no verschiddenen Iwwergangszeiten ze maachen. An der Debat vun där leschter Woch, an an der Debat vun deene leschte Wochen, an deene leschten zwee ECOFINen huet sech herausgestallt, datt esou eng Solutioun, also automateschen Informationsaustausch, an där dote Form mat der Schwäiz, mam Liechtenstein a mat deenen aneren Drëttstaaten net esou géing goen.

Et si verschidde Modalitéiten mat der Schwäiz diskutéiert ginn, déi Dir och aus der Berichterstattung iwwert déi ECOFINe kennt, an et ass dorobber hin, wou sech d'Lëtzebuerger Regierung an deenen nächste Wochen en vue vum ECOFIN vum 21. Januar muss festleeën. D'Lëtzebuerger Regierung, an ech soen dat hei ganz kloer an däitlech, ass contrainement zu deem, wat de Moien an e puer däitschen a Schwäizer Zeitunge stong, net d'accord, a war zu kengem Moment d'accord, fir am Joer 2004 eng 25%eg Quellesteier anzeféieren, a bis spéitstens 2011 Kontrollmatdeelungen no OECD-Standard 2002 anzeféieren, dat heescht, en Informationsaustausch op allen Akommessen an ouni Konzept vun der duebeler Strofbareket. D'Lëtzebuerger Regierung dementiert also déi diesbezügliche Artikelen, déi de Moien, notamment am Handelsblatt an an der Neuer Zürcher Zeitung stongen.

Grad esou muss ee gesinn, datt no dem ECOFIN vun der leschter Woch déi däitsch Regierung proposéiert huet, fir d'Zënsertrag vun an Däitschland wunnende Bierger mat enger Ofgeltungssteuer vun, wann ech dat richteg aus der Zeitung gelies hunn, am Ufank 25% ze besteieren. Ech muss lech soen, datt ech erstaunt sinn, datt déi däitsch Regierung sech elo intern fir eng Ofgeltungssteuer asetzt, nodeem se an Europa dat éischten net gesot huet, an zweetens sech do ëmmer fir automatesch Kontrollmatdeelungen agesat huet.

Elo weess och ech, datt dat eent eng Diskussioun ass iwwert d'Résidenten vum Däitschland, an datt mir an Europa diskutéieren iwwert d'Net-Résidenten. Et gëtt och haut schonn aner Länner an Europa, déi fir hir Résidenten Ofgeltungssteieren hunn, also eng „libératoire retenue à la source“. Wat dat ass? Dat heescht, et bezillt een op enger Platz. D'Bank hält déi Suen ewech, wann ee seng Zënse kritt, an domadder ass d'ganz Steierschold ofgeleesch.

Ech wëll trotzdem hei soen, datt ech d'Impressioun hunn, datt déi Décisioun vun der däitscher Regierung, vu gëschter a virgëschter, en neit Element ass an der europäescher Zënsssteuerdebatt, well eng Rei Argumenter virbruecht ginn, déi visiblement net nëmmen fir den däitsche Marché geduecht gi sinn, mä déi och eng europäesch Dimensioun hunn.

Ech mengen, datt dat, wat déi däitsch Regierung gesot huet, an notamment den däitsche Bundeskanzler gëschter Owend op enger Wahlkampfveranstaltung, net konstruktiv an net hëllefreich an dësem Moment vun der europäescher Steierdebatt ass. Et bréngt ee kaum e Kompromëss an Europa fäerdeg, wann ee versicht eng Meinung ze bilde mat Attacken op Nopeschlänner, besonnesch wann dës Nopeschlänner kleng sinn. Dir wësst, datt e Lëtzebuerg a Liechtenstein an der Diskussioun gëschter Owend genannt huet.

Mir mengen also, datt een déi nei Elementer vun der däitscher Steierdebatt elo am Detail muss kucken. Wann ech richteg verstanen hunn, huet déi däitsch Regierung den Detail vun hire Steierpläng nach net fäerdeg. Et gëtt diesbezüglich eisen Informatiounen no keen offiziell Dokument. Mä mer géinge plädéieren fir Kohärenz doheem an an Europa.

Mir müssen d'Tauxen, déi bei enger eventueller europäescher Quellesteier spillen, kucken à la lumière vun deenen Tauxen, déi am Ausland applizéiert ginn, an Zousoe fir den OECD-Standard 2002, also ouni Elementer vun der duebeler Strofbareket ze akzeptéieren, mécht d'Lëtzebuerger Regierung net, mécht d'Lëtzebuerger Regierung ni, wann an der Schwäiz, wann am Liechtenstein, wann zu Monaco an op anere Plaze Konkurrenzentre vun europäesche Finanzzentren oder an de brite-



schen an hollännesche Kanalinsele net déiselwecht Regelunge spillen.

Dat huet d'Lëtzebuerger Regierung ëmmer erëm gesot. Mir loosse net zou, dass hei Kapitalverschiebung e stattfannen, déi ausschliesslech enger anerer Finanzplaz Avantagë verschafen. D'Lëtzebuerger Regierung ass weider bereet, an Europa, zu engem faire Kompromëss. Faire Kompromëss, deen doranner besteet, dass mer bereet sinn, Zënsen och vun Net-Résidenten ze besteieren, mä op eng raisonnabel Aart a Weis, déi d'Kapitalflucht aus der Europäescher Unioun évitéiert.

Mir wëllen dofir ënner anerem, zweetens, dass d'Schwäiz, Liechtenstein an anerer an esou eng Regelung agebonne ginn. Dass also jiddferee mat deenen nämlechte Mëttelen an dëser Konkurrenz-situatioun ka schaffen. Mir müssen oppassen, an dat ass vläicht nei duerch déi däitsch Steierdiskussioun, dass den europäesche Ban-nemaart nach weider fonctionnéiert. All Léisung déi kënn muss et och erlaben, dass d'Leit och an Zukunft kënnen Kapital an Europa fräi zirkuléiere loosse, ouni domadder der Steierflucht d'Die-ren opzemaachen. Mä dofir muss ee Léisung e fannen.

Mir mengen, dass déi lëtzebuer-gesch Léisungen, déi mer an der Vergaangenheet op den Dësch ge-luegt haten, Léisungen an deem Sënn waren. Dofir sinn déi nächst Woche wichteg fir ze kucken, wéi een elo hei virugeet. Op jiddfer Fall ass dat, wat gëschter geschitt ass an Däitschland, e wichteg neit Ele-ment, deem mer wëlle Rechnung droen a wou mer och wëlle kucken, awéifern de Fait, dass ee vun den Hauptacturen an dësem Steier-dossier - wat Däitschland ganz sécher ass an dësem europäesche Steierdossier - seng intern Steier-philosophie esou dramatesch än-nert, an enger Debatt wou en ëm-mer gesot huet, d'Kontrollmittei-lung wärd dat eenzeg Heilmittel fir der Steierflucht en Enn ze maa-chen, säin Zweck erfüllt.

Mir hunn ëmmer gesot, et ginn och aner Mëttelen, wéi zum Beispill eng Quellesteier, d'Positioun, déi och d'Schwäiz vertrauden huet. Da muss een och an engem ECOFIN am europäesche Kontext doriwwer diskutéieren. D'Lëtzebuerger Re-gierung huet wëlles, och virun deem nächsten ECOFIN, dee jo fir den 21. Januar ugesat ass, nach eng Kéier och mat der Finanzkom-missioun vun dëser Chamber do-riwwer Gespréicher ze féieren. Mir sinn der Meinung, dass et gutt wär, wa mer endlech eng Léisung an deem Dossier hätten. Well d'Ab-sence vun enger Léisung ass och net gutt, well si féiert zu Onsécher-heet op der Finanzplaz. Si féiert dozou, dass déi richteg Bankge-schäfte nëmme lues virukommen, an dofir si mer fir eng Léisung. Mä mer sinn net fir eng Léisung zu egal wat fir engem Präis. Ech soen nach eng Kéier: Et bréngt een net Resultater fäerdeg, wann ee ver-sicht vun där anerer Säit vun der Musel mat schwéierem Geschütz op d'Noperen ze schéissen. Loose mer déi Debatt konstruktiv a fair weidergoen an deenen nächste Wochen.

Wuesstum ass d'Resultat vun enger Politik, och vun enger europäescher Steierpolitik an och vun enger europäescher Politik vun den öffentleche Finanzen. Dofir moosse mer och weider dem europäesche Stabilitéitsprogramm vill Importenz bäi.

Ech kommen nach eng Kéier zrëck op dat, wat ech d'lescht Woch hei ugedeit hunn. Ech mengen, dass mer och müssen an deem eu-ro-päesche Stabilitéitsprogramm Elementer wéi déi vun enger ge-sonder Situatioun vun de Stats-finanze méi Rechnung droen. Ech soen nach eng Kéier, dass déi Län-ner, déi Reserve gemaach hunn, am Fong déi net ugerechent kréien, wa se op hir Capacité de finan-

cement am europäesche Stabi-litéitsprogramm analyséiert ginn. De Fait, dass mer zum Beispill d'Halschent vun eiser Statsschold an engem Fong hunn, gëtt zu Bréssel einfach net berücksich-tegt, well si kucken nëmme Brut-toschold, an net Nettoschold. Si kucke bei der Berechnung vun der Capacité de financement d'Recet-të minus d'Dépenses, ouni och do erëm eng Kéier d'Reserven, déi mer eis ugeluegt hunn, ze berück-sichtigen. Ech hätt gär, wa mer deen nächste Stabilitéitsprogramm op Bréssel ginn, dat wäert am Ja-nuar de Fall sinn, dass mer dorob-ber an eisem Stabilitéitsprogramm hiweisen an dass mer och an Euro-pa eng Diskussioun driwwer kréien, dass esou Länner müssen anescht behandelt ginn.

De Budget vum nächste Joer gëtt sécher keen einfachen. Dofir hunn ech d'lescht Woch gesot, an ech wëll dat hei nach eng Kéier, och no den Interventioun vu ville Riedner d'lescht Woch, hei soen, dass mer deen am Laf vum Joer ëmmer erëm musse kucken, awéifern mer vun där Previsioun, déi mer ge-maach hunn, besonnesch bei de Recetten, ofwäichen oder net. Mir sinn net, a keen heibannen, wann en éierlech ass, ass an dësem Mo-ment capabel, déi Recettë vum nächste Joer millimetergenau fest-zeleeën. Dat muss mer dofir kucken am Laf vum nächste Joer. Dofir sinn ech och gäre bereet, wéi ech dat och d'lescht Woch gesot hat, all puer Méint an d'Chamber ze kommen an der Chamber, der Finanzkommissioun déi Donnéeën, déi mer hunn iwwert d'wirtschaft-lech Entwécklung an iwwert d'Statsfinanze matzedeelen.

Ech mengen net - an dat soen ech de Kollege vum ADR, déi eng Mo-tioun an deem Sënn, mengen ech, eraginn haten -, dass et vill Sënn mécht dat all Mount ze maachen. Well et gi Méint, wéi zum Beispill de Mount Januar, wou déi Chiffere ganz weinéig, souwuel op der Re-cettësäit wéi op der Dépensesäit, soen. Ech géif dofir éischter pro-poséieren, dat géing een all dräi Méint maachen, well een dann e besseren Iwwerblëck huet, dee méi aussagekräfteg ass, wéi wann een dat opgrond vun den Donnéeën vun engem Mount mécht.

Grad esou muss mer am Laf vum Joer 2003, wa mer de Budget 2004 maachen - well mer fänke jo elo ge-schwë mat deem u mat schreiwen, mer si jo ëmmer ee Joer viraus an der Preparatioun vun deene Bud-geten -, selbstverständlech eng Rei Iwwerleeunge féieren. Iwwer-leeungen, déi mer bei de Konsum-ausgaben a bei den Investitiouns-ausgabe féieren. Mä all déi, déi sou séier soen: „Da muss mer dës oder déi Konsumausgabe kieren“, wëll ech nach eng Kéier drop hi-weisen, dass d'Konsumausgaben am Budget nëmme 7,2% vun allen Dépenses vum Stat ausmaachen. Dat ass net schrecklech vill. Sou dass een also muss ganz kloer soen, wat een dann do vun decken Aspuerunge sech virstellt.

D'Regierung wäert dat maachen, wann et noutwenneg gëtt. Mä ech hunn och d'lescht Woch hei op der Chambertribün, à moins dass ech dat iwwerhéiert hunn, keng sub-stanziell Aspuerungen, Moos-name vu kenge vun de Fraktiounen héieren. Et mag sinn, dass dat der Regierung iwwerlooss gëtt, fir dat dann duerno ze beuerteelen an ze kommentéieren, voire ze kritiséieren. Domadder hu mer kee Pro-blem, mä ech soe just all deenen, déi elo brutal Aschnëtter am Bud-get 2003 gäre gehat hätten, dass se dann och musse soen, wat fir eng dat sinn, an dass si dat dann och musse justifizéieren.

De Budget 2004, dat soen ech elo schonn, wäert ee Budget ginn, dee quasi guer net wäert wuessen, op-grond vun den Erkenntnisser, déi mer elo hunn, a mer nach ëmmer mëttelfristeg de Wuesstum vun der Ekonomie kucken. Ech weisen lech drop hin, dass trotzdeem d'eu-ro-päesch Kommissioun fir 2004 e

méi staarke Wuesstum virgesäit. Eppes iwwer 3%, dass ass hir Ana-lyse vun dësem Moment. Et muss een also och do mëttelfristeg kucken. Dee Budget kéint ganz gutt ee sinn, deen net méi wéi d'In-flatioun wiisst. Et ass also eppes, wat och d'Kollege vun der Re-gierung sech musse ganz seriö ukucke wa se d'Propositionen eragi fir deen nächste Budget, dee mer am nächste Fréijoer wäerten, op d'mannst op technescher Basis, am Kader vun der Regierung ana-lyséieren.

Eng lescht Observatioun wëll ech nach eng Kéier bei de Reserve maachen. Fir nach eng Kéier ze preziséieren, dass all déi Reserven, déi mer hunn, wat also d'Trésorerie vum Stat ass, op eng äusserst res-ponsabel Aart a Weis ugeluegt ginn.

Ech sinn a ville Joren, inklusiv an deene leschte Rapporte vun Ärer Finanzkommissioun, drop higeweise ginn, dass et gutt wär, wann déi Sue just nëmme op Spuerbicher mat niddregem Rendement géingen ugeluegt ginn. Mir hunn am Kader vum neie Kontabilitéitsgesetz déi Suen zu engem groussen Deel weiderhin um Spuerbuch gelooss, well ech d'lescht Woch erkläert hunn, dass dat menger vorsiichteger Gestiou vun den öffentleche Fi-nanzen entsprécht.

Mir hunn en Deel vun de Suen awer och an Obligationen an an eng speziell Zort vun Obligationen, déi un engem Bourssecours hänkt, investéiert. Mat zwou Nuancen: en-gersäits, dass mer schréfflech fest-geluegt hunn, dass mer ëmmer d'Kapital, wat mer investéiert hunn, zrëckkréien - mer kréien also ëm-mer déi Suen zrëck, déi mer ginn hunn - plus e Rendement, dee vun de Boursen an dem Rendement vun deenen Obligationen ofhänkt.

(Interruption)

Mir huelen déi net fréizäitig zrëck, well dofir hu mer ebe just e ganz kleng Montant doran investéiert par rapport zu deene Suen, déi mer brauchen, fir ze regéieren. Wa mer se fréizäitig missten zrëck-huelen, da misst ee kucken, wéi dee Moment hire Wäert ass.

Wann ech kucken am Joer 2002 an ech huelen de Rendement vun deene Suen, déi mer um Spuer-buch à terme placéiert haten, da gesäit een, dass mer e Rendement moyen vun 3,21% haten. Wann ech de Rendement moyen vun de Plac-ementen kucken, déi mer an Obliga-tiounen an den «european medi-um term notes» dëst Joer haten, dann hu mer do e Rendement vun 3,39%. Dat heescht, dee Rende-ment war souguer liicht iwwert deem vun de Placemeter op de Spuerbicher. Dat sinn déi Chiffere, déi ech der Chamber selbst-verständlech och a schréfflecher Form no matdeelen.

Dat hätt och kënnen liicht drënner sinn, mä et bleift, dass ech net ak-zeptéieren, dass hei d'Impressioun opkënn, wéi wa mir d'Steiergelder op eng spekulativ irresponsabel Aart a Weis ugeluegt hätten. Ech hunn hei eng diversifiéiert Uleeung gemaach vun de Gelder vun der Trésorerie, ouni dee geréngste Ri-siko ze lafen. Ech mengen, dass dat eng Gestion en bon père de famille wär, esou wéi een déi vun engem Tresorminister sollt am Fong geholl erwaarden.

De Budget vum nächste Joer, dat soen ech nach eng Kéier, ass een, dee mer musse mat äusserster Vir-siicht exekutéieren. Mir wäerten déi Kurskorrektur virhuelen, déi sech iwwert déi nächst Joren als nout-wenneg erweisen. Mat hekteschen Ännerungen, och a schwierigen Zäiten, ass kengem gehollef. D'An zoumaache virun der Schwierig-keet hëllef och näischt. Et ass do-fir, fir mat engem kloer Blëck an enger responsabler Haltung vis-à-vis

vun den öffentleche Finanzen an deenen, déi dervu profitéieren, an dat sinn d'Bierger an dësem Land, dee richteg Mëttelwee ze fannen.

Mir mengen, dass mer e mat dësem Budget geroden hätten. Dofir froen ech nach eng Kéier, esou wéi ech dat schonn d'lescht Woch ge-maach hunn, am Numm vun der Regierung d'Zoustëmmung zum Budget. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Ferny Nicklaus agedroen. D'Madame Nicklaus huet d'Wuert.

Une voix.- Oh, surprise.

Discussion générale (suite)

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).- Här President, Dir Damm an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur, dem Här Emile Calmes, merci soe fir säin exzellente schréfflechen a mëndleche Rapport. Här Calmes, ech wollt dat schonn d'lescht Woch maachen, ech hunn awer leider net dierfen. Mä Merci kënn awer vum Häerz.

(Interruption)

Erlaabt mer e puer Wieder am Ufank ze soen zur Sëtzung vum leschte Mëttwoch.

Meng éischt Remarque: Obscho ganz fréi gemellt, sinn ech als Pre-sidentin vun der Commission Ega-lité des chances als lescht op d'Riednerlëscht gesat ginn, nämlech als Nummer 21. Ech wëll hei drun erënnere, dass eis Kom-missioun nach all Joer e Rapport pour avis zum Budget gemaach huet. Ech wëll awer hei e konstruk-tive Beitrag fir eis Diskussioun e-bréngen. Kënn mer eis net un der Stad Lëtzebuerg inspiréieren,...

Des voix.- Très bien.

(Interruptions)

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).- ...wou nom Buer-germeeschter oder engem Schäf-fen...

(Coups de cloche de la Prési-dence)

...ëmmer de President respektiv d'Presidentin vun enger Kommis-sioun als éischt dru kënn, fir ze schwätzen?

(Interruption)

Mir kënn jo vläicht bei eise Bud-getsdebatten eis e bëssen un deem Modell vun der Hauptstadt inspiréieren.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst d'Madame Nicklaus schwätzen!

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).- Meng zweet Remar-que: Mir hunn eis an der Chamber e Reglement ginn, fir d'Riedezäit ze begrenzen op verstänneg Aus-moossen - jiddfereen ass do-madder d'accord -, mä wie vun eis a wat fir eng Fraktioun kann hei vu sech behaupten, déi Zäit nach ni iwwerschritt ze hunn?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Mir hunn nach 27 Minut-en am Rescht.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).- Här Bausch, ech ënnerbrieche lech jo och net.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dat ass awer esou. Mir hunn nach 27 Minutte Rescht.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).- Leschte Mëttwoch huet awer dann d'Fraktioun vum ADR op eemol hei lerbessenziele-rei bedriwwen, wéi eng Fra sollt schwätzen.

(Brouhaha général)

Une voix.- Law and order.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Elo däreft Dir awer net méi vu Gläichberechtigung schwätzen!

Une autre voix.- Oh, neen.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).- Mir hunn duerch déi penibel an onwürdeg Diskussioun-esou vill Zäit verluer, dass ech mä Rapport längstens hei bruecht gehat hätt.

Déi Fraktioun, déi keng Fra an hire Reien an der Chamber huet an och net am Stater Gemengerot, huet hei hiert wierklecht Gesiicht ge-wisen, wat jo kengem entgaangen ass.

(Interruptions)

Erlaabt mer e Kommentar aus der gréisster Dageszeitung ze zitéieren.

M. Robert Mehlen (ADR).- Schwätzt léiwer mat Ärem Frak-tiounschef.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).- „Der Auftritt bleibt der Vorsitzenden des Chancen-gleichheitsausschusses indes un-tersagt. Sie muss sich den stren-gen ADR-Männern beugen, die auf strikte Einhaltung der Kammerregie pochen. Für Geschlechtergleich-heit bleibt da weder Platz noch Zeit.“ Hei huet déi Fraktioun, eng reng Männeréquipe, et op jiddfer Fall grëndlech verpasst, sech als eng fortschrittlech a fraefrëndlech Partei duerststellen.

Une voix.- Si wëllen dat guer net.

Une autre voix.- Gläichbe-rechtigung.

M. Robert Mehlen (ADR).- Schwätzt mat Ärer eegener Frak-tioun, Madame Nicklaus.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).- Ech kommen elo zu mengem Bättrag, dee sech op de Budget vun der Promotion féminine beschränkt.

M. Robert Mehlen (ADR).- Den Här Weiler setzt lech déi nächst Kéier méi wäit vir.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Mehlen, këmmert lech ëm Är Fraktioun!

(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)

Une voix.- Da loosst d'Mada-me Nicklaus och schwätzen, Här Weiler.

M. Robert Mehlen (ADR).- Voilà.

M. le Président.- Madame Nicklaus, fuert virun, an déi aner sollen nolauschteren a roueg sinn.

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).- D'Fraepolitik ass keng Luxuspolitik, déi nëmme da stattfënn, wann eis Keese voll sinn. Am Géigendeel, d'Fraepolitik huet grad a méi schwierigen Zäiten, wéi dat haut de Fall ass, hir Daseinsberechtigung. En inexis-tenten oder niddregen ekonome-sche Wuesstum zeechent sech duerch e méi niddregen Aar-bechtswuesstum an eng gréisser Aarbechtslosegkeet aus. D'Frae sinn oft déi éischt, déi den ekono-mesche Wiessel ze spiere kréien.

D'Frae ginn éischter entlooss wéi d'Männer. Dat oft eleng op Grond vun hirem Geschlecht. D'Frae kréien awer och oft de Wiessel do-heem ze spieren iwwer hire Mann oder Liewenspartner, deen zum Beispill seng Aarbechtsplaz ver-léiert a mat där Situatioun oft op Dauer net eens gëtt, an dann an Depressiounen, dem Alkohol oder der Gewalt verfällt. Eleng dës zwee Beispill seng Aarbechtsplaz ver-léiert a mat där Situatioun oft op Dauer net eens gëtt, an dann an Depressiounen, dem Alkohol oder der Gewalt verfällt. Eleng dës zwee Beispill beweisen, wéi wichteg d'Fraepolitik ass, an zwar eng di-versifiéiert Fraepolitik, déi sech mat alle Facettë vun Fraeliewe be-schäftegt, déi de Fraen entgéint kënn an hir Rechter op allen Ni-veaue promovéiert.



Ech si frou feststellen, datt de Budget vum Fraeministère trotz schwacher wirtschaftlicher Konjunktur net erofgesat ginn ass. Et wier e gravë Feeler gewiescht, wann ee grad an dësem Budget, bei Wäitem deen niddregsten, gespuert hätt. Esou eng Entscheedung hätt ouni Zweifel onerwünschte gesellschaftlech Konsequenze mat sech bruecht. De Budget vum Fraeministère spigelt déi virsiichteg Approche erëm, déi d'Regierung bei der Opsetzung vum Budget un den Dag geluegt huet.

De Budget gött fir d'nächst Joer eropgesat op de Betrag vun ongeféier 7,5 Milliounen Euro. Dat stellt par rapport zum Budget vun dësem Joer eng Erhéijung vu 14,5% duer. Verschidde Kreditter ginn iwwerhaapt net erop, anerer ginn zrëck, mä dës Evoloutioun wäert keng negativ Wierkung op d'Aarbecht vum Ministère hunn, well déi wichtegst Postë ginn an d'Luucht. An anere Wieder: Et gött do gespuert, wou ee spueren däerf, wéi zum Beispill bei den Indemnitéite fir aussergewöhnlech Services oder bei de Kreditter fir speziell Équipermenter.

Et gött awer net bei den Aktiounen gespuert, déi en éducative Message vermëttelen an zum Zil hunn, déi faktesch Gläichheet tëschent Fraen a Männer ze realiséieren.

D'Kreditter fir Sensibiliséierungscampagnen iwwert d'Gewalt un de Frae ginn ëm 27,3% erop. Ech stelle mat Zefriddenheet fest, datt dës Kreditter zum Deel am Kader vun der Formatioun an der Sensibilisation vun de Professionellen affektiéiert ginn. Ech denken hei un d'Dokteren oder d'Police, déi mat häuslecher Gewalt konfrontéiert ginn. D'Egalitéitskommissioun hat ganz staark op dësem Punkt am Kontext vun der Debatt iwwer d'Violence domestique insistéiert. Et ass nämlech wichteg, datt Fraen a Kanner, déi geschloe ginn, vun Ufank u richtig encadréiert ginn. Net manner wichteg ass a mengen Aen, mat den Täter selwer, déi ganz oft an hirer Kandheet Affer vu Gewalt waren, ze schaffen a sech ëm si ze këmmen. De Fraeministère ass sech dëser Problematik bewosst, an ech begrëssen d'Initiativ vum Ministère, sech fir eng adequat Prise en charge vun den Täter an Zukunft anzusetzen. D'Tatsaach, datt zu Esweiler bei Wolz dëst Joer en neit Fraenhaus seng Dieren opgemaach huet, wou geschloe Frae mat hire Kanner Hëllef a Bäistand kréien, beweist erëm, wéi wichteg d'Aktiounen vum Ministère an dësem Beräich sinn, an zwar och am ländleche Raum. Et weist och drop hin, datt de Wee bis zur reeller Gläichstellung vu Fra a Mann nach wäit ass.

Gläichheet setzt e Mentalitéitswandel virus, deen nëmmen duerch Sensibiliséierungscampagnen, déi e bildenden an éducative Charakter hunn, kann erreecht ginn. Ech stelle fest, datt um Niveau vun der häuslecher Gewalt ëmmer nach deeselwechte Spot op der Tëlee leeft. D'Leit kucken dës Spot net méi. Fir wirkungsvoll ze sinn, musse Campagnen oft erneiert a Spoten ersat ginn. Ech hoffen, datt de Ministère en Deel vun de Kreditter wäert dozou benotzen, fir eng nei perkutant Campagne am Beräich vun der häuslecher Gewalt ze finanzéieren, eng Campagne, déi de Leit dobaussen de Message vermëttelt, datt de Problem vun der Violence domestique e wirklechen ass, an datt een d'Gewalt an alle soziale Milieuen erëmfënnt.

Colloquen a Seminäre spillen och eng wichteg éducative Roll. De Budget fir d'Joer 2003 gesäit e Kredit vun 149.200 Euro vir - dat sinn ëmmerhin iwwer sechs Milliounen al Frangen -, deen e Colloque den nächste September um Kierchbierg finanzéiere soll. Och wann ech net de Prinzip selwer vun esou engem Colloque a Fro stellen, deen e ganz interessante Beitrag ka sinn, froen ech mech awer, ob et

net méi opportun gewiescht wär, d'finanziell Participatiounen zum Colloque méi niddreg ze halen a méi Kreditter fir konkret Aktiounen virzugesinn. Bei allem Verständnis wat esou ee Colloque fir Lëtzebuerg op der internationaler Szeen duerstelle kann, misst een op Grond vun eiser schwacher ekonomescher Situatioun vläicht den Akzent awer och op aner, a mengen Aen, méi wichteg Punkte setzen, wéi op d'Analys vu gesellschaftleche Strukturen, notament de Matriarchat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach eng Kéier ënnermauern, datt d'Entscheidung vun der Regierung, de Budget vum Fraeministère net ze kieren, déi richtig ass. Ech hoffen och, datt d'Regierung an Zukunft deeselwechte Courage un den Dag wäert leeën, a sech weider fir eng aktiv Fraepolitik asetzt.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jean Asselborn agedroen. Den Här Asselborn huet d'Wuert.

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den ECOFIN vum leschte Mëttwoch huet jo effektiv mat sech bruecht, dass d'Chamber dës Budgetsdebatt fir 2003 ouni Äntwert vu Regierungssäit d'lescht Woch zougemaach huet. Ech wëll un éischter Plaz als LSAP der Regierung soen, dass se deen eenzege richtige Wee an dësem ECOFIN gaangen ass, nämlech à la lettre d'Accorde vu Feira verteidegt ze hunn.

Ech sinn och frou ze héieren, och wa kee vun deenen heibannen ass de Moment, dass an der Virbereedung vum 21. Januar, wou deen nächsten ECOFIN ass, d'Chamber soll informéiert ginn. Dat géife mer gutt fannen, dass mer dat net brauchen ze liesen an den Nouvelles de Libramont oder an der Hunsrücker Abendpost.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer just, dass ech hei an dëser Diskussioun, wou mer jo nach ëmmer iwwert de Budget vum Joer 2003 schwätzen, e puer Minutten huelen, fir e wéineg aus der Siicht vun der Oppositoun dës Aarbecht vun der Regierung ze beliichten.

Ech wëll awer och soen, Här President, dass wa mer iwwert d'Finanzpolitik an der Chamber schwätzen, virum Vote vum Budget, ech et wierklech net an der Rei fannen, dass deen, deen zoustänneg ass fir d'Finanzpolitik hei am Land, nämlech de Finanzminister, et méi wichteg fënnt sech virzubereeden op Dossieren. Dat, Dir Dammen an Dir Hären, kënnen mer selbstverständlech maachen, Här President. Mir schwätze vill vu Revaloriséierung vun dësem Parlament. Da solle mer hei déi parlamentaresch Anstalt zoumaachen, an eis an d'Intimitéit vun eise Büro verzeien, fir eben dann d'Land ze regéieren. Mä gutt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, keng Panik, roueg Hand, kloer Siicht, dëst alles mam Apel fir den Duuscht an der Hand, a mat der grousser Erkenntnis ënnermauert, dass Lëtzebuerg weder um Mier, nach am Mier läit, also definitiv säin Inselliewen zur Illusioun degradéiert ginn ass: Dat war jo am Fong geholl de Refrain, deen all Deputéierte vun der Koalitioun d'lescht Woch hei gesongen huet. Wann de Premier de Mëtteg hei wier, dann hätt ech him gesot, dass en d'lescht Woch eigentlech net vill verpasst huet zu Bréissel an och zu Kopenhagen, well den Défilé hei vun den CSV- an den DP-Deputéierten hunn eigentlech déi Strofen nogesongen, déi hie scho viru 14 Deeg hei virgesongen huet.

Ech woen och, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, emol kuerz d'Hypothees opstellen, och wann et selbstverständlech nëmme fir Sekonnen oder Zéngtels-

sekonne ka sinn, well et einfach jo bal net virstellbar ass, dass dee gréisste Finanzminister an Europa, zënter dem Colbert, dee jo am 17. Jorhonnert regéiert huet, den Här Juncker, iergendeng Kéier géif an der Oppositoun vum Land landen, an da sech mat enger Regierungspolitik erëmbalege misst, wou vun engem Joer op dat anert de Wuesstum vum Joer 2000 vun 8,9% am Joer 2001 op 1% gefall wier, ouni dass déi Regierung an hirer Mëttelméissegheet eelef Méint nom Enn vun deem Joer ee blasse Schimmer dovunner gehat hätt.

Wat mengt Der wuel, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat dann alles vum schwaarzen Oppositounshimmel op dës aarmseileg Lëtzebuurger Regierung erofgefall wier? Mä, Här President, et sinn elo seriös Téitschen an der Carrosserie vum Nimbus vum Lëtzebuurger politesche Finanzgenie, mä Schwaarz regéiert, also nom Prinzip, dass Schwaarz näischt falsch maache kann, well Schwaarz eben ëmmer richtig läit, a richtig tässelt a richtig vorausgesäit, ass alles falsch an iwwerdrüwen an déplacéiert wat eng Oppositionspartei, a speziell déi rout, wot ze soen am Kontext vun deem Debakel hei. On connaît la musique.

Ech wëll awer och soen, dass Schwaarz zumindest de Mérite huet eppes ze soen, sech der Diskussioun ze stellen. Vu bloer Säit, déi jo och nach, esou vill mer wëssen, an der Regierung ass, héiert een nëmme vague an diffus Echoen zu deem Sujet. D'Demokratesch Partei gött sech, wéi wa si déi Säit Stengefort an der Province de Luxembourg mat regéiere géif, anstatt dës Säit hei am Grand-Duché. Och déi Tour kenne mer vun der Demokratescher Partei.

De Premier ass virun zwou Woche ganzforsch hei op dëser Plaz virun de Mikro getrueden, an huet dat gemaach, wat en am beschte kann: schwätzen, laang, breet an héich. Schlecht Zuelen deckt e mat schéine Wieder zou. Interessant ass et, wéi en am Fong vum Problem déviéiert huet. E stellt a groussen Deeler vu senger Ried, an ech hu se gëschter nach eng Kéier nogelies, eigentlech déi falsch Froen, fir déi Äntwerten ze ginn, déi hie fir richtig hält, an domadder wëllt en d'Leit selbstverständlech alluren.

Beispill 1: Rentenajustement. Kee Mënsch zu Lëtzebuerg huet ee Pipcheswuert gesot, dass 2003 de Rentenajustement net soll gemaach ginn, weder e Politiker, nach en Net-Politiker. De Premier awer danzt, wéi mir dat gesinn hunn, hei ëm sech selwer a stellt de Rentenajustement bal als eng karitativ Opfergab vun dëser Regierung duer.

Beispill 2: De Mindestloun. Keen Oppositionspolitiker, Här President, huet gefrot fir de Mindestloun net ze erhéien. Mir hu gefrot, a mir stinn dozou, a mir wäerten dem Här Lucien Lux och eis Positioun kloer am Detail duerleeën, dass d'Mindestlounbezéier, esou wéi Ufanks den 90er Joren, eppes drop sollte kréien, well si net konnte vun de Steuerreduktiounen profitéieren. Dass d'Patronen am Prinzip dergéint sinn, dat wësse mer an dat kenne mer vun alle Mindestlounerhéijungen. De Premier hätt besser gehat, wéi en hei esou vill vum Mindestloun geschwat huet, seng Chamberried op deem Punkt am Regierungsrot ze halen, da bréicht e keng intrakoalitionär Iwwerzeegungsaarbecht an der Öffentlechkeet ze maachen.

Drëtte Punkt: d'Indexéierung vun de Gehälter. Et huet ee keen héieren am Land, deen den Index a Fro stelle wëllt. Esouguer d'Patronat huet dat dës Kéier net gemaach.

Ledeglech eng maximal Indexranche ass jo vum Patronat gefrot ginn, mä och hei stellt de Regierungschef sech als de Liewensretter vum Index duer.

An da wëllt ech hei, an ech si wierklech traureg, dass en net hei ass, mä dee staatsministerielle Seeldanz a Saache Renten, deen ëmmer an ëmmer erëm optaucht, och dës Kéier erëm, nach eng Kéier ganz kloer ofweisen. Den Här Juncker gött sech wéi deen eenzege grouse Mahner an der Wüst vun allen onkapabelen a kuerzsiichtege Sozialpolitiker, deen als Eenzege virun de Gefore vum Resultat vum Rentendësch gewarnt huet.

Et huet ee selten esou een duebelt Spill kënnen feststellen. Mir wëssen. De Premier selwer rëfft de Rentendësch zesummen. E seet zu engem gewëssene Moment hei um Pult, op dëser Plaz, wou alles um Dësch long, wat um Rentendësch och war, dass de Rentendësch géif an déi richtig Direktioun goen. An e seet, als Premier wär e mam Resultat vum Rentendësch däerart averstanen, dass en am Regierungsrot d'accord ass, dass dës Regierung, schwaarz-blo, ee Projet de loi op den Instanzwee bréngt. De Projet gött da gestëmmt. Da seet e wéi eng See un dësem Gesetz, fir seng Wäitsiicht géint d'Kuerzsiicht, selbstverständlech vun deenen aneren, ze ënnersträichen. Dat ass eigentlech, wéi wann ee Buergermeeschter d'Initiativ géif huelen, fir a senger Gemeng eng Schoul ze bauen. E kritt eng breet Majoritéit am Gemengerot. De Gemengerot ass dofir, a knapps ass de Projet gestëmmt, da geet e géint de Projet a seet, dee Bau wär ze deier, oder den Ënnerhalt wär ze deier fir d'Gemeng. Esou ee Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, dee gött ganz séier duerchkuckt. Entweder huet eist Land, op de Premier bezunn, ee Mann, deen zu deene Projete steet, déi d'Regierung der Chamber virleet, oder eist Land huet ee Premier, dee sech net méi an der Regierung an esou enger kapitaler Fro wéi der Rentepolitik solidariséiert, an dann zitt e seng Konsequenzen. Alles anescht ass Zynismus oder e schlechte Witz.

Mir hätte léiwer gehat, Dir Dammen an Dir Hären, an et wär och méi interessant gewiescht, an ech kommen elo dozou, wann d'Öffentlechkeet gewuer gi wär, a wat fir eng Richtung dës schwaarz-blo Koalitioun eist Land a kapitale Froe gedenkt ze steieren a Bezuch op hir Finanzpolitik. Ech ginn zwee Beispiller: Gi mir zu Lëtzebuerg weider um Wee vun engem dezentraliséierte Land, wou engersäits d'national Politik Kompetenzen huet, an anersäits derniewent de Bierger an de Gemenge seng Vertrieeder wielt, déi dann eng effizient Gemegepolitik ganz no beim Bierger amstand si weider ze garantéieren, an also selbstverständlech och Mëttelen dofir musen hunn, oder ass dëst CSV-Imperium eng Regierung, déi all Hiewele vun der politescher Muecht zentraliséiere wëll fir, am Sënn vun de Jakobiner, aus dem Regierungsrat eraus alles ze steieren an ze kontrolléieren, wat d'öffentlech Hand hei am Land ugeet? Mir kréien nach d'Geleeënheet dës Fro ze verdéiwen.

Mä wann ee gesäit, wéi hei gedeelt gött, tëschent dëser schwaarz-bloer Regierung an den 118 Gemengen, da muss ee sech seriö Froe stellen. 11% vun de Budgetinvestitiounen, breetzt d'Regierung sech, garantéiert de Stat, a seet, dass kee Land an der Europäescher Unioun dat opweises huet. Zur gläicher Zäit kréien d'Gemengen e Bréif, si sollten hire Budget extraordinaire mässegen, also zrëckfuieren an den Investissementer, fir sech op méi schlecht Zäite virzubereeden. An d'Gemengen hunn dës Circulaire, Dir Dammen an Dir Hären - dofir sinn ech wéinstens frou, dass de Budgetsminister hei ass, dann héiert en dat nach

eng Kéier, wat d'Wouerecht war -, jo net spontan kritt.

An der Finanzkommissiounssitzung vum 21. November huet de Budgetsminister Frieden den Abroch vun der Gewerbesteier ëm 50% vum Joer 2004, sou onemotional an esou gutt gelaunt, jo, mat enger verblüffender Selbstverständlechkeet ugekënnegt, wéi wann e soen dierft, dass Karfreiden am Joer 2004 géif op ee Freide falen. E war sech dem Impakt guer net bewosst a wollt dës Chiffer an darselwechter Sitzung erëm zrëckhuelen. A wann d'Oppositoun net spontan reagiert hätt, da wär dës Botschaft un d'Gemengen am Frack vun den CSV-Genië stieche bliwwen, an d'Gemenge wäeren näischt vun hirem Gléck gewuer ginn, well schlecht Nouvelles, Här Weiler - Här Weiler, drénkt een Espresso da geet et besser -, därferen net ënnert d'Leit. Keng Panik, roueg Hand, ëmmer un den Apel denken, ni un de Batz.

#### (Hilarité)

Dës Koalitioun wollt jo d'Gewerbesteier ofschaffen. Si huet et ni fäerdeg bruecht ze soen, Här President, wat soll an d'Plaz kommen. Si weess et haut esou wéineg, wéi si et 1999 woussst. Am Numm vum Dialog, der Transparenz, dem Stil, de säftege Lëtzebuurger Äppel an dem schwaarzen Espresso, froe sech vill Leit, ob dës CSV-DP-Koalitionären dëst net fäerdeg bréngen ouni Gesetz, d'Gewerbesteier ofzeschaffen. Si sinn op jidde Fall um beschte Wee.

Den Här Juncker huet ugedeit, dass et méi einfach ass ze regéieren fir gutt, kompetent a wäitsiichteg Politiker, wann d'Zäite méi schlecht ginn. Ech ginn em komplett Recht. Fir déi allermeeschst Gemengen ass d'konkret Politik um lokale Plang nach ni einfach gewiescht, well de Gemengen hir Mëttele waren eigentlech ni esou völeg, mat e puer Ausnahme vläicht, wéi déi vum Stat. Dofir sinn an de Gemengen esou gutt, esou kompetent an esou wäitsiichteg Politiker, Politiker déi sech d'Liewen net esou einfach gemaach hunn, wéi vill Regierungsleit.

Dës CSV-DP-Regierung huet, esou gesi mir et, kee Gefill fir déi zwee Niveaue vun eiem demokratesche Gebilde, fir dat am Gläichgewicht ze halen. D'Zäit erlaabt mir elo hei net op d'Madame Polfer anzegoen, déi jo bal an d'Schwächt gefall war,...

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Firwat gitt Dir ni Spëtzekandidat?

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- Oh, Här Weiler, ech hunn eng kleng Avance op lech.

D'Mme Polfer, déi jo bal an d'Schwächt gefall war 1998, a si ka sech bestëmmt erënnern, wéi mir nëmmen, Här Weiler, ee Soupçon vun de Gemengesteieren ëmgetässelt hunn. Dës Regierung, Här President, riskéiert de Gemengen de Garaus ze maachen, an domadder treëft se d'Bierger un éischter Plaz. Mir wäerte mat aller Kraaft als Sozialisten entgéintsteieren.

Zweete Punkt: Dës Regierung - an dofir sinn ech immens frou, dass d'Madame Polfer elo hei ass - läit an der Fro vun der Schoulpolitik, souwuel inhaltlech wéi psychologisch am Revers vum eigentleche Problem. Dëst schuet eiem Land enorm, net well d'DP beim wichtigste Punkt vun hirem Programm eigentlech Raute wénke muss, mä well déi ganz Regierung mat hiren Diener hei an der Chamber inhaltlech an och psychologisch aus der bluttnoutwendeger Offensiv an der Schoulpolitik just, an ech soen d'Wuert absichtlech, eng reaktionär Destabilisation vun eiem Schoulsystem agelaut huet. Net d'Madame Brasseur eleng ass Schold drun. Si, déi mat hirer Bibel a mat hirer Fibel an der Hand, dem Land weist, dass ee «back to basics» goe muss, fir am 21. Jorhonnert intellektuell ze bestoen. Mä



dës ganz Regierung ass Schold, dass no PISA dës Koalitioun näischt anescht um Hutt huet, wéi a Saache Schoulreform aus dem Reliounsunterricht no 1968 nees ee Promotiounsfach ze maachen, a fir elo dës stupid, reaktionär an no hanne geriichte Reform géint d'Interesse vun der öffentlecher Schoul unzekierpen.

Lëtzebuerg huet eng Schoul: d'öffentlech Schoul. Do an op där Schoul muss d'Elite vun eiser Jugend zesummen an de Bänke sëtzen, wéi schonn 1912 gemeengt ginn ass, fir zesummen an eis Gesellschaft eranzewuessen. Lëtzebuerg brauch keng Zweeklasseschoul: eng fir déi Besserverdienend, an eng fir déi grouss Mass vun de Leit. Sou wéi mir keng Zweeklassemedezin wëllen, sollte mir och keen Zweeklasseschoulsystem opbauen. A wann ech hei d'CSV-Leit héiere soen, dass Privatschoulen de Stat méi bëlleg ginn, Här Weiler, wéi d'öffentlech Schoul, da lafen engem Demokrat d'Schudden de Réck erof. Dat géing jo heeschen, dass de Stat d'Schoul insgesamt privatiséiere soll, fir Suen ze spueren. Dës Reform am Interesse vun der Privatschoul ass och ee Schlag, esou menge mir et, géint d'Enseignanté vun der öffentlecher Schoul, déi sech an hire Beméiungen, optimal Schoul ze halen, verrode fillen.

Mir hunn als LSAP an deene 15 Joer, wou mir mat de Kollegeinnen a Kollegee vun der CSV an der Koalitioun waren, weder beim Koeffizient a Saache Reliounsunterricht, nach bei de Privatschoulen ee Millimeter gewackelt. An d'DP, och wann d'Madame Presidentin vun der DP sech ënnerhält doënnen, sollt nolauschten a wëssen, dass mir mengen, si soll iwwert d'Feierdeeg mat hirer Partei emol noliessen, wou si hierkommen, a wat se sinn am Spill vun der demokratescher Ausernanersetzung, fir de Kompass net komplett ze verléieren. Et huet een d'Impressioun, wéi wann d'Demokratesch Partei haut nach just Big-Brother-Liberalismus à la FDP géif produzéieren.

Bei dëser Budgetsdebatt ass och e puermol dat berühmte Schëff an de Fliger opgetaucht. De Premier huet mam 11. September gestikuléiert an deem Kontext. D'CSV mengt, eis hei mussen onbedéngt um falsche Fouss ze erwëschen. Nun, fir Kloertext ze schwätzen: Dat Engagement Schëff a Fliger ass keen Engagement aus der Regierungsperiod bis Juni 1999.

Ech ërennere mech, datt mir Enn 1999 vum Här Arméiminister Goerens iwwert dës Pläng an d'Bild gesat gi sinn. Mam 11. September huet also dëst Engagement absolut näischt ze dinn. Mir sinn Oppositiounspartei a mir hunn an där Funktioun Verantwortung fir d'Geschécker vun eisem Land.

**(Brouhaha général et interruption)**

Oh Här Weiler, et kommen och nach besser Zäiten.

**(Hilarité)**

M. Lucien Weiler (CSV).- Dreemt weider.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Aus eiser Siicht, Här President, sollte mir a Saache Beitrag fir eng friddlech Welt a fir e friddlecht a séchert Europa dat maachen, wat zu eisem Land passt. Doudsécher net näischt, mä awer och net egal wat.

D'Friddenspolitik aus der Siicht vun eisem Land brauch net onbedéngt gläichzesetzen ze si mat méi militäreschem Arsenal. Mir sollte selbstverständlech investéieren an d'Ausbildung vun eisen Zaldoten, fir datt se hirer Aufgab, fir d'Erhalen an d'Garantiere vum Friden a spezielle Missiounen, gewuess sinn. Mir kéinten och weisen, datt een nieft de Waffen, fir de Kampf géint den internationalen Terrorismus ze féieren, och Engagement a finanziell Méttelen asetze soll, fir

d'Entwécklungshëllef an de Krisengebiddern nach méi unzekierben.

Déi Suen, déi dësse Fliger an dat Schëff, wou ech net de Volumen dovunner kennen an och keng Detailer driwwer weess, kaschten, sollte mir net der Europäescher Unioun verweigeren, mä se benotzen, fir Entwécklungshëllefprogrammer ëmzesetzen an esou d'Wuerzele vum Haass, vum Fanatismus, vun der Aarmutt a vun der Hoffnungslosegkeet ze treffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss.

M. Lucien Weiler (CSV).- Sot eis nach wéi et mat den Helikopeteren ass, Här Asselborn.

**(Interruption)**

M. Jean Asselborn (LSAP).- Eiser Partei huet déi zimlech iwwerhiefléch Aart a Weis net gefall, wéi hei d'Parabel, Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV, vum Apel fir den Duschtmëmmen nees zum Beschte bruecht gouf am Verglach mam Ausland. Een CSV-Spriecher huet gesot, souwéi de Premier, datt mir an eisem Land an en Apel fir den Duschtmëmmen kënnen, wann aner ronderëm eis an d'Gras bäisse mussen, well se keen Apel hunn. Wuert fir Wuert hunn ech elo dat zitéiert, wat vun der CSV gesot ginn ass.

Esou Sprécherlecher kënnen an d'A goen, zemoools wann ee weess, dass zum Beispill déi däitsch Wirtschaft, wéi de Premier gesot huet, eis Wirtschaft bis zu engem Drëttel vum Volume beaflosst. Bleiwe mer also um Teppech an übe mer eis an Demut. Och wa mir an der Europäescher Unioun mat eisen Noperen deeselwechte Verhandlungsdësch deelen, sollte mir awer wëssen, datt all Vergläicher vun eise Problemer mat deene vun Däitschland, vu Frankräich oder och anere Länner aus der Europäescher Unioun carrément onrealistes sinn. Nëmme Politiker, déi de Kompass oder hire Gebuertsschäi verluer hunn, hiewen esou of.

Bei der CSV spiert ee jo och, Här President, op Schratt an Tratt, datt op Däitschland bezunn se net verquessen, datt hiren CDU/CSU-Freundeskreis d'Wahle verluer huet.

**(Brouhaha général)**

Ech woen allerdéngs ze behaapten, ier Der lech ze vill opreegt, datt wann zu Berlin e Kanzler géif sëtzen, dee besser jodele kéint wéi deen, deen elo do ass, datt et Europa, an och Lëtzebuerg, net besser goe géif.

M. Lucien Weiler (CSV).- Deenen däitsche Sozialisten awer vläicht.

Une voix.- Et ass keng Ruhmeszäit fir déi däitsch Sozialisten. Dir hätt besser net doriwwer ze schwätzen.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här President, mir wäerten als Oppositionspartei dësse mëttelmëssiger Iwwergangsregierung am Joer 2003 strikt op d'Fangere kucken, fir datt nom Fréijoer 2004, wat jo och eng Kéier elo kënnt, net just e faule Batz vum Apel fir déi iwwreg bleift, déi dann d'Land regéieren. Ech soen lech merci.

M. Lucien Weiler (CSV).- Dreemt weider, Här Asselborn. Dreemt weider.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

**(Interruption et hilarité)**

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een de President vun der LSAP elo grad héieren huet, da muss ee sech froen, wien him déi exzellent Ried geschriwwen huet, déi hien op dem honnertjäregen Anniversaire vun der LSAP gehalten huet.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Sécher net Äre Ghostwriter.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, frot emol den Här Di Bartolomeo, hie soll säi Mikro aus maachen. Dat ass fir jiddferen heibannen. Hie mécht ëmmer seng Zwëscheriff iwwert de Lautsprecher.

Une voix.- Très bien.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat war eist gutt Recht nach ëmmer gewiescht. Et huet nach keen eis gesot, dass mer dat net däerfen.

M. le Président.- Et ass esou, dass ee mat sengen Zwëscheriff normalerweis net direkt soll un de Mikro goen. De Mikro ass duerfir do, wann een opsteet a vu senger Plaz aus eng Erklärung gëtt.

Des voix.- Très bien.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- De Mikro spréngt automatesch un.

M. le Président.- Hei gëtt ee behandelt wéi deen aneren. D'Mikroee ginn ausgemaach. Si gi just ageschalt, wann een d'Wuert kritt. Da steet een op an da seet een dat, wat een ze soen huet.

Une voix.- Dat do wosste mir nach net.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, dat wat den Här Asselborn eis hei zum Beschte ginn huet, op d'mannst dat, wat hien iwwert d'DP gesot huet, war schlechte Cabaret.

**(Interruptions)**

Wa mir da solle vun de Privatschoule schwätzen, da muss ech dann emol d'Fro stellen, ob d'LSAP et fäerdeg bruecht huet an deene 15 Joer, wou se an der Regierung war, déi ofzeschaffen, déi do sinn?

**(Interruptions)**

An da froen ech mech: Wann dat dann elo esou wier, datt mir d'Privatschoule géinge fördern, da wäre mir jo awer an enger onheemlech logescher Suite vun der LSAP, déi jo d'Konventiounen mat de Kierchen ënnerschriwwen huet?

M. Alex Bodry (LSAP).- Wat huet dat mat Privatschoulen ze dinn?

**(Coups de cloche de la Présidence)**

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, et geet ëm d'Crédibilitéit vun enger Partei, wann een haut...

**(Coups de cloche de la Présidence)**

M. le Président.- Lauschttert emol! Mir hunn éinescht dem Här Asselborn nogelauschttert, da lauschttert och elo dem Här Rippinger no! Hei huet jiddferen d'Recht seng Meinung ze soen an et soll een net dauernd Kollegen ënnerbriechen an domadder versichen, en Duercherneen eropzebeschwören. Dat ass onerhéiert esou eppes. Mir sinn hei, fir Gesetzer ze diskutéieren, wichteg Saachen, an dann ass et net, fir dauernd Witzer dertëscht ze maachen. Dat zielt fir deen een, wéi fir deen aneren. Loosse mer eis dach Disziplin operleeden an den Ordre du jour an aller Dignitéit hei erledegen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Mä den Här Rippinger provozéiert.

**(Brouhaha général)**

M. le Président.- Hien huet net méi provozéiert wéi een aneren.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, ech hunn den Här Asselborn net bei senger kabarettisteschen Einlage gestéiert. Ech wëll also mäi Gedankegang hei zu Enn féieren. Wann een dobaussen d'Trennung vu Kierch a Stat prôneiert, an et geet een da Konventiounen mat de Kierchen ënnerschreiwen, dann ass een net méi crédibel!

Aus der Interventioun vum Här Asselborn hu sech nach zwou Saachen erausgeschilt. Déi eng, dat ass: Wéi gäre wäeren d'Sozialisten nach an der Regierung a si géingen net nëmmen déi Sait Stengefort aus der Province de Luxembourg, wéi ee gesot huet, regéieren, si wäre souguer bereet dat ze maache vu Knocke-de-Zoute a vun Ostende, wa se nëmmen eis Plaz an der Regierung hätten.

**(Hilarité)**

Dat anert, wat ech elo och gemierkt hunn, ass: Wou sinn dann d'Alternative vun der LSAP, wann de President vun der LSAP hei optrëtt op dëser Tribün, an hien ass net capabel ze soen, wéi hien dann dee Budget opgesat hätt a wat hien a seng Partei aneschters gemaach hätten, wéi mir, déi an der Regierung sinn?

**(Interruptions)**

Dat, wat ech awer wollt soen, Här President, dat ass: Ech sinn absolut d'accord mat deem, wat de Budgetsminister hei gesot huet, besonnesch wéi hien nach eng Kéier betount huet, datt déi dräi Ministeren, an ech betounen dat, déi dräi Minister, déi am ECOFIN zesummeschaffen, eng ganz gutt Aarbecht bis elo geleescht hunn. Si hunn absolut den Appui, an zwar den totalen Appui vun der Fraktioun vun der DP, souwuel wat den automateschen Informatiounsautausch ubelaangt wéi och wat d'Quellesteier ubelaangt.

De Budgetsminister huet dann dat ugesprach, wat gëschter de Bundeskanzler Schröder op enger Wahlversammlung gesot huet. Wat mech e bësse stéiert dorunner, dat ass, datt hie sech ausgerechent un deene klenge Länner geriwwen huet, u Lëtzebuerg an u Liechtenstein, a vun der Schwäiz huet hie guer näischt gesot. Ech muss soen: Dat ass da scho manifestement de mauvaise foi. Op jidde Fall fannen ech, datt eis Regierung, an déi Leit an der Regierung, déi sech ëm déi Saach do këmmere, a fir Lëtzebuerg verhandelen, hir Saach gutt gemaach hunn. Mir sinn och gudder Déng, well mir der Meinung sinn, datt se dat zu engem gudden Enn féieren am Interêt vun eisem Land.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussiounen ëm d'Regierungsamendementen leien natierlech an der logescher Suite zu deenen, déi mir elo d'lescht Woch ëm de Vote vum Projet de budget vum nächste Joer, also 2003, hatten. Mir mussen dës Regierungsamendementen am Liicht vun de geännerten ekonomeschen Daten, vun deene mir dësen Hierscht Kenntnis geholl hunn, analyséieren. An den Debatten iwwert de Projet de budget fir d'Joer 2003 ass jo schonn ugeschnidde ginn, datt d'Regierung op déi nei Situatioun reagéiert huet, a - wéi mir mengen - gutt reagéiert huet.

De Projet de budget gëtt also an sengen Haaptakzenter duerch déi Mesuren, déi duerch d'Regierungsamendementen elo geholl ginn, net maassgeblech beeinträchtigt, dat mam Hannergrond, esou wéi et elo schonns dës Öftere gesot ginn ass, dass mir gesond Statsfinanzen hunn. Dat heescht eng minimal Statschold, genuch Reserven, nach net ofgeruffe Provisiounen vun de Banken, an dass d'Fonds d'investissement duerch d'Plus-valuën, déi déi lescht Jore gutt opgestockt gi sinn, och existéieren.

De Rapporteur, deem ech op dëser Plaz merci soe fir säin erëm äusserst ausféierleche Rapport, seet zu Recht an deem Dokument, dass de Rapport complémentaire an deene leschte Joren zu engem Routineakt ginn ass, wou et meeschtens RAS, dat heescht rien à signaler, geheescht huet.

Dat ass dëst Joer awer e bëssen aneschters, well wéi gesot, fundamental ännert sech näischt um Budget fir d'Joer 2003, a mir hunn dat virdrun a sengem mëndleche Rapport héieren.

Ech géif da kuerz op ee Punkt ze schwätze kommen, dee mech interpelléiert huet, wéi ech d'Loi budgétaire gelies hunn. Et geet do ëm eng Émännerung vum modifizéierte Gesetz vun 1993 iwwert d'Relance de l'investissement dans l'intérêt du développement économique. Déi Modifikatioun vun deem Gesetz gesäit vir, dass ee Régime fiscal, op Grund vu Certificats d'investissement en capital-risque, agesat gëtt, deen et erlabe soll, fir eben d'Investissementen en capital-risque an Entreprises ze tätegen.

Dir kënnt lech virstellen, dass mir dee Moment, wéi ech dat gelies hunn, erëm der LSAP hiren 21-Punkte-Programm an de Kapp komm ass, deen, wéi mir jo wëssen, dem Här Calmes sengem Rapport ferm ähnelt, wou jo och verlaangt ginn ass, dass een Instrumenter schafe soll, fir d'Entreprises ze ënnerstëtzen. Nodeem ech jo de Pleséier hat, der LSAP hire Pabeier ausféierlech ze widerleeden, ass dat hei nach e Beispill dofir, dass d'LSAP näischt Neies proposéiert huet. A mir hunn hire President elo héieren, wat net schonns gemaach gëtt oder soll gemaach ginn, oder wat net vum Rapporteur sengen Iddien ofgekuckt ass. Op jidde Fall ass dat nach ee Beispill dofir, dass d'Politique de développement et de diversification économique op vollen Toure leeft.

Här President, d'lescht Woch hate mir eis erwaart, nodeems d'LSAP esou déck opgedroen hat, wéi déi nei Previsiounen iwwert de Wirtschaftswuesstum bekannt gi waren, dass si eis elo géinge soen, wéi een d'Land aus där Situatioun, an déi si et erageriet hunn, erausféiere kënnt. E Festival vu Rechtfertigung fir d'Maladresse vun deene leschte Wochen, wou se Panik gemaach hunn an duerch Konzeptlosegkeet gegläntzt hunn, a sech duerch hiren 21-Punkte-Programm fir eng Standortoffensiv an den ee-gene Frack gegräff hunn.

Mir konnte feststellen, dass d'Interventiounen - an haut ass dat erëm d'Beispill gewiescht - sech méi duerch Alternativlosegkeet a bëlleg Kritik ervirgedunn hunn, wéi dass si e konstruktive Bäitrag dozou geleescht hätten, fir Pisten opzezechnen, wéi mir eist Land aus dem Ofschwong erausmanövréiere kënnen. En tout cas ass doraus ze schlëssen, dass dës Majoritéit dat richteg mécht. An och déi der Situatioun ugepassten Akzenter gesat huet, well soss wéisst si jo elo, wéi een et géif besser maachen.

Dat féiert mech zu der Schlussfolgerung, dass d'Opposition d'Politik vun dëser Regierung nëmmen approvériere kann, a selwer näischt aneschters, also keng aner Mesure wéi déi, déi dës Regierung geholl huet, och geholl hätt.

D'Regierungsamendementen gesinn dach eng Rei vun anere Modifikatiounen vir, déi de Rapporteur ausféierlech erkläert huet. Et ass zréckzebehalen, dass et zu kenge fundamentalen Ännerungen kënnt, an de Projet de budget fir d'Joer 2003, duerch déi Dispositiounen, déi iwwert de Wee vun den Amendementen geholl gi sinn, am Equilibre ass a bleift.

Deemno brauch ech just nach eng Kéier, Här President, am Numm vu menger Fraktioun dëser Regierung eist Vertrauen auszespriechen, an hir fir déi besonnen Aart a Weis,



mat där si op dës Situatioun, déi eescht awer sécher net hoffnungslos ass, reagéiert huet, ze felicitàieren. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Nicklaus ass mir sécher net béis, wann ech vun dëser Plaz aus bedauern, dass mir an eiser Fraktioun keng Fra hunn. Dat ass e bëssen als Reproche durchgeklongen. Ech wëll trotzdem ze bedenke ginn, dass mir vill Fraen op eiser Lëscht haten, datt mir frou gewiescht wäeren, wann och Fraen op eise Lëscht gewielt gi wäeren, mä dat läit leschten Enns an der Hand vum Wieler, a virun allem, vun de Wielerinnen.

Dofir wëll ech menger Hoffnung Ausdrück ginn, datt bei den nächste Wahlen, nieft deene 7 Männer vum ADR, och nach 7 Fraen do vertruede sinn, fir datt d'Madame Nicklaus dann an där Bezéiung keng Beanstandung méi hei virzebréngen huet.

(*Interruptions*)

(*Hilarité*)

Här President, ech hunn dem Här Budgetsminister ganz opmierksam nogelauschtert. Hien huet seng Cause sou gutt hei verteidegt, wéi een dat ka maachen. Ech muss soen, datt mir eis aner net schrecklech vill Neies dobäi. Tatsaach ass, datt d'Regierung, op Grund vun deenen Daten déi virleien, d'Recetten erfogestuuft huet - et ass hinnen och soss näischt iwwreg bliwwen - an deementsprechend, fir de Budget am Equilibre ze behalen, och d'Dépenses erfogesat si ginn.

Mä mir wëssen alleguer, dass dat zum gréissten Deel op Käschte vun der Alimentatioun vun den Investitiounsfonge geet. Dat kann ee Kosmetik nennen, well domadder ass zwar de Budget erëm am Gläichgewicht, mä mir wëssen awer, datt mir am nächste Joer wesentlich méi wäerten ausginn wéi mir erakréien, virausgesat d'Regierung hält Wuert, a si investéiert weiderhi wéi an deene Jore virdrun. An dat kann dauerhaft jiddefalls keng gesond Finanzpolitik sinn.

Den Här Budgetsminister huet an enger Réunion vun der Finanzkommission gesot, d'Investissementer, déi geplangt wäeren, géingen ausgefouert ginn. Mä d'Regierung géing drun denken, fir se ze strecken.

Ech hunn d'lescht Woch schonn hei op d'Gefor higewisen, déi sech dorausergëtt. Wa mer d'Ausféierung, d'Duerchféierung vun den Investissementer strecken, dann heescht dat, datt d'nächst Joer manner aus öffentleche Fongen an dee Secteur erafléisst, datt manner Aarbechten exekutéiert ginn, an dat bedeit fir de Bausecteur mat Sécherheet eng Rezessioun, mat all deem, wat sech hannendrun ergëtt a punkto Emploi. A mir gesi jo, datt de Chômage rapid, besuergniserreegend klëmmt. Dat wäert där geféierlecher Entwécklung, déi leschten Enns och erëm hiren negativen Impakt op d'Statsfinanzen huet, weideren Opdriff ginn.

D'Regierung an hir Majoritéit liewen an der Hoffnung, datt et geschwënn erëm besser geet. An dat ass jo déi grouss Diskussioun, déi sech stellt. Ass dat, wat mir elo erliewen, tatsächlech nëmmen e klenge konjunkturellen Abroch? Oder stellt sech fir d'Lëtzeburger Land, fir de Lëtzeburger Stat, déi fundamental Fro, datt mir fir d'Zukunft musse staark ëmdenken a staark ëmdisponéieren. Mir bliwen der Meenung, och no deem

wat den Här Budgetsminister hei gesot huet, datt mir eis un aner Zäite musse gewinnen, an zwar dauerhaft.

Wat ass dann déi lescht Jore geschitt? Hei gëtt vum Apel fir den Duuscht geschwat. D'Majoritéit déi gëtt net fäerdeg dem Land virzeféieren, wéi gutt datt se geschaff huet, a wéivill Reserven datt mir hunn, a wéi gutt datt mer elo kënne vun deene Reserve liewen.

(*Interruption*)

Neen, ech sinn net där Meenung. Et wär besser mir hätte keng.

Ech sinn awer der Meenung, datt déi Reserven haaptsächlech dohier stamen, datt d'Plus-valuën ëmmer méi déck ausgefall sinn, wéi d'Regierung et virausgesinn huet, an datt si deementsprechend selbstverständlech net am Stand war, déi Suen alleguerten auszeginn; a Gott sei Dank, mam Accord, mengen ech, vun alle Säite si se an d'Investitiounsfonge gefloss.

Ech wëll awer drop hiweisen, wann déi Chifferen déi ech esou matkritt hunn, richteg sinn, dann erstreckt sech déi eigentlech Budgetsreserv iwwer zwee Exercicen. An dat, wat mir nach an den Investitiounsfongen hunn, dat geet just duer fir déi nächst Joren. An da schwätze mir net vun deem - ech denken un dat, wat d'Madame Minister vum Enseignement d'lescht Woch hei erzielt huet -, wat alles nach u Schoulgebaier soll erstallt ginn, an da schwätzen mer net vun deenen aneren Investissementer.

Da musse mir eis wierklech d'Fro stellen, wann et e bëssen an deem Mooss virugeet, wéi et sech elo ofzeechent, wéi mir dat da finanzéiert kréien, ouni de Stat weider an engem iwwerdriwwene Mooss ze verschelden.

Här President, mir wëssen alleguer, a mir hunn et vun alle Säiten iwwer Joren ewech gesot, op wat fir engem schwaachen Äis datt mir eis hei zu Lëtzebuerg bewegen, datt déi Finanzplaz selbstverständlech fir d'öffentlech Finanzen hei vum Land eng gutt Saach ass, a mir hoffen och bleift.

Mä mir sinn och net esou vill Illusionisten, datt mer net wëssen, datt mat der Erweiterung vun der Europäescher Unioun, déi 2004 op eis zoukënn, Lëtzebuerg an deem ganze Concert ëmmer méi kleng gëtt an d'Stëmm vu Lëtzebuerg ëmmer manner ze héieren ass.

An ech behaapten nach eng kéier, datt et eng Illusioun ass, fir sech dauerhaft drop anzustellen, datt d'öffentlech Finanzen hei zu Lëtzebuerg an deem Mooss vun der Finanzplaz kënne profitéieren, wéi dat an deene leschten zéng Jore de Fall war. An datselwecht gëllt, vläicht an e bësse méi ofgeschwächerter Form, fir dat, wat mer de Bensinstourismus nennen. Dat ass deen een Aspekt.

Wat awer nach vill méi geféierlech a bedauerlech ass, Här President, dat ass datt déi verschidde Regierungen - net nëmmen dës, mä och déi virdrun - déi gutt Situatioun, déi mer haten, net esou genotzt hunn, fir dat Land hei op d'Erausfuederunge vun der Zukunft virzebeereeden, wéi dat hätt misse geschéien.

Ech denke fir d'éischt un d'Investitiounen: Schoulen, déi deelweis baufällig sinn. Ech denken do zum Beispill un de Lycée Technique Mathias Adam, wou d'Schoulpersonal eis an der Réunion vun enger Kommission gesot huet, si géife sech geschwënn net méi trauen d'Schüler nach doranner ze huelen, well et effektiv geféierlech wär fir d'Kanner. Esou Gebaier hu mir hei am Land. Et feelen eis och eng Partie Schoulgebaier, well schlecht Previsiounen waren, an och well mer net capabel waren esou ze investéieren an deene gudden Joren, wéi dat hätt misste geschéien.

D'Spideeler, an ech hänke just ee Stéchwuert hannendrun, fir net ze vill Zäit ze verléieren: Rehazenter. Ass et net fir esou e räicht Land, wéi dat heiten, en Trauerspill sonnergläichen, datt mer no, ech weess net, 15 Jore Diskussioun nach ëmmer eréischt am Ufank vun der Realisatioun stinn?

Datselwecht betrëfft administrativ Gebaier. Ass et net en Hohn, datt eis Justiz, als eng vun deene wichtigsten Institutionen am Land, an esou Brake sech muss bewegen, wéi dat hei de Fall ass? An datt mer elo nach eréischt um Ufank stinn, a wéi vill Joren et nach dauere wäert bis dass endlech déi nei Gerichtsgebaier da fäerdeg sinn?

Datselwecht betrëfft d'Kläranlagen. Den Här Strotz ass elo net hei, mä hie wär erfreet, wann ech erëm géing drun erënneren, dass mer laanscht d'ganz Musel erof keng Kläranlag hunn.

D'Transportinfrastrukturen. Mir hunn dës Deeg matgedeelt kritt, wéi dramatesch d'Situatioun bei den CFL ass, wou mat Gefierer gefuer gëtt, mat deenen normalerweis kee privaten Transporteur méi dierft dohier fueren. Bei der CFL ass dat méiglech. An da gëtt gesot: Et mussen elo dréngend Milliarden bereet gestallt ginn, fir déi Transportinfrastrukturen ze moderniséieren.

Wat grad esou schlëmm ass, an do sinn ech mat mengem Virriedner Jean Asselborn absolut d'accord, dat ass d'Resultat vun der Schoulpolitik vun deene leschte 15 bis 20 Jore. Dat ass d'Katastroph fir d'Zukunft vun eisem Land, well leschten Enns wäert et, an ech widderhuelen dat, wat scho ganz vill Leit viru mir gesot hunn, op d'Matière grise vun eise jonke Leit ukommen, wéi dat Land hei sech an Zukunft an enger erweiterter europäescher Communautéit wäert verhalten. PISA ass manner d'Folleg vun Infrastrukturen, obschonn dat jo och e bësse matspillt, déi net adaptéiert gewiescht wäeren, wéi vun enger schoulinhaltlecher a personeller Schoulpolitik, déi net adaptéiert war op d'Besoinen vun eiser Zäit.

Här President, mir hunn zwar pro Kapp déi deierste Schoul vun der Welt, mä mat déi schlechteste Resultater, déi ee sech denke kann. Et ass deemno, wa mer hei vum Budget schwätzen, net onbedéngt eng Fro vu Geld - well et gëtt elo verlaangt et misst nach méi dran investéiert ginn - wéi vu Fäegkeet, deen Unterricht esou ze reforméieren, wéi e misst reforméiert ginn, an zwar a Richtung Motivatioun, souwuel vum Léierpersonal wéi vun de Schüler, a vu Kompetenz. Wann ech soe Kompetenz, da schwätzen ech virun allem vun deene Leit, déi d'Schoulpolitik am Schoulministère maachen.

Datselwecht kann een op d'Justiz applizéieren. D'Justiz, déi ee vun de Pilieren, wann net dee wichtigste Piler, vun engem Rechtsstat ass. Eng ganz Partie Affären, mir liesen et regelméisseg am Rapport vum Justizministère, gi klasséiert. De Parquet selwer bedauert dat an engem groussen Mooss. Si gi klasséiert, well eis Justizorganer der Saach net méi nokommen. Dat sinn d'Verhältnisser. Do kann een net méi vun engem Rechtsstat schwätzen, well jo hei arbiträr decidéiert gëtt, wie poursuiviéiert gëtt a wien net.

A wann een da kierzlech de Communiqué kuckt, dee vun de Mëttelständler komm ass, deen déi dramatesch Situatioun bei der Faillite frauduleuse erëm eng kéier stigmatiséiert huet, well leschten Enns eng ganz Partie kleng Entrepreneuren a Mëttelständler d'Affär si vun enger Politik, wou en etlech Leit, déi sech dra spezialiséiert hunn, fir Failliten ze organiséieren,

sech dobäi ganz wuel spieren, well eis Justiz net d'Moyenen huet, fir se esou ze poursuiviéieren, wéi se soll, dann ass dat fir e Rechtsstat dramatesch an inakzeptabel.

Wuerfir hunn ech dat alles opgefouert, Här President? Fir ze soen, dass mer an deene gudden Joren, an ech widderhuelen et nach eng kéier, wou mer am Geld geschwomme sinn, et net fäerdeg bruecht hunn, net nëmmen déi Infrastrukturen esou ze adaptéieren, wéi se noutwenneg gewiescht wäeren, mä och intern an eisem Stat, eisem Statsgefüge an an eisen Institutionen, déi Reformen durchzeféieren, déi absolut noutwenneg gewiescht wäeren.

Ech denken dobäi och un d'Reforme administrative, dat sou genannt Monster vu Loch Ness, wat ëmmer erëm opdaucht an dann huet iergendeen et gesinn, awer et weess keen esou richtig, wéi et ausgesäit oder wéi et soll ausséin. Mir stellen op jidde Fall fest, dass sech och an där Bezéiung nach net vill verbessert huet. Ech denken an deem Kontext och drun, datt Lëtzebuerg virun net allze laanger Zäit, ech mengen, et war vun der OECD, eng déck Datz kritt huet fir d'Aart a Weis wéi eisen öffentlichen Déngscht au service du contribuable fonctionnéiert.

Här President, ech kommen zu mengem Fazit. D'Regierung huet trotz allem den Eescht vun der Situatioun nach ëmmer net erkannt. Si leeft weider an enger gewässer Illusioun, dass et esou géif virgoe wéi virdrun. Dofir gëtt jo och nëmmen e bëssen an der Oberfläch reagiert a mir fueren emol virun an der Hoffnung, dass et dann d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer, oder weini dann och ëmmer, géing besser goen.

Ech froe mech zwar, Här Budgetsminister: Wa mer elo amgang sinn, d'Arriéren anzedriewen, a mer kommen e bësse bäi a sollen dann no zwee oder dräi Jore Arriéren andriewen, déi et iwwerhaupt net gëtt, well jo an dëse Jore ganz besonnesch d'Banken net vill Benefisser kreéieren, a wann net vill Benefiss do ass, da falen normalerweis och net vill Steieren un, wéi Dir dann dee Moment dat Lach wëllt combléieren - virausgesat Dir sidd dann nach ëmmer fir d'Finanze verantwortlech an der nächster Regierung.

(*Interruption*)

Här President, op der enger Säit gëtt gesot: „Bei den Investitiounsausgaben“ - an dat ass och richtig - „do wëlle mer weider investéieren, fir d'Wirtschaft net nach méi ze ralentiséieren.“ Op där anerer Säit sinn do d'Konsumausgaben, Här Minister.

Ech war verwonnert iwwert dee klengen Taux, deen Dir als Konsumausgab par rapport zum Gesamtbudget hei uginnt hutt. Ech géif mengen, a wann ech de Statsminister richtig verstan hunn, da gehéieren zu de Konsumausgaben och d'Gehälter vun der Fonction publique. Wann een d'Alternativ huet - ech widderhuelen nach eng kéier deelweis dat, wat ech d'lescht Woch hei gesot hunn -, da si mir op jidde Fall der Meenung, dass een net bei den Investitiounen spuere soll, mä probéiere muss bei de Konsumausgaben ze spueren. An zu de Konsumausgabe gehéieren nun eemol och d'Gehälter an der Fonction publique.

Mir sinn nach wie vor der Meenung, dass dee leschten Accord salarial ënner falsche Prémissen ausgehandelt, ofgeschlossen a votéiert ginn ass, an dass deemools festgehal ginn ass, dass, wann d'wirtschaftlech Situatioun sech géing verbessern, noverhandelt géing ginn. Dat heescht, da géing nach eng Schépp drop geluegt ginn. Mir sinn dofir och nach wie vor der Meenung, dass misst noverhandelt ginn am anere Sënn, vu dass d'Wuesstumschifferen an d'Recettë vum Stat sech net esou entwéckelt hunn, wéi dat dee-

mools virausgesinn oder virausgehofft gi war.

Mir wëssen - dat kann een hei roueg an ouni Näid soen -, dass mer hei zu Lëtzebuerg héich Gehälter ausbezuelen an der Fonction publique. Et gëtt Leit am Land, déi menge se wieren ze héich, an datt dat virun allem dem Mëttelstand a besonnesch jonke Mëttelständler et géif schwéier maachen, fir an déi Beruffer eranzegoen, well dës Ongläichgewicht ganz schwéier ze erdroen ass.

Dofir si mer der Meenung, dass kee grouss Ongléck géif geschéien, wann een op déi Augmentatiounen, déi virgesi sinn, ganz oder deelweis géing verzichten aus Virsicht eraus. Mir sinn nach wie vor der Meenung, dass de Principe de précaution och an dëser Situatioun, wou eis finanziell Aussichten net gutt sinn, sollt spillen.

Här President, ech kéim domadder zum Schluss. Mir gesinn no der Interventioun vum Budgetsminister keen neit Element, wat eis géif dozou féieren, fir dësem Budget eis Zoustëmmung ze ginn. Ech soen lech merci.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann dës Regierung, a virun allem de Budgetsminister, nach esou oft op dës Tribün kënnt a Saache behaupt, déi een net ka beleeden, respektiv hei seet, datt verschidde Mesuren, déi dës Regierung geholl hätt, gewësse positiv Effekter gehat hätten, virun allem elo bei konjunkturellem Abroch, dann dréit dat nach net dozou bäi, fir se wouer ze maachen. An ech mengen een, deen an de leschten Deeg - inklusiv esou guer deelweis an der Wirtschaftsfinanzpress konnt een dat noliesen - dat genau gekuckt huet, dee kann éischter feststellen, datt d'Tendenz an d'Richtung geet fir eis Recht ze ginn an eiser Aschätzung, wou de groussen Problem läit bei de Statsfinanzen am Moment, an där Situatioun wou mer eis befannen.

Den Här Frieden huet hei nach eng kéier gemengt missen ze widderhuelen, datt de Fait, datt d'Regierung e grouse Steierreduktionsprogramm decidéiert huet am Joer 2000, deen 2001 an 2002 a Kraaft getratt ass, e positiven Effekt hätt op eis Konjunktur, op eise Wuessstum, an domadder och op eis gesamt Economie an och op de Statsbudget. Ech hunn em déi lescht Woch hei, mat Chifferen d'appui, an och souguer mat Aussoe vum Finanzminister vum Abrëll vun dësem Joer, beluegt, wéi falsch datt en do läit. An op alle Fall hunn ech him eppes hei beluegt. Dat ass, datt et sécherlech awer ganz gewot ass ze behapten, datt déi exzessiv Steierreduktiounen do iergendeen Impakt gehat hätten op de PIB-Wuesstumsverlaf vun deem leschten annerhallwe Joer.

Ech wëll nach eng kéier rappeléiere wouvu mer ausgaange sinn. Mir sinn am Joer 2000, wéi déi Steierreform decidéiert ginn ass, ausgaange vun engem Wuessstum vum PIB vun 8,9%, fir 2002 ze lande bei 0,1%. Mir sinn domadder un der Spëtzt wat d'Ofsacken an och d'Oftrutschen ubelaangt vun eisem Wuessstum an der Europäescher Unioun, nodeems mer virdrun och un der Spëtzt ware wat deen héchste Wuessstum ubelaangt. An et soll awer elo wann ech gelift kee mer hei wëllen erzielen...

■ M. le Président.- Den Här Minister wëllt lech eng Fro stellen.

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Här President, den Här Minister ka mer herno eng Fro stellen. Ech wëll fir d'éischt meng Ausféierungen zu Enn féieren. Duerno



kann e selbstverständlech nach eng Fro stellen.

Wann et awer esou ass, datt mer 40 Milliarden al Lëtzebuurger Frang an deenen zwee Joer hu missen u Recetten ofginn, oder verluer goe loossen, fir derfir ze suergen, datt de Wuesstum, dee virdru bei 8,9% war, no annerhallwem Joer bei 0,1% ukomm ass, da muss een zumindest - esou guer wann een dat nach mécht, wat den Här Frieden mécht, nämlech e gleefft, datt et een Effekt hätt - soen, datt deen Effekt awer wierklech äusserst medioker ass. Dat ass dat mannst, wat ee ka soen.

Mä datt et net de Fall ass, dat hunn ech och d'lescht Woch hei beluegt. Dat bewiese Steiersituatiounen an allen aneren europäeschen Nopeschlänner vun eis, a Frankräich, an der Belsch an an Däitschland. Ronderëm eis ass de Steierniveau, esou gutt bei de physische Persoune wéi och bei de Privatbetriber, vill méi héich wéi zu Lëtzebuerg. De Wuesstum war zwar ni esou héich an deenen Nopeschlänner wéi bei eis hei, mä wat awer e Fait ass, dat ass, datt an deenen Nopeschlänner do den Abroch vum Wuesstum vum PIB bei wäitem net déi Dimensionen erreicht huet, trotz méi héijen - a wesentlech méi héije - Steiere wéi zu Lëtzebuerg, wou mer higange sinn an de Steierreduktiounsprogramm gesicht hunn, gewielt hunn, deen eigentlech historesch ass.

Ech hunn och d'lescht Woch hei gesot, datt et eigentlech net richtig ass fir ze mengen, et géing esou een direkten Zesammenhang ginn tëschent dem Fait, dass een d'Steieren esou massiv einfach senkt, an der Entwécklung vum PIB. Et gëtt sécherlech een Zesammenhang, dat hunn ech jo och net niéiert d'lescht Woch, tëschent Steierpolitik an och deementspreechend ze versichen d'Economie ze steieren, respektiv ze versichen de Wuesstum unzekuerbelen, oder eventuell, natierlech wann een eng aner Steierpolitik mécht, en ofzebremsen. Et gëtt sécherlech een Effekt, mä en ass bei Wäitem net deen, wat dës Regierung eis wëllt wäismaache wéi en ass. An dat ass och ganz kloer, dat géing mat Sécherheet all minimal seriösen Ekonomist lech hei bestätegen, datt et déi Relatioun, esou wéi d'Regierung se hei wëllt maachen, an deem Aspekt net ginn ass.

An da muss ech soen, wann ech dann hei hiere vum eenzelne Spriecher elo vun der Majoritéit, datt mer näischt ze bidde gehat hätte par rapport zu deem wat d'Regierung gemaach hätt, ma da muss ech soen, eleng de Fait, datt ech gesot hunn d'lescht Woch, datt mer net ee Steierreduktiounsprogramm décidéiert hätten, mä eng verdéifte Steierreform gemaach hätten, an datt mer bei där Steierreform vill méi virsiichteg gewiescht wäre wéi dës Regierung war, datt mer net d'Finanzkapasitéit esou op d'Spill gesat hätten, dat ass dach nu wierklech eng Alternativ par rapport zu dëser Regierungspolitik. Wat wëllt Der dann nach méi vun Alternativ wéi dat?

Elo ass natierlech d'Kand am Pëtz, an der Situatioun par rapport zu deem wat Dir, net mir, virun zwee Joer décidéiert hutt. Da kënn Der eis net d'Reproché maache kommen, mer hätte keng Alternativ ugebueden. Eis Alternativ wär gewiescht, datt mer am Joer 2000 eng Steierreform proposéiert hätten, déi och méi verdéiften Elementer gehat hätt, déi net mat der Géisskan geschitt wär an déi vill méi virsichteg gewiescht wär, wéi dat wat dës Regierung gemaach huet.

De Fait - an dat ass jo eigentlech dee sprangende Punkt bei der Diskussioun, déi mer haut hei hunn -, wann de Budgetminister eis hei seet haut de Mëtteg, et huet kee brutal Aschnëtter proposéiert, och net d'Oppositioun, beim Budget fir 2003, bei den Ausgaben vum Budget 2003, dann ass dat richtig. Mä

ech wëll lech awer soen, Här Frieden, wann awer eng Majoritéit e brutalen Aschnëtt gemaach huet, dann ass et dës Majoritéit. An zwar bei de Recetten, duerch déi Décisiounen, déi se 2000 geholl huet, mat deene Steierreduktiounsprogrammer fir 2001 an 2002. Dir hutt en extrem brutalen Aschnëtt gemaach bei de Recettë virun zwee Joer, wéi Der déi Décisiounen geholl hutt. De Fait, datt mer nëmmen no annerhallwem Joer e Konjunkturabroch - annerhalleft Joer, dat ass net laang, mer wësse wa mer emol zrëckkucken, an der Geschicht hate mer Phasen hei zu Lëtzebuerg, wou de Konjunkturabroch souguer am Minus war, wou mer mam Wuesstum esouguer an de Minus gaange sinn, wou déi vill méi laang ugedauert huet, a wou mer awer net en deementspreechend brutalen Abroch haten - esou rapid an de Statsfinanzen hate wéi dat heiten am ordinäre Budget. No annerhallwem Joer brénge mer et fäerdeg, datt mer vun enger Situatioun, déi ausgeet am Joer 2000 mat 40 Milliarde Plus-valuë bei de Recetten an eng Situatioun kommen, datt mer 2003 e Budgetsdefizit wäerten hunn.

Ech behaapten nach ëmmer, datt mer e Budgetsdefizit wäerten hunn. Ech deelen do éischer d'Aschätzung vun der Zentralbank wéi déi vun dëser Regierung, wéi et d'nächst Joer wäert ausgoen, am Joer 2003. Nämlech och esouguer wann d'Regierung d'Steiere vun 2002, d'Arriéréë vun 2002, déi Reserve méi schnell wäert andriewen, wäerte mer et net ronn bréngen, fir 2003 ouni lichte Budgetsdefizit ofzeschleissen. Dat heescht, bannent annerhallwem Joer si mer vun enger Situatioun ausgaange vu 40 Milliarde Plus-valuen op e Budgetsdefizit.

Dat ass eng Glanzleeschtung, muss ech soen, fir dat fäerdeg ze bréngen. Ech wëllt lech awer soen, datt mer lech virun zwee Joer dovir gewart hunn, wéi Dir dee Programm gemaacht hutt, datt Dir géift riskéiere bei deem éischte klengste Konjunkturabroch - an ech muss lech soen, ech hunn emol net gerechent, datt dee Konjunkturabroch esou brutal géif ginn, wéi deen hei war - ganz rapid a finanziell Schwierigkeeten ze kommen.

An da kënn de sprangende Punkt. Wa mer haut scho wëssen, datt mer an engem Budgetsdefizit eigentlech real sinn, well wann een 2003 - an dat hunn ech d'lescht Woch jo gesot - géif reell berechnen op de Chiffere vun den Einnahmen vun de wierkeleche Recettë vun 2003 - an net datt mer et géifen acalculéieren wat mer andreiwe vu méi héije Recettë vu Reserve wat mer nach hunn, vun 2000 zum Beispill -, dann hätte mer jo schon 2003 eng Situatioun, déi bei Wäitem net méi esou roseg géif ausgesinn, wéi se elo nach ausgesäit. Dofir hunn ech jo och behaupt, et wier well d'Regierung net wëll, zumindestens och no baussen, de Chiffer ginn, well de Budget friséiert a camoufléiert ass.

Mä da soen ech lech, da könne mer nëmmen alleguerten zesummen hoffen - dat hunn ech och d'lescht Woch hei gesot -, datt d'Konjunktur 2003, 2004 unzitt, well soss gëtt et ganz lëschtig fir d'Joren 2005 an 2006. Do ginn ech lech awer d'Garantie. A wat da passéiert, zumools bei dëser Regierung, dat hunn ech och behaupt, an dozou stinn ech fest,...

#### (Interruption)

Da wär ze hoffen, Här Lux, datt mer dann eng nei hätten. Mä de Fall gesat, déi dote wär nach do, da wäert d'Situatioun esou sinn, datt dat wat den Här Frieden hei nach haut als Prunkstück vu Lëtzebuerg, vum soziale Modell Lëtzebuerg hei zum Beschte gëtt, nämlech datt mer bei eisem Budget 44% vun eisem Budget an de Sozialbudget ginn, datt do ganz zolidd d'Aaxt wäert ugesat ginn.

Dann hunn ech och souguer virun zwee Joer gesot, wéi Dir déi Steierreform do an deem Ausmooss décidéiert hutt, datt dat dote beim éischte Konjunkturabroch zur Konsequenz huet, datt am soziale Beräich d'Aaxt ugesat gëtt. Éischt Indicateuren dovunner hu mer jo zum Beschte kritt an deene leschte Méint. Esouguer den Här Grethen huet op senger Foiresried als éischt Iddi gehat, fir mam Fanger op déi Leit ze weisen, déi de soziale Mindestloun verdéngen zum Beispill, a gesot, et misst ee sech Froe stellen, ob dat elo déi gutt Léiung wär, fir de soziale Mindestloun ze erhéien.

■ M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie*. - Ech wëll den Här Bausch froen ob en d'Ried gelies huet, well dat steet net dran an dat hunn ech net gesot.

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*). - Ech hunn Är Ried gelies, Här Grethen.

■ M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie*. - Da kommt mer liese se zesummen no!

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*). - Mir kënnen se zesummen och nach eng Kéier noliesen. Dir hutt duerno d'Saachen e bëssen an een anert Licht gestallt, revidéiert, mä op der Foire hutt Dir Är Ried esou gehalen.

■ M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie*. - Gitt Dir op den Internet, da kënnen mer se hei zesummen noliesen! Da sot Dir mer, ob ech dat dote gesot hunn.

■ M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*). - Mir doen eis zesummen an da maache mer et! Ech si gespaant!

Mä mer hunn, wéi gesot, eng ganz Rei Indicateure kritt, wou dës Regierung wëllt usetze wann effektiv déi Schwierigkeeten, an deene mer am Moment sinn, sech wäerte fortsetzen iwwer 2003, 2004 eraus. Dofir hunn ech och d'lescht Woch gesot: Dës Regierung geet et am Moment just nach drëms fir ewech ze täuschen iwwer déi Feeler, déi se gemaach huet virun zwee Joer, a fir elo ze kucke fir bis 2004 de Juni iwwert d'Ronnen ze kommen, Wielerinnen a Wieler Sand an d'Aen ze streeën, an der Hoffnung, datt d'Schwierigkeeten eréischt antrieden no de Wahlen vum Juni 2004, an dann natierlech wäerte mir eist blot Wonner hei zu Lëtzebuerg, dat kann ech lech awer soen, mat Sécherheet erliewen.

An duerfir, Här President, huet mech natierlech dat, wat haut den Här Frieden an deem Kontext gesot huet, kee Millimeter iwwerzeegt. Den Här Frieden weess och ganz genau, datt en an enger schlechter Situatioun ass, an och de Finanzminister weess, datt en an enger schlechter Argumentationslinn läit, fir dat doten ze verteidegen, well ech hunn d'lescht Woch hei virgelies, wat en nach am Mee vun dësem Joer op der Tribün gesot huet, an do huet e jo d'Chifferen nach net kann, datt dank deene grouse Steiererlichterungen et fäerdeg bruecht gi wär, datt zu Lëtzebuerg de Wuesstum net ënner 3% vum PIB géing falen. Dräi Méint, oder fënnef Méint, duerno huet sech erausgestallt, datt déi Steiererlichterungen et emol net fäerdeg bruecht hunn ze errechen, datt de Wuesstum iwwer 0,1 % bleift.

Am Abrëll vun dësem Joer huet een nach gesinn, a wat fir enger Illusioun dës Regierung gelieft huet. An ech hunn dat och gesot d'lescht Woch, datt d'Illusioun dra bestanen huet, datt mir zu Lëtzebuerg et géinge fäerdeg bréngen, genau wéi an deene leschte Jore virdru, egal wat ronderëm eis ge-

schitt, iergendwéi et géife fäerdeg bréngen hei zu Lëtzebuerg e Wuesstum vum PIB ze behale vu 4%. An déi Steiererlichterungen, déi Dir gemaach hutt virun zwee Joer, waren tabléiert op e kontinuéierleche Wuesstum vu 4% vum PIB, an deementspreechend och vu kontinuéierleche Recetten an där Héicht. Dir kënn eis elo hei ziele wat Dir wëllt, d'Chiffere schwätzen do eng aner Sprooch.

Ech wëllt nach, Här President, eppes soen zu där Motioun, déi ech haut eragereecht hunn. Mir hu jo vill Diskussiounen de Moment iwwer eise Finanzsecteur. All si mir heibannen eis jo anscheinend eens, datt mir hëllesch mussen oppassen, wa mir d'Produktpalette vun eisem Finanzsecteur nach méi diversifiéieren. An ech hunn eng Initiativ geholl, déi ass elo iwwer e Joer schon hier, wéi ech eng Proposition de loi hei déposéiert hunn, fir och hei am Land déi Schinn vum ethesche Banking ze förderen. Ech hunn dat gemaach, well ech der fester Iwwerzeegung sinn, datt dat fir Lëtzebuerg eng ganz Rei positiv Elementer ka bréngen.

Dat éischt, datt ass natierlech emol en direkte praktesche Grond. Et ass zimlech kloer, datt duerch d'Loi Rau fir den nationale Marché en Instrument verluer gaangen ass, wouduerch kleng a mëttel Betriber déi néideg Kapitalié konnte kréien, fir verschidde Saachen ze realiséieren. Do brauche mir, menger Meinung no, awer en Ersatzproduit, och wann de Marché sécherlech limitéiert ass an sech do net, loosse mir emol soen, am Kreditgeschäft insgesamt, fir d'Finanzplaz e grousst Geschäft ze erwaarden ass, mä do geet et méi drëms, fir awer déi Chance net ze verpassen, datt mir weider do Projete kënnen ënnerstëtzen an deenen nächste Joren, Projeten, déi wichtig sinn. Ech hunn a menger Proposition de loi nëmmen zwee, dräi der als Beispill opgezielt, wat ech dorënner verstinn. Duerfir erspueren ech mir et, fir dat elo nach eng Kéier hei ze widerhuelen.

Een zweete Volet ass natierlech, datt duerch de Fait, datt mir an déi do Richtung ginn, an Europa a souguer international hëllef den Secteur weider opzebauen, hëllef mir natierlech och d'office mat, fir ekologeschen a soziale Beräicher méi eng grouss Chance ze ginn. An ech mengen, datt dat noutwendeg ass a wierklech extrem wichtig ass. Dat erliewe mir am Moment all Dag u vielfältege Beispiller.

Een zweete Punkt, vun deem mir hei kënnen profitéieren, datt ass natierlech fir d'Bankeplaz selwer, déi am Kader vun enger intelligenter Diversifizéierung ass, haaptsächlech och zum Beispill d'Unzéie vun deenen ethesche Fongen op Lëtzebuerg, deenen eng Nisch hei unzibidden, sécherlech zwar beschränkt. Ech wëll net behaapten, datt een domadder Wonner bewierkt, datt mir domadder géifen d'Finanzplaz retten, mä et ass sécherlech eng Nisch, déi interessant ass ze suivéieren, an et ass virun allem och eng Nisch, déi am Opwand ass. Dir braucht nëmmen ze kucken, haaptsächlech am ekologesche Beräich, déi Fongen, déi am Ausland tätég sinn, zum Beispill am Beräich Solarenergie oder Wandenergie, datt déi an deene leschte Joren e groussen Opwand erlieft hunn, an ech mengen, datt et duerfir och noutwendeg ass, déi Nisch ze besetzen.

An da kënn en anert Argument derbäi, wou ech och géing drop hiweisen, datt Dir dat net sollten ënnerschätzen, datt ass, datt et och bei de Pensiounsfolgen ëmmer méi eng grouss Roll spillt. Mir wëlle jo déi grouss Pensiounsfolgen op Lëtzebuerg unzéien. Dir wësst an Zwëscherzäit, datt déi grouss Pensiounsfolgen all aus de Vereenegte Staten kommen, wou oft gewaltéig Zommen dra sinn, Zommen, déi awer meeschtens enger onwahrscheinlecher grousser Mass vu relativ klengen Leit gehéieren. E

klengen Pensionär an de Vereenegte Staten, niewent dem Fait, datt en natierlech gären e gudde Rendement hätt, fänkt awer elo u sech ëmmer méi Froen ze stellen, wou seng Gelder placéiert sinn a ginn, a wat mat deene Sue geschitt.

Dofir gëtt et ganz dättelech eng Tendenz bei deene groussen amerikanesche Pensiounsfolgen, fir ze versichen, wéinstens minimal ethesch Kritäre bei deene Fongen anzeféieren. Den Drock, dee gëtt ëmmer méi staark, well et läit natierlech op der Hand, datt och déi Leit net wëllen, datt hir Suen, obwuel se gären een héije Rendement hätten, an egal wat gestach ginn, a woumat dann natierlech Saache kënnen finanzéiert ginn, déi fir si selwer, awer virun allem fir hir Kanner an Enkelkanner grouss Risiken duerstellen.

Wéi gesot, et ass eng Nisch, déi een net soll ënnerschätzen, awer och net iwwerbewäerten. Ech mengen, datt Lëtzebuerg, virun allem duerch deen enormen Know-how, dee mir hu bei den Investmentfolgen, sécherlech do kéint eppes maachen.

Deen drëtten Punkt a leschte Punkt, dat ass deen Imagegewënn, dee Lëtzebuerg kann doduerch kréien. Mir sinn de Moment an enger ganz heikler Situatioun, wat d'Verteigegung vun der Finanzplaz ubelaangt. Alles wat mir kënnen un Argumenter kréien, déi éischer méi positiver Natur sinn, fir datt den Image sech vun der Finanzplaz verbessert, si sécherlech wëllkomm. Et ass fir de Finanzminister bestëmmt méi einfach, eis Finanzplaz ze verteidegen, wann en och kann esou Méiglechkeeten opweisen, datt Lëtzebuerg ganz gezielt esou Saache wéi déi do fördert, wéi wann en dat Argument net huet. Dofir, mengen ech, datt och aus deem Grond deen Aspekt fir eist Land wierklech net ze ënnerschätzen ass.

Ech sinn elo iwwert ee Joer amgang op deem Dossier ze schaffen. No menger Proposition de loi hu mir eng ganz Rei Seminären an och Fachtagunge gemaach mat international unerkannte Bänkeren zu Lëtzebuerg. Ech wëll lech soen, mir haten eng Fachtagung d'lescht Joer, wou iwwer 50 international Bänkeren zu Lëtzebuerg waren, déi mir invitéiert haten. Den Echo op dee mir gestouss sinn a ganz ville Finanzmilieuen war duerchwegs positiv. Ech muss och soen, och bei den ONGen ass den Echo immens positiv. Och an der Press ass déi Iddi zimlech konstruktiv a positiv beliicht ginn. Ech hat souguer mam Finanzminister eng Entrevue d'lescht Joer, dee selwer gesot huet, datt en déi Iddi géif sympathesch fannen, an datt e bereet wär an där dote Richtung ze léigiféieren.

Et geet mir och net drëms, datt meng Proposition de loi soll ëmgesat ginn; déi war geduecht, fir den Denkouss ze ginn. Ech mengen, dat sollt d'Basis bidden. Mir hunn entre-temps eng ganz Rei aner Argumenter zousätzlech geliwwert, Pabeiere geliwwert, Ënnerlage geliwwert. Et geet elo drëms, fir Neel mat Käpp ze maachen, fir dee ville gudde Wëllen, wéi hei verkünt ginn ass, dee géing bestoen, och beim Finanzminister, an déi vill Sympathien, déi mir dauernd iwwerbruecht kritt hunn, datt mir déi endlech sollten ëmsetzen. Dofir hunn ech déi Motioun hei gemaach, déi relativ oppe gehalen ass. Déi eigentlech als Haaptausso huet, als Kärausso huet, datt d'Regierung soll d'Verwaltung ustellen, fir an deem hei Beräich eppes ze ënnerhuelen. Ech hoffen, datt de Finanzminister ze deene Wiedersteet, déi e mir virun engem Joer gesot huet, an datt en an deem Dossier elo hei wäert Neel mat Käpp maachen.

Deementspreechend hoffen ech natierlech och, datt meng Motioun op e fruchtbare Buedem fällt, dat heescht, vun dësem Parlament mat grousser Majoritéit, kann ugehall



ginn. Fir de Rescht, Här President, wëll ech lech soen, ass et fir eis, an dat geet aus menge Wieder ervir, ganz kloer, datt mir dëse Budget awer net wäerte stëmmen.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir, menger Budgetsried vun der leschter Woch nach e puer Iwwerleeunge bäizefügen.

Wat mer haut bei de Steiereinnahmen am Budget feststellen, dat ass keng kuerzfristeg Entwécklung, et ass d'Resultat vun enger Standuertpolitik, wéi se an deene leschte 15 bis 20 Joer hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Et ass géint 1980, wou de Wuesstum zu Lëtzebuerg säin Envol geholl huet, a vun do un nëmme gewuess ass par rapport zu deenen anere Länner vun der EU. Dee Wuesstum ass zréckzeféieren op dat, wat de Guy Schuller am Forum genannt huet: „Une certaine endogénéisation (transfert vers l'intérieur) de la croissance“. An anere Wieder, Lëtzebuerg huet sech op d'Käschte vum Ausland entwéckelt. Dat ass deen eigentleche Modell Lëtzebuerg. Dohier kënn och den Apel fir den Duuscht.

Den éischte Faktor vum Modell Lëtzebuerg ass déi entscheidend Roll vun der Bankeplaz, dat wësse mir alleguer, an zwar duerch dat massiivt Unzéie vun onversteierte Gelder aus dem Ausland, an duerch d'Unzéie vu Frontalieren, déi zwee Drëttel vun de Beschäftegten op der Bankeplaz ausmaachen, a fir déi keng Infrastruktur-ausgaben an den Ursprungsgegende vun deene Leit ufale fir Lëtzebuerg, an déi och keng Nofolgekäschte mat sech zéien, wann emol eng Kéier muss ofgebaut ginn. De Fonds monétaire international huet an deem Zusammenhang vun enger Offre élastique de main-d'oeuvre geschwat. Ech hunn dat a menger Budgetsried déve-loppéiert.

Den zweete Faktor vum Modell Lëtzebuerg ass déi massiv iwwerduerschsnëttlech Reduzéierung vun de Betrëbssteieren an deene leschte Joren.

Vun 1986 bis 2002 ass de Besteuerungssaz vun de Betriber, den Impôt sur le revenu des collectivités, vu 40% - esou wéi en 2002 nach an der Belsch ass - op 22% erofgefall, an ass domat bei Wäitem deen niddregste vun all eisen Nopeschlänner.

Ech froe mech, ob net esouguer bewosst während laange Joren déi Réckstänn net agedriwwen gi sinn, fir de Banke schonn e Virschoss ze ginn op d'Steierreform déi duerno komm ass. Dorop deit op jidde Fall dee krasse Personalmangel am Steierbüro 6 hin, an den Informatiksdefizit, deen an der Steierverwaltung ze bekloen ass.

D'Gewerbesteier vun de Gemen-gen ass och duerch successiv Reformen ausgehielegt ginn. Dozou bäigedroen huet d'Tatsaach, dass d'Gemenen an d'Öffentlechkeet am Donkele gelooss gi sinn, wat fir Betriber a wat fir Wirtschaftssecteuren iwwerhaapt vun där Steier betraff sinn.

Wéi ass awer eng lokal a regional Industrialiséierungs- an Diversifizéierungspolitik méiglech, wann d'lokal Acteuren iwwert dat wichtegst Instrument vun der Gemen-genautonomie an Onkenntnis gelooss ginn? Béid Steieren also, den Impôt sur le revenu des collectivités an d'Gewerbesteier vun de Gemenen, ginn haut virun allem vun de Banke gedroen, zu iwwer 60%. Si sinn eigentlech keng breet Gewënnsteier méi, wat si am Ufank nach waren.

Déi verschidde Regierungen hunn also an engem gewësse Sënn eng Concurrence déloyale bedriwwen,

déi haut zum Steierdumping an Europa bäidréit. A wann elo Däitschland datselwecht mécht, mat där Politik, vun där de Minister Frieden virdru geschwat huet, an och elo eng „Abschlagssteuer“ amplaz eng wierklech Steierkontroll, als Alternativ zur Verméigenssteuer, wëll aféieren, dann huet Lëtzebuerg do, gewëssermoossen, e Wee virgezeechent. A wéi Lëtzebuerg bei där Konkurrenz dann an e puer Joer ausgesäit, dat muss mir dann nach alleguerte gesinn.

Wann elo iwwert déi europäesch Betrëbssteuer diskutéiert soll ginn, dann huet och Lëtzebuerg de Wee vun enger neoliberaler Orientéierung virgezeechent, wat awer d'Chancë vun engem sozialen Europa wesentlech aschränkt, an domadder och d'Chancë vun de Leit an eisem Land an esou engem Europa.

Den drëtten Faktor vum Modell Lëtzebuerg ass, menger Meinung no, déi massiv Erofsetzung vun de Soziallaaschten. Si ass virun allem op d'Fiskaliséierung vun der Sécurité sociale zréckzeféieren. An anere Wieder, d'Patrone bezuele manner Kotisatiounen, déi duerfir de Stat iwwerhëlt. An de Stat finanziert se aus den algemeenge Statssteieren, also och aus de Steieren op de Léin an de Gehälter, an aus der TVA. Dobäi sinn déi Kotisatiounen esou eppes wéi en indirekte Loun, dee bei den direkte Loun dobäikënn. Et ass eng Unerkennung duerch de Betrib, beim Ausbeuele vun de Léin selwer, dass mënschlech Aarbecht net nëmme eng Valeur marchande huet, mä dass si e fundamentale Wäert an eiser Gesellschaft ass.

D'Commission du Travail schwätzt vun enger Valeur fondamentale, wa se zum Beispill vum Mindestloun schwätzt. Ech fannen, dass hei de Fall ähnlech gelagert läit. Et ass d'Unerkennung duerch de Betrib, dass deen, deen d'Aarbecht notzt - an deem Fall de Betrib - och eng direkt Verantwortung huet vis-à-vis vum Träger vun där Aarbechtskraaft, wann hien zum Beispill krank, schwanger oder al ass, oder wann hie sech ëm d'Kanner bekëmmere muss, oder wann hie sech weiderbilde wëllt, wat jo och am Interesse vun enger harmonesch entwéckelter Gesellschaft ass. An et ass d'Unerkennung vun der Tatsaach, dass d'Aarbecht niewent den natierleche Ressourcen de wichtigste Produktionsfacteur ass, deen d'Wäerter an eiser Gesellschaft schaaft. An ech fannen, dass dat ganz dack bei den Discussiounen vergiess gëtt.

Wann een also d'Käschte fir d'Betriber - an alleguerten d'Regierungen hunn et bis elo an deene leschte 15 bis 20 Joer gemaach - erofsetzt, eleng aus Konkurrenz a Standuertgrënn, ouni gläichzäiteg dat u sozial Obligatiounen ze bannen, kann dat nëmme an d'Katastrophen féieren, virun där mir elo risquéieren ze stoen.

Här President, am internationale Konkurrenzkampf war Lëtzebuerg bis elo op der Gewënnersäit. Mat Hëllef vun deem Surplus vum Produit intérieur brut par rapport zu den europäeschen Nopeschlänner, konnt e gewëssene sozialen Niveau mat Sécherheet gehale ginn, deen deelweis iwwert deem vun eisen Nopeschlänner läit, an deen och de soziale Fridde garantéiert huet. An dat ass och ouni Zweifel en Aspekt vum Modell Lëtzebuerg.

Dat ass iwwert de Wee vu relativ héijen Nettoléin geschitt, an deenen awer strukturell d'Primen ëmmer méi eng grouss Roll spillen: Et handelt sech also net méi, zu engem gudden Deel, ëm fest Basisléin. Et ass iwwert de Wee vu staatlechen Zouschëss an d'Sozialversicherung geschitt an et geschitt duerch breet gefächert sozial Zouschëss a Steierreduzéierungen.

Elo awer, wou de Pendel vun der Geschicht mat rasender Geschwindegkeet riskéiert op eis zréckzefléien, Här President, muss

se mir eis awer besënnen, wéi mir widerfuere, ouni iwwerflësseg Polemik, déi heiansdo hei an deenen Debatten iwwerweit, mä wierklech seriö, fir dass mir net riskéieren, dass dee Batz vum Apel, wou-vun den Här Asselborn geschwat huet, eis no e puer Joer am Hals stieche bleift.

Läit de Problem prinzipiell an der Nischepolitik? Ech mengen net. E klengt Land ass forcément op eng gewëssen Nischepolitik ugewisen, et hänkt alles dovun of, wéi een esou eng Nischepolitik definéiert. Op jidde Fall net esou, wéi dat an deene leschte Jore geschitt ass, wou Lëtzebuerg méi ongläich a méi ofhängeg ginn ass. Et gëtt och keng fäerdeg Alternativen an där Fro, an den internationale Faktor ass selbstverständlech entscheidend wichteg.

Ech wëll hei net d'Finanzplaz prinzipiell a Fro stellen. Et kann ee sech wuel vorstellen, dass e gewësse finanztechneschen Know-How vun der Finanzplaz och nach eng Zukunft huet, an engem harmoniséierte fiskaleschen Ëmfeld an Europa. Mä da muss Lëtzebuerg vläicht emol méi kloer no bausse weisen, dass eist Land domat och eng Politik verfollegt, déi där harmonescher, wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung vun deem Anzugsgebiit déngt, aus deem och d'Leit, déi der Bankeplaz zum Erfolg hëllefen, kommen, also och d'Frontalieren. Ech mengen also, dass eng regional Politik an nächster Zäit muss entwéckelt ginn.

Et muss och eng Investitionspolitik gemaach ginn, déi d'Capacités notzt, déi et hei an der Géigend gëtt. Firwat soll een net zum Beispill denken un öffentlech Investitionsfongen zur wirtschaftlecher Entwécklung, an dat och a Gebidder, déi bis elo vun der Privatwirtschaft dominéiert waren. Eventuell och esouguer a Form vun Economie mixte, awer mat staarke sozialen an ekologeschen Oplagen.

Och d'Fro vun der Economie solidaire kéint een ënnert deem Gesichtspunkt gesinn, an net als - wéi dat elo geschitt - zäitweileg Beschäftegung vu précairen Aarbechtskräften, déi d'Opfer gi si vun der aktueller Terreur économique op de Bourssen.

Déi eenzeg Diversifikatiounspolitik vun der Regierung schéngt awer doran ze bestoen - an dat huet och de Budgetsrapport bestätegt -, dass sech d'Been am Ausland stompeg gelaf ginn op der Sich no kapitalkräftegen Investisseuren, oder d'Knéie wonn geriwwen gi bei Besuch bei de Maisons-mère vun deenen hei am Land ugesidelte Filialen.

Nach eng Kéier prinzipiell zur Fro vun de Steieren, dat ass jo, mengen ech, déi Fro, déi déi Discussioun hei ëm de Budget iwwerbestëmmt, wann net quantitativ de Moment, dann awer qualitativ.

Déi keynesianesch Wirtschaftsmodeller, déi zu deenen „trente glorieuses“ an Amerika an an Europa gefouert hunn - dat wësse mir alleguer -, hunn op héije Prélèvements aus der Wirtschaft berout, op héije Betribsgewënnsteieren an och op enger substanzialer Besteuerung vun den héije Léin, déi dann iwwert de Sozialstat, den Etat providence, ëmverdeelt gi sinn, an domadder eis Gesellschaften relativ egalitär, an och relativ sozial gerecht gemaach hunn.

Déi lescht 20 Joer waren en erfollegräiche Versuch, Här President, fir déi Entwécklung wäitgehend zréckzedrängen. Wat muss een also elo maachen? Ech mengen déi Entwécklung vun deene leschte Jore muss gestoppt ginn. Mä fir wouhin ze kommen?

Menger Meinung no misste bei alle Léisungen d'Autonomie vun de

Mënschen an d'Egalitéit vun de Leit ënnerenee bestëmmend sinn. Wat awer och dacks an deem bürokrateschen Etat providence, wéi mir e kannt hunn, net onbedingt de Fall war, woufir och grad do déi neoliberal Kritik usetzt.

Ech mengen also net, dass et en einfacht Zréck ka ginn zu där Situation vu virdrun, well d'Geschicht kennt wéineg Situatiounen, wou et een einfacht Zréck gëtt.

Ech wëll e puer Iwwerleeungen dozou maachen. Éischtens brauche mir en héijen Niveau vu Steieren, well mir brauchen och en héijen Niveau vu Service public. D'Aufgabe vum Stat a vun de Gemenge wuesen, well d'Leit Recht op en anstännege Liewensniveau hunn, deen nëmme öffentlech demokratresch kontrolléiert Servicer garantéiere kënnen.

D'Budgetsausgaben, am Verglach zum PIB, sinn awer zënter 1990 tendenziell erofgaangen, a bedroen 2002 nach 26,9%, am Verglach zu 29,9% 1990. Opscho jo ëmmer drop higewise gëtt, dass Lëtzebuerg méi en héijen Investitionsniveau hätt, wéi aner europäesch Länner, oder wéi den europäeschen Duerchschnitt. An am Verglach zu deene Budgetsausgaben sinn d'Gemengeneinnahmen nach vill méi erof gaangen, an domadder och d'Gemengenausgaben.

Zweetens schéngt et mer also noutwendeg ze sinn d'Steieren an d'Luucht ze setzen, mä fir wat fir eng Steierpolitik ze maachen? Sollen d'Steiere virrangeg op de Benefisser leien? Oder sollen d'Steiere virrangeg um Konsum opgehuewe ginn? An dohanner verstoppt sech d'Fro: Wëlle mer eng Ëmverdeelung vum Räichtum, oder wëlle mer keng Ëmverdeelung vum Räichtum?

Sollen héich Nettoléin an héich Steieren dodrop bevirzugt ginn, oder awer en héijen Niveau vu solidarescher sozialer Sécherheet nom Bedarfsprinzip, an domadder zum Beispill och héich Cotisations sociales? Dat éischt ass eng egalitär Léisung, dat zweet ass eng egalitär Léisung.

Drëtts, soll ee fuere iwwert de Wee vu käschtendeckenden Taxen, héijen indirekte lokale Steieren, wéi zum Beispill eng Taxe d'habitation, wéi et se a Frankräich gëtt, oder iwwert de Wee vun enger ondifferenzéierter a massiv erhéichter Grondsteuer? An doniewent maache mer dann eng gezielte Sozialpolitik, an deem mer déi Leit ënnerstëtzen, déi déi Taxen net bezuele kënnen.

Oder loosse mer d'Servicer ënnert dem Gesteungspräis sinn, esou wéi se elo a ville Gemenen nach sinn, a mer maache se domat accessibel fir jiddferen, zum Beispill eng bëlle Entrée an d'Schwemm, fir nëmme ee Beispill ze nennen. A mir finanzéieren dat, wat dann an der Keess feelt, iwwer staark ëmverdeelte Steieren, wéi zum Beispill d'Gewerbesteier.

Et ass kloer, dass déi zweet Léisung eng ass, déi op der Egalitéit an um Selbstwäertgefill vun de Leit berout, an domadder grad an de Gemenen de sozialen Zusammenhang fördert, do wou d'Leit am nooste beienee sinn, während déi éischt éischerter, menger Meinung no, d'Aarmutt géif stigmatiséieren an et kéint een dat och nach eng gewësse Caritas-Politik nennen. Mir erhéijen d'Steieren, awer gläichzäiteg gi mer deene Bedürftigen dann eppes, wa se op den Aarmebüro kommen. Do sinn also verschidde gesellschaftlech Konzeptionen hannert deene verschiddene Léisungen.

Den Innenminister awer, a mat him d'ganz Regierung, well déi ass jo kollektiv verantwortlech, wëllen d'Gemenge ganz kloer an déi eng Richtung drängen, andeem se d'Gewerbesteier erofsetzen, déi eng staark ëmverdeelend Wirkung huet, an wëllen d'Gemenge forcéiere, hir Taxen ondifferenzéiert käschtendeckend ze gestalten.

Véiertens, wat fir eng Sozialpolitik wëlle mer? Wëlle mer eng Sozialpolitik, déi d'Leit bevirmont a kontrolléiert, wat emol en Ekonomist als „Fiscalité titulaire“ bezeechent huet? Da gi mer hinnen den RMG, a mer schécke se op d'Arbeitsamt an an déi sou genannt Mesures de placement.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat viru kuerzem d'Geleeënheet, eng Stonn op engem Arbeitsamt ze verbréngen. Abee, wat een do u Frustrationen an Agressiounen fënnt, déi do opgestaut sinn ënnert deene Leit, déi do musse waarden, an ze hoffen eng Aarbecht ze kréien, dat ass einfach onbeschreiblech.

An dofir mengen ech, dass mer musse Léisungen sichen, fir d'Aarbecht ganz anesch ze verdeelen. Wat zwar ganz schwéier ass, well et och staark einschneidend ass, wat déi allgemeng Mentalitéiten ugeet, mä dat geet dann éischerter a Richtung, wat Dir ni wëllt heibanen héieren, vun Aarbechtszäitverkürzungen, vu Weiterbildungs- an Erzieungcongéen, vu Congés sabbatiques zum Beispill, vu Salaires universels, oder vun engem allgemenge Statut du travailleur, oder zum Beispill a Richtung vun enger Ausdehnung an Demokratiséierung vun der Sécurité sociale, amplaz dass de Moment just de Géigendeel geschitt.

Fënneftens ass och d'Fro vun enger anerer Bildungspolitik gestallt. Dat huet PISA iwwergrouss un d'Schoultafel geschriwwen. Hei muss déi al Erkenntnis, menger Meinung no, iwwerdroe ginn, déi am Sport gëllt, dass nëmme de Breedessport och wierklech nohaltig e Spëtzessport kann ervirbréngen.

Wat heescht dat op d'Schoul iwwerdroe? Mir müssen dann, eiser Meinung no, fir eng Gesamtschoul sinn, déi humanistesche a polytechnesch ausgeriicht ass, an déi weinstens usazweis, a bis zu engem gewëssen Alter, souwuel d'Gedankegebaier vun der menschlecher Philosophie, wéi d'Erkenntnisser vun der modernster Naturwëssenschaft, wéi d'Erfahrungen vun der aktueller Berufswelt an hirer ganzer Villschichtgekteit un all Kanner iwwerdreien, ier et zur Spezialisatioun kënn.

An dat setzt dann och eng demokratesch Universitéit viraus, déi net esou reng utilitaristesche kann ausgeriicht sinn, wéi deen angelsächsesche Modell, deen eis elo vun der Madame Minister virgesat gouf, wou esouguer scho Rieds ass vu Gebühren, fir sech do iwwerhaupt anzeschreiwen, sou wéi dat an Amerika de Fall ass. Et steet zwar nach net dran, mä theoretresch ass schonn déi Eventualitéit an d'A gefaasst ginn, an enger Sitzung vun där Commissioun déi sech domadder befaasst, wou ech konnt dobäi sinn.

Ech mengen also, dass dee Choix de société, deen an deene leschte Jore getraff ginn ass, elo net méi kann esou tel quel weidergefouert ginn. An d'Fro stellt sech, wat fir e Lëtzebuerg mer a wat fir engem Europa wëllen. An hei sinn de Moment all Weeër op. Woubäi een awer kann op gewësse positiv Erfahrungen an der Geschicht zréckgräfen, wéi zum Beispill, dass eist Land e staarken industrielle Background huet, mat senger ganzer sozialer Kultur, niewent sengen neisten Erfahrungen am Dëngschtleeschungsberäich.

Dass och eng gewuessen ekologesch Sensibilitéit do ass bei de Leit, dass mer eng grouss Erfahrung hunn an der Intégratioun vu ville Leit aus ville verschiddene Géigenden, an dass mer och eng gewësse Resistenz entwéckelt hunn, géint eng friem Bestëmmung oder kulturell Assimilatioun vun eisem Land, dat jo eng gemischte Kultur huet, sou wéi aner Länner a Géigenden och, wou vläicht grad eis Stärkt dra läit, déi gemischte Kultur weider ze entwéckelen, dat ass iwwregens dat, wat ech gutt fonnt hunn am Budgetsbericht wou



gemengt ginn ass, grad dat kéint eng Stärkt vun eiser Ekonomie sinn.

Mä dann därerf een awer och net higoen an eng Universitéit wëllen entwéckelen nom angelsächse-sche Modell, an da Bachelor an ähnlech Graden do anzeféieren, mä da muss een och vläicht kucken, wéi esou eng Universitéit sech an dat bestoend Ëmfeld hei besser apasst, an déi Stärkten entwéckele vun deenen ech geschwat hunn.

Ech mengen, fir elo zum Schluss ze kommen, positiv un deem Neoliberalismus war, wéi mer e bis elo kann hunn, dass en eis d'Welt opgemaach huet. Zwar exklusiv iwwert de Wee vun de Mäert. Ech mengen och, dass mer se net erëm sollten zoumaachen, an dass mer net sollten an eng provinziell Beschränktheet zrëckfannen, an där mer iwwregens ni waren, an dat huet och d'Stärkt vu Lëtzebuerg ausgemaach.

An ech mengen, dobäi sinn all déi Leit gefuerdert, déi mat Lëtzebuerg hir Existenz verbannen an opbaue wëllen, well se hei schaffen, well se hei wunnen, onofhängeg vun hirer Nationalitéit. An déi national Souveränitéit, an engem sech schnell verännernden Europa, ass menger Meinung no och zu deem Präis. D'Kapital huet schonn dacks bewisen, wéi volatil et ass.

An dofir mengen ech, dass fir d'Leit, déi wëllen heibleiwen, nach wëllen heibleiwen, mer sollte versichen e solidarescht Europa opzebauen, am Kader vun engem europäesche Sozialmodell, an dobäi vläicht och all déi dissident an alternativ Stëmmen unhéieren, déi sech an där doter Fro zu Wuert mellen.

Wat de Budget ugeet, sou wéi en eis jo virgeluegt ginn ass, an nach eng kéier vum Minister hei erkläert ginn ass, mengen ech, dass ech scho genuch bei menger éischter Ried begrënnst hunn, firwat ech dee Budget net ka stëmmen. Ob-schonn ech selbstverständlech och net dofir sinn, dass d'Investiti-une sollten zrëckgeholl ginn, dass d'Sozialausgabe sollten zrëckge-holl ginn. Au contraire, ech mengen, déi eenzeg positiv Elementer, déi et nach an eiser finanzieller Situa-tioun, an eiser budgetärer Situa-tioun an an der wirtschaftlecher Situa-tioun vun eisem Land gëtt, dat ass d'real Ekonomie. Dat sinn déi Wirtschaftszweiger, déi gewisen hunn, dass se eng gewësse Stabi-litéit nach ëmmer hunn, an och nach e gewëssent Wuesstum hunn. Voilà, ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).-** Wat ass dat da fir en Trick? Dat ass awer net d'Reiefolleg?

**M. le Président.-** Ma dach, et ass genau d'Reiefolleg.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).-** Wéi dann, den Här Weiler ass dach elo drun!

**M. le Président.-** Jo, mä deen huet sech elo eréischt gemellt.

**(Hilarité générale)**

Dann huet den Här Weiler d'Wuert. En huet d'Recht sech ze mellen; en huet nach 12 Minutten zegutt.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).-** Jo, jo, jo, mä dat do war e gudden Trick.

**(Brouhaha général)**

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Dir kommt geschwënn dozou, Här Bausch.

**(Interruption)**

Oh, Här Mehlen, provozéiert mech net, well soss komme mer direkt emol zu deem Thema.

**Des voix.-** Oh!

**Une voix.-** War dat do eng Droung?

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Neen.

**La même voix.-** Keng Menacen hei!

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Här President, Dir Dammen an Dir Härën, ech hat u sech net méi wëles op dat Thema anzegoen, mä well dat jo hei gefuerdert gëtt vum ADR, och well den Här Gibéryen virdrun eng ganz déplacéiert Remarque à l'adresse vun der Madame Nicklaus gemaach huet...

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Ech hu keen Numm genannt.

**(Hilarité)**

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Jo.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Ech muss elo hei manifestéieren. Ech hat keen Numm genannt. Wann den Här Weiler d'Madame Nicklaus gemengt huet, da léisst dat déif blécken.

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Da war et eng Remarque à l'adresse vun der Madame Nicklaus, der Madame Meyers oder der Madame Stein. Eng vun deenen dräi Dame wäert Der jo viséiert hunn.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** D'Madame Jacobs, d'Madame Hennicot.

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Här President, mir hate virun aacht Deeg en zimlech peinlechen Incident hei um Enn vun der Sitzung, wéi d'Madame Nicklaus wollt d'Wuert kréien a wéi den ADR dat refuséiert huet, a gesot huet et wär keng Zäit méi do, woumat hie Recht hat laut Reglement. Mä ech muss lech awer soen, Här President, fir eis ze iwwerzeegen, hat den Här Gibéryen zu Tricke gegraff, déi net esou ganz honorabel sinn, wéi een dat kënnt mengen.

Hien huet nämlech gesot, ech zitéieren, an hien huet Referenz gemaach op dat, wat d'lescht Joer hei geschitt ass: „Mir hunn deemools keng Zäit kritt, fir ze äntwer-ten, och keng Zäit vun de Motiounen. Et ass gesot ginn, d'Zäit ass ofgelaf. Dir kritt keng Zäit, fir doriw-er ze diskutéieren.“ Ech wëll just soen, Här President, dass den Här Gibéryen net nëmmen lech, Här President, mä och d'Chamber domadder hannert d'Liicht gefouert huet. Et war net esou.

Wann Der de Procès-verbal vun leschte Joer noliest, da gesitt Der, dass den ADR zu kengem Moment gefrot hat, fir Zäit ze kréien, nach huet hie gefrot, fir Zäit vun de Motiounen ze kréien, nach huet de President geäntwert: „Är Zäit ass ofgelaf. Dir kritt keng Zäit méi.“ Dat alles huet den Här Gibéryen sech d'lescht kéier aus de Finger gesuckelt. Dat huet net der Wourecht entsprach. An dofir wollt ech déi Klorstellung hei gemaach hunn. Et war en zimlech miesen Trick, fir mat esou enger Argumentatioun hei ze verhënneren, datt d'Madame Nick-laus nach sollt d'Wuert kréien.

Här President, mir hunn awer haut de Rapport complémenteaire vum Emile Calmes hei héieren zu den Amendementen der Regierung. Déi Amendemente si jo net nëm-men déi puer technesch Amende-menten, déi mer an deem Rapport erëmfannen, mä et si virun allem déi Amendemente mat deenen d'Regierung geäntwert huet op déi Erausforderungen, déi sech kuerzfristeg gestallt hunn, notam-ent déi wirtschaftlech Situa-tioun, och d'Schätzung vun de Recettë vum Stat. Et sinn déi Amendemen-ten, déi am Fong geholl am Vier-dergrond stinn.

Ech muss allerdéngs soen, dass d'Debatt weder d'lescht Woch, wou déi Amendemente scho be-kannt waren, nach haut, zu gréis-sere Kommentaren hei Ulass ginn hunn, wat d'Amendemente selwer ubelaangt awéiwäit d'Recettë vum Stat erofgesat gi sinn, déi nei Aschätzungen déi vum Budgets-minister virgeholl gi sinn, an dann deementspriedend och d'Erofset-zung vun den Dépensen.

Ganz weíneeg, Här President, huet een dozou héieren. Ech hu virdrun dem Här Mehlen hei nogelausch-tert, wéi hie gesot huet, d'Regie-rung hätt den Eesch vum der Situa-tioun nach ëmmer net erkannt. Dat wär e bësse Gepiddels, wat hei géif gemaach ginn, mä pour le res-te géif weidergefuer ginn, wéi wann näischt geschitt wär. Ech wëll hei just drun erënnern, Här Presi-dent, wa mer déi Wirtschafts-, déi Finanz- an och déi Ausgabepolitik als Koalitioun an deene leschte Jo-re gemaach hätten, déi vum ADR vun dëser Tribün a vun aneren Tribünen ëmmer erëm ugemahnt gi sinn - ech erënnern notamment un dee seriöse Coup de frein, deen den ADR nach virun e puer Méint wollt eiser Wirtschaft zouféieren, well et war jo gefuerdert ginn, d'Re-gierung misst endlech am Hibléck op de 700.000-Awunnerstat déi Wirtschaft hei bremsen, seriö an zolidd bremsen, fir dass mer net op déi 700.000 hikéimen -...

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Mir woussten zu deem Moment och net, dass Dir se scho staark gebremst hat.

**(Brouhaha général)**

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Här President, ech hat gehofft, dass den Här Gibéryen deen doten Zwëscheruff géif maachen. Vun all deene Riedner, déi hei ugetruede sinn, huet nach kee behaupt, datt dee wirtschaftleche Réckgang, mat deem mer de Moment ze doen hunn, hausgemaach wär. Keen Eenzeg. Keen am Land behaupt dat. Den Här Gibéryen behaupt dat. A wann den Här Gibéryen dat behaupt, da wäert et esou sinn.

Dat ganzt Land, net nëmmen déi politesch Parteien, och d'Gewerk-schaften, d'Chambres profes-sionnelles, d'Patronatsorganisa-tiounen: Kee Mënsch an deem Land hei kënnt op déi verréckten Iddi, fir ze soen: De Wirtschafts-réckgang, dee mer elo ze ver-zechnen hunn, wär hausge-maach, dee wär op d'Politik vun der Regierung zrëckzeféieren. Eenzeg an eleng den Här Gibéryen behaupt dat. Bon, wann hien et be-haupt, dann iwwerloosse mer de Leit dobaussen ze jugéieren, wat se dovunner halen.

**(Interruptions)**

D'Vollbremsung hutt Dir dëst Fréi-joer verlaangt.

**M. Robert Mehlen (ADR).-** A wouhier!

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Majo natierlech, da liest d'Intervie-wen vun Ärem Fraktiounschef no. Ech weess, dass Dir net op darsel-wechter Linn leit mat him. Zum Beispill erënnern ech drun, wat mer d'lescht Joer hei diskutéiert hunn: d'Wahlrecht fir d'Auslänner. Den Här Mehlen seet: D'Auslänner sollen alleguer d'Wahlrecht kréien. D'Auslänner sollen an d'Regierung an an d'Chamber kommen. Kee Problem.

Den Här Gibéryen zur selwechter Zäit, als Fraktiounschef, de-mentéiert säi Parteipresident a seet: Selbstverständlech kënnt dat net a Fro. Hie mécht dat hei am Parlament a Presenz vu sengem Parteipresident. Dat ass Kohärenz esou wéi een se beim ADR fest-stellt.

D'Wirtschafts-, d'Finanz- an d'Aus-gabepolitik, Här President, wa mer déi esou gemaach hätten, wéi se vun där Partei, déi vun dëser Säit aus gesinn zu menger Rietser sëtzt, ageklot ginn ass, da kéinte mer haut wierklech de Schlëssel ënnert den Tapis leeën. Ech erën-neren nëmmen un déi fénnef Milli-arde supplementar Ausgaben, déi gefuerdert gi waren am Kader vum Rentendesch.

**Une voix.-** Dat waren der méi wéi 5.

**M. Lucien Weiler (CSV).-** 20 Milliarden hat Der gefrot.

**La même voix.-** Voilà!

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Ëm déi siwe Milliarde sinn en fin de compte réaliséiert ginn. Dir hat dräimol esou vill gefrot. A vun deem dräimol esou vill sollten nach fénnef Milliarden aus dem Stats-budget erausgeholl ginn, fir all Jo-er ze finanzéieren. Ech froe mech, wéi e Budgetsminister, a wann den Här Gibéryen dat wär - gléck-lecherweis ass hien dat net -, wéi deen hei géif e Budget ficeléieren, wa mer op där enger Säit d'Finan-ze vum Stat esou ugezapt hätten, wéi dat hei gefuerdert ginn ass, an op där anerer Säit nach eng Voll-bremsung voluntaristesch vu Säite vun der Regierung gemaach hät-ten, wat d'Ekonomie ubelaangt. Wat ënnert dem Stréch dobäi er-auskomm wier, dat kënnt Dir lech alleguerten ausmolen.

Mä dann, Här President, gi Froen hei gestallt. Den Här Mehlen huet d'Fro gestallt: Wéi geet dat dann elo, wann et an den Investissemen-ter net méi esou séier geet? Dat gi jo Répercussiounen op de Mëttel-stand!

Jo, dat ass méiglech, datt dat Ré-percussiounen ginn. Mä, Här Presi-dent, et geet hei net nëmmen drëm, fir Froen ze stellen. Op dëser Tribün muss een och Äntwerte ginn. D'Koalitioun huet eng Rei vun Äntwerte ginn op dat, wat mir men-gen, wat de Moment d'Situatioun ass, an op dat, wat mer mengen, wat de Moment noutwenneg wär. Mir hunn d'Recetten nei ageschat. Mir hu se esou fixéiert, wéi mer mengen, datt se eventuell kéinte sinn a mir hunn d'Dépensen op där anerer Säit och erofgesat. Ech hätt hei gären héieren, a well d'Amen-demente jo grad just dorëms dréi-nen, op wéi enge Punkten dann hei vu Säite vun deenen, déi sech geäussert hunn, d'Dépensen hätte sollen erofgesat ginn, konkret u Beispiller festgemaach.

D'Regierung huet hir Beispiller ge-nannt a si huet dofir Kritik mussen astiechen. Si muss mat där Kritik liewen. Mä et geet net nëmmen drëm, fir hei op der Tribün ze la-mentéieren an ze jéimeren. Et geet och drëm, fir ze soen, was Sache ist. Or, ech wëll just soen, dass mer hei, weinstens vu Säite vun de Kol-leege vum ADR, kaum eppes héie-ren hunn.

An da wëll ech soen, Här Presi-dent, dass den honorablen Här Krecké d'lescht Woch no menger Interventioun hei, wou ech mech getraut hat ganz llicht d'Vergaan-genheet vun de Sozialisten a punk-to Finanzen a Finanzplaz och nëm-men unzedeiten, äusserst mimo-senhaft reagéiert huet. Hien huet e bësse wéi eng Primadonna op meng Interventioun reagéiert. Op där anerer Säit hunn ech awer net vill Konkretes festgestallt, wéi dann d'Alternative vun där gréisster Op-positionspartei zu deene Proposi-tiounen sinn, déi d'Regierung an dë-sem Budget festgeluegt huet.

Den Här Krecké erënnert op dëser Tribün ëmmer un dee Rapport, deen hien 1998, wat d'Steierhann-erzéiung hei zu Lëtzebuerg ugeet, am Optrag vum Statsminister ge-maach huet. Ech muss soen, Här President, dee Rapport ass e gutt Dokument. An deem Rapport sti vill gutt Saachen dran. An et ass och bedauerlech - dat ginn ech gären zou -, datt, obwuel schonn eng

Partie vun deene Saachen ëmge-sat ginn ass, eng Rei vun deene Saachen, déi hie richtegerweis an deem Rapport opgelëscht huet an analyséiert huet, nach net ëmgesat gi sinn.

Mä, ech muss lech awer soen: Dee Rapport vun deemools, wat jo e gutt Dokument ass, deem ech dat gären zertiféieren, ass awer an der Zwëschenzäit esou eppes wéi eng Zort Bibel vum Här Krecké ginn. Eng Bibel mat 10 Geboten, déi hien ëmmer erëm erauszitt, wann et drëm geet, fir Argumenter ze bréngen. Da kënnt hien heihinner an hie wedelt mat der Bibel a mat de Geboter. Or, ech wëll lech soen, Här President, d'Statsfinanze si weíneeg beandrockt weder vun der Bibel, nach vun den 10 Geboter, nach vum Här Wedeler, wat den Här Krecké domat opféiert.

**Une voix.-** A wéi ass et mam Marx?

**M. Lucien Weiler (CSV).-** Och d'Statsfinanze wären - an dat wëll ech, Här President, an allem Eesch dem Kolleeg Krecké soen - a kenger besserer Situatioun, ën-nert dem Stréch gesinn, wa mer all déi Proposen, déi hien deemools gemaach huet, déi noutwenneg sinn - dat ginn ech gären zou -, ëm-gesat hätten. Dat hätt eis bei de Statsfinanzen an an eiser finanzia-ler Situatioun vum Stat kee Millime-ter weiderbruecht.

Och den Här Bodry huet d'lescht Woch eng Rei vun Analyse ge-maach, wou ech soen, dass se kor-rekt sinn, wéi hien higewisen huet op dat, wat am Joer 2005 an 2006 soll geschéien. Iwwregens hat den honorablen Här Wiseler, deen d'lescht Joer Budgetsrapporteur war, dat a sengem Rapport och schonn opgezeechent a gesot, wat op eis duerkomme kéint, wann et de Finanzen net méi esou gutt géif goen a punkto Investitiounsfongen.

Wat mir awer feelt, Här President, dat ass hei d'Alternativ. Den Här Asselborn huet virdrun op där Tribün hei geschwat a gesot, hei hätte mer et mat enger Iw-wergangsregierung ze dinn, déi näischt kéint, déi näischt wéisst an déi näischt géif maachen. Mä da geet et awer drëm fir net nëmmen hei haart Téin ze späitzen, mä et geet awer och drëm fir ze soen, Här Asselborn, wat d'Alternative sinn. Vu dass den Här Krecké an den Här Bodry dat d'lescht Woch net vill hei opgezeechent haten, hat ech geduecht haut, wou de Parteipresident vun der LSAP sel-wer op dës Tribün géif kommen, géife mer dann elo mol gewuer ginn, was Sache ist.

**(Interruptions)**

Mä ech muss soen, Här President, de President vun der Lëtzeburger Sozialistescher Aarbechterpartei, deen huet keng Ried zum Stats-budget gehal. En huet och keng Ried gehal, wou ee sech am Fong geholl un d'Parlament adresséiert huet.

**(Interruptions et hilarité)**

En huet eng Ried gehal, andeem e sech adresséiert huet un d'soziali-stesch Foussvolle, fir deenen ze weisen, datt hien et besser ka wéi den Här Krecké, datt hien et bes-ser ka wéi den Här Bodry, datt hien de staarke Mann ass, datt hien deen ass, dee sech mam Statsmi-nister uleet - kann uleeën -, a mam Finanzminister uleet. Dat wollt hien haut hei bewisen.

Et war eng Bewerbungsried fir de sozialistesche Spëtzekandidat fir déi nächst Wahlen.

**(Brouhaha général)**

Dat war d'Ried vum Här Asselborn. Well wann den Här Asselborn zum Statsbudget geschwat hätt, Här President, dann hätt en zum Bei-spill kënnen zu deem schwätze wat en d'lescht kéier an engem Inter-view gesot huet, nämlech, wann d'Sozialisten amplaz vun der De-mokratescher Partei an der Regie-rung géife sëtzen, dann hätte si



méi eng selektiv Politik gemaach. Mir wärem méi selektiv virgaang, mir hätten bei deenen Ausgaben, déi all Joer erëmkommen, méi Selektivitéit erabruecht.

Ech hunn, Här President, d'lescht Kéier schonn hei gefrot, wouran déi da konkret, am Detail, déi Selektivitéit, déi d'Lëtzebuerger Sozialistesche Aarbechterpartei hei ugemahnt huet, besteet. An ech hat mech drop gefreet, haut vum Här Asselborn ze héieren, wéi datt dat dann hätt besser a méi selektiv kënne goen.

Ech muss soen, ech hunn dorausser näischt héieren. An dann huet och den Här...

■ M. Lucien Lux (*LSAP*).- Här Weiler, sidd Der d'accord, dass weinstens beim Kannergeld, fir lech nëmmen ee Beispill ze ginn,...

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Dat Beispill, Här Lux, kee Problem. Dat hat ech lech d'lescht Woch scho gesot, et gëtt ee ganz klengt Beispill. Wann et mir géif nogoen, da géife mer dat och direkt maachen. Mä mir sinn an enger Koalition dës Kéier, sou wéi mer d'lescht Kéier mat lech an enger waren.

**(Brouhaha général)**

Neen, neen, neen.

Ech muss soen, Här President, ech hunn dat scho vun dëser Tribün aus gesot, an där dote Fro gëtt et an all Partei, och a menger Partei, verschiddearteneg Opfaassungen. Et si Leit an eiser Partei déi dat do wëlle maachen, déi déi 36.000 Frang, déi mer nach hunn, wëllen ofschafen, an et sinn anerer déi dat net wëllen. Komesch déi Partei oder déi Fraktioun, an där et net an enger präziser Fro emol eng Kéier kann divergent Meenunge ginn.

■ Plusieurs voix.- Ah!

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Ma selbstverständlich. Selbstverständlich!

Här President, virdrun huet den Här Asselborn och hei gesot, nach eng Kéier kritiséiert, datt d'Regierung net zur Zäit erkannt hätt, wou et géif higoen. Ech muss soen, ech hat mat vill Freed dem Här Krecké seng Ausféierunge gelies, wéi e sech iwwert d'Taxe d'abonnement auslooss huet, déi jo ganz vill erofgaangen ass, a wou e gesot huet: „Mä wann een an deem leschte Joer irgendwann den Internet ugemach hätt, am Internet gekuckt hätt, wéi d'Bourssen erofgaange sinn, dann hätt all verstännege Mënsch dat misse gesinn an deem misse Rechnung droen.“

Ech muss soen, Här President, den 31. Juli huet d'Regierung der Chamber d'Eckwäerter vun hirem Budget virgeluegt. Den Här Asselborn war deemools an der Finanzkommission, an ech hunn och dem Här Asselborn seng...

**(Interruptions)**

Den 31. Juli, dat war wéi d'Eckwäerter virgeluegt gi sinn.

An ech hunn den Här Asselborn duerno héieren, wou en dee Budget kommentéiert huet. En huet gesot et wär e platte Budget, et wär näischt dran, d'Regierung géif näischt maachen. An ech hat mer erwaart, Här President, wann den Här Krecké, deen deemools net konnt do sinn, grad wéi ech, jo den Internet schonn esou intensiv studéiert hat an awer scho sou vill am Internet gesegelt war an do erausfonnt hat, datt de Budgetminister géif total falsch leien, dann hätt ech geduecht, dass d'Opposition hei d'Regierung deemools massiv op dee magistrale Feeler, deen hir do ënnerlaf ass, higewisen hätt. Or, kee Wuert, keng eenzeg Kritik vu Säite vun de Sozialisten. Dofir hunn ech mer d'Fro gestallt, ob den Här Krecké méi am Internet segelt, oder surft, wéi den Här Asselborn, oder ëmgedréint?

Op jidde Fall, den Här Asselborn schéngt dat net matkritt gehat ze hunn an d'Kommunikatioun an den Dialog schéngen ënnert hinnen och net esou perfekt ze sinn, soss hätt jo de Fraktiounscheef missen dem Parteipresident soen: „Halt, do kënnt Uerges op d'Regierung zou. D'Regierung mierkt et net, also gäissel d'Regierung emol domadder.“

Kee Wuert, Här President. Wat mech ënnert dem Stréch zu deem Schluss komme léisst, datt, grad esou gutt wéi d'Regierung dat do net gesinn hat, och d'Lëtzebuerger Sozialistesche Aarbechterpartei, hire Fraktiounscheef an hire Parteipresident, dat net gesinn haten.

■ M. Jean Asselborn (*LSAP*).- Ech hat dat gesinn, an ech hat dat gesi sechs Méint ier de Budgetsrapporteur et gesinn huet.

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Jo, Här President, net nëmmen, wëll ech soen, dass den Här Parteipresident vun der LSAP jo viles gesäit; e gesäit viles platt. Ech gesinn d'Alternative vun de Sozialisten zu deemem Budget als platt un. Wann ech kucke wou soll agespuert ginn ënnert dem Stréch, well et geet jo drëm, dass ënnert dem Stréch, an et ass awer déi grouss Fro, déi eis alleguerten hei bei deemem Budget beweegt, eng Rei Milliarden al Lëtzebuerger Frang sollen a mussen agespuert ginn.

**(Interruptions)**

D'Regierung huet jo awer eng Partie Propose gemaach, déi an den Amendemente vun haut virleien. Ech hu keng Alternativ dozou héieren.

Am Budget vum Joer 2003 ass mat deene Proposen, déi gemaach gi sinn - beim ADR, dovou schwätzen ech net, mä bei de Sozialisten och net -, näischt anzespieren ënnert dem Stréch. Souguer, Här President, wa mer higinn a mir maachen dat wat d'Regierung gesot huet, och versprach huet, dat wat d'Sozialisten ageklot hunn, mir maache méi eng strikt Exécution budgétaire, da spueren mer ënnert dem Stréch ganz, ganz weineg. An dat mécht ënnert dem Stréch esou weineg aus, datt Der et bei deem Statsbudget hei net mierkt. Mä mir spueren net!

**(Interruption)**

Jo lauschtert emol, Här President, d'Koalition huet hei Propositione gemaach. Déi Propositione gi kritiséiert vun der Opposition, wat hiert gutt Recht ass. Dann hätt ech awer och gären, wann déi Propositionen, déi gemaach ginn, net akzeptéiert ginn, wann déi kritiséiert ginn, si wäeren net déi gutt, awer e Minimum un Alternativen, déi hei virgeluegt ginn.

Ech wëll net, Här President, sou wéi den Här Bodry dat d'lescht Woch hei gesot huet, datt d'Opposition hei en neie Statsbudget schreift. Dat kann net sinn. Mä ech hätt gären, dass op e puer groussen Elementer, op e puer grousser Politikfelder, op e puer grousser Richtungen ugedeit gëtt, wou a wéi vill een da kéint aspieren. Well mir wëlle jo kee Budget dee mer am Defizit presentéieren, à moins datt Der esou ee wëllt. Wann Der där kee wëllt, musst Der, wann Der déi heite Proposen, déi elo virleien, net akzeptéiert, awer kënne soen, op där anerer Säit, wou da sollen, net am Detail, mä op e puer grousser Linnen, Aspuerung gemaach ginn. Ech wëll nach eng Kéier hei soen, Aspuerung sinn eis gesot gi wat de Rehazenter a wat d'Rockhal ubelaangt.

■ M. Jean Asselborn (*LSAP*).- Beim Rehazenter si schonn 2 Milliarden derbäi. Dovunner schwätze mer net.

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Här President, de Rehazenter steet net am Statsbudget fir d'Joer 2003. De Rehazenter gëtt finanzéiert, esou wéi vill grouss Bauprojeten,

iwwert déi Gelder, déi an de Fonge sinn. Et geet an deemem Moment ëm de Statsbudget. An dofir hätt ech gär Proposen, wéi mer am Statsbudget fir d'Joer 2003 zu Aspuerung solle kommen. An dann, Här President, well mer beim Rehazenter sinn an den Här Asselborn sech gären dobäi ophält, muss ech lech soen: Jo, dee Rehazenter, deem nächst kommen d'Autorisationen, mir kréien de Projet hei an d'Chamber.

■ M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Et ass nach kee Gesetz do.

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Mir kréien e Projet hei an d'Chamber, hunn ech just gesot.

Här President, den Här Di Bartolomeo, also dee géif wierklech näischt verpasse wann e mol géif ofwaarde bis d'Leit geschwat hätten; da wäeren eng Rei vu senge Froen vun Ufank un iwwerflësseg.

Ech muss lech soen, de Rehazenter ass nu wierklech dat schlechteste Beispill, wat d'Lëtzebuerger Sozialistesche Aarbechterpartei kann ervirkamen, fir där heite Regierung Reprochen ze maachen. 15 Joer laang hu sozialistesche Gesondheitsministeren hei am Land versicht...

■ M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- An Dir waart net an der Regierung?

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Ma natierlech ware mer dobäi, mä Dir waart awer responsabel dofir.

■ M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Dir konnt lech net duerchsetzen.

**(Brouhaha général)**

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Här President, 15 Joer laang hu sozialistesche Gesondheitsministeren hei am Land un deem Rehazenter laboréiert. 1981 war de Rehazenter virgesi fir zu Mondorf gebaut ze ginn. Duerno koume sozialistesche Ministeren an hu permanent d'Sitë changéiert. Et si permanent Etüde gemaach ginn. 1999, wéi d'Sozialisten an d'Opposition gaange sinn, hate mer emol keng gesetzlech Basis.

**(Interruption)**

15 Joer laang hutt Der laboréiert. A wéi et esou wäit war, hate mer emol keng gesetzlech Basis fir de Rehazenter ze bauen. Dat wësst Dir ganz genau.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

A wann Der elo hei, Här President...

■ M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- E géif scho stoen, wann Äre Premier ënnerschriwwen hätt.

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Här President, dierf ech lech dat emol umierken: Et ass am Fong geholl schued, datt een dem Här Di Bartolomeo seng Interventionen net alleguerte matkritt.

Nu stellt lech emol vir, de Rehazenter géif scho stoen, wann de Premier ënnerschriwwen hätt. Also, Här President, bei aller Frëndschaft vis-à-vis vum Mars Di Bartolomeo, dat ass eng Topechkeet dat do. Dir wësst ganz genau, dass dat eng Topechkeet ass, fir esou Saachen hei ze behaupten.

**(Interruptions diverses)**

1999, wéi d'Wahle waren, wéi d'Koalition eriwuer war, an dat weess de Georges Wohlfahrt ganz gutt, war keng Base légale do, fir e Rehazenter ze bauen.

■ M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Dat ass dach net wouer!

Mir hate kee Plan hospitalier, deen a Kraaft war. Mir hunn en ëmgeännerte Plan hospitalier gebraucht.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Dat ass Kabes, wat Dir do zielt.

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Neen, dat ass kee Kabes.

■ M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Ëmmer bei der Wourecht bleiwen.

1999 ass d'Finanzéierungsgesetz komm, an do war de Rehazenter dran. Wat zielt Der da fir eppes.

■ M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Här Weiler, Dir verrennt lech hei. Haalt op.

**(Interruption)**

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Mir hunn en neie Plan hospitalier, mir hunn en ëmgeännerte gebraucht.

■ M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Awer total derniewent.

■ M. le Président.- Also, Här Di Bartolomeo, wann Dir elo net geschwënn ophaalt domat, dauernd ze ënnerbriechen, da gëtt d'Sitzung ënnerbrach. Esou kënne mer net weiterfueren!

■ M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Den Här Weiler zielt egal wat, Här President.

■ M. le Président.- Mir sinn dach hei net an engem Zirkus. Mir hunn nach zwee Riedner déi age-droe sinn. Dir kënnt jo herno Stellung huelen. Mir kommen net vum Fleck, wa mer esou virfueren. Dat ass jo déi ganz Budgetsdebatten dem Spott an der Lächerlechkeet präisginn, wann een dauernd esou matenee polemiséiert.

Här Wohlfahrt, Dir hutt d'Wuert.

■ M. Georges Wohlfahrt (*LSAP*).- Här President, ech hu bis elo zu deemem Problem net vill gesot, Här Weiler, mä et geet och bei mir, wéi bei vill anere Leit, bis op ee Punkt.

Ech hunn näischt dogéint, dass een iwwer Siten diskutéiert vun Infrastrukturen, mä wann een hei behaupt, dass mer deemools keng Base légale haten, ass dat net wouer, Här President. Ech muss lech soen, dass deen neie Spidolsplang duerch d'Regierung gaangen ass am Abrëll virun de Wahlen, an dann ass en op den Instanze-wee gaangen. Dat war jo och ëmmer eng vun de Kriticken, dass mer dat iwwer de Wee vun engem Règlement grand-ducal géinge maachen. Ech stelle fest, dass déi legal Basis, déi mer haut hunn, deen neie Spidolsplang, op deene selwechte Règlements grand-ducaux fousst, wéi eis dat deemools virgeworf ginn ass. Mä hei ze behaupten, esou eppes wier net do gewiescht, dat ass net wouer.

Här Weiler, ech muss lech dat an aller Frëndschaft soen. Den 20. Mee ass hei d'Finanzéierungsgesetz gestëmmt ginn, an am Abrëll huet déi deemoleg Regierung deen neie Spidolsplang ofgeseent an op den Instanzewege geschéckt. Ech wollt dat hei just kloerstellen.

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Här President, et muss een ënnerscheede bei der Base légale. Mir hunn e Gesetz hei gestëmmt, wou eng 10 oder 12 grouss Spidolsinfrastrukturen dra waren. Dat war kuerz virun de Wahlen 1999. Mir haten awer zur selwechter Zäit kee Règlement grand-ducal, dee mer awer brauchen, fir d'Base légale komplett ze hunn, fir de Rehazenter kënnen ze bauen. Deen hate mer net, an et ass dat, wat ech hei wëll soen. An dofir ass et falsch, wann hei gesot gëtt, ech géif net korrekt d'Situatioun erëmginn. Ech ginn d'Situatioun korrekt erëm. D'Finanzéierungsgesetz eleng gong net duer, Här President. Mir hunn och e Règlement grand-ducal iwwer de Plan hospitalier gebraucht, an deen hate mer dee Mo-

ment net. An et ass dat, wat ech ugeprangert hunn, firwat dass ech gesot hunn,...

■ M. Alex Bodry (*LSAP*).- Mir hunn eng Base légale, mä mir hu keng Finanzéierungsbasis méi. Fannt Der dat dann normal?

■ M. Lucien Weiler (*CSV*).- Mä selbstverständlich net. Mir hunn e Règlement grand-ducal, a mir hunn elo och nach eng Finanzéierungsbasis, mä mir mussen awer d'Gesetz ëmänneren - dat huet de Minister mir vun Ufank u gesot -, vu datt mer en neie Site maachen. Deen neie Site muss jo zréckbehalen ginn, sougutt am Gesetz wéi am Règlement grand-ducal iwwer de Plan hospitalier. Déi mussen ëmgeännert ginn an där do Hisiicht. Esou laang, wéi se net ëmgeännert sinn, kann de Rehazenter net gebaut ginn. Mä, dat wat deemools de Fall war 1999, wann ech soen, et war keng Base légale do, fir et ze bauen, do bleiwen ech derbäi. Juristesche gesinn ass dat richtig, mir haten déi Base légale net. An dofir wëll ech soen, Här President, datt et net an der Rei ass, wann d'Sozialisten ëmmer erëm mam Rehazenter kommen. Wann een Dossier jee eng Kéier laang higezu ginn ass, fir et emol frëndlech auszdrécken, iwwer 15 Joer higezu ginn ass, x Siten, x Étuden, déi de Lëtzebuerger Steierzueler och vill Sue kascht hunn, gemaach gi sinn, bis dass et dann endlech 1999 zu engem Embryon komm ass, deen awer de loin nach net dat war, wat en fin de compte gebraucht ginn ass, dann ass dat e schlecht Beispill, fir dëser Koalition Reprochen ze maachen.

An da wëll ech soen, Här President, ganz zum Schluss. Et sinn nei Aschätzungen - well jo jiddereen hei den Duerchbléck huet a sou fein gesäit, wéi d'Situatioun ass, Prognosen, alles ganz dättelech gesäit - virgeholl gi vun der Regierung, wat d'Lounsteuer ubelaangt, wat d'Kierperschaftssteuer ubelaangt, wat d'Taxe d'abonnement ubelaangt. Ech wär nawell frou gewiescht, och eppes dozou ze héieren. Mir als Majoritéit, CSV an DP, mir droen déi Aschätzungen do. Mir soen op Grond vun deenen Elementer, déi mer de Moment kennen, sinn dat Aschätzungen, déi eis korrekt erschéngen. Ob se herno sech als richtig an definitiv richtig erweisen, dat wäerte mer gesinn, wann dann déi definitiv Recetten do sinn. Mä ech wär frou gewiescht och ze héieren, wéi datt dat dann heibanne gesi gëtt vu Säite vun der Opposition. Déi Aschätzungen do, leien déi an deem Beräich vun deem, wat ee sech kann erwaarden, oder läit d'Regierung dernieft domat? Et ass ëmmer flott herno beim Kont ze kommen an ze soen: Ah deemools hutt Dir dat net gesinn, deemools hutt Dir falsch Aschätzung gemaach. Wann d'Regierung sollt hei déi eng oder déi aner falsch Aschätzung gemaach hunn, da wär ech nawell gär gewuer ginn, op wéi enge Punkten a wou datt dat de Fall gewiescht wär.

An dann, Här President, kommen ech zum Schluss. Ech wëll eng Motion hei areecheen, well d'Situatioun déi ass, déi se nun emol ass. Well mer d'Regierung gebieden hunn, si soll, wat d'Exekutioun vum Budget ubelaangt, vrsiichteg a riguréis virgoen, fuerdere mer och d'Regierung op, dat ze maachen, mä virun allem froe mer se, dass se soll de très près d'Evolution vun den Einnahmen vum Stat surveilléieren a suivéieren, an an d'Chamber kommen, net mensuellement, net all Mount, mä trimestriellement, all dräi Méint, virrangen an d'Finanzkommission, fir eis Opklärung ze ginn iwwer d'Situatioun, wéi se ass. Mer wäerten dann deementsprechend eis Préparativen zesummen als Parlament mat der Regierung treffe fir de Budget vum Joer 2004. Mir wäerten do, wéi dat schonn hei gefaart ginn ass, sécher net mat der Aaxt un eng Rei vu Beräicher erugoen, mä mir wäerte fir d'éischt



emol d'Evolutioun, d'Situatioun vun eiser Ekonomie suivéieren am Laf vum Joer 2003, an da wäert dës Koalitioun de Courage hunn, fir d'Joer 2004 e Budget ze presentéieren, deen der wirtschaftlecher Realitéit, an deen der Finanzkapassitéit vun dësem Stat entsprécht. Ech soen lech merci.

### Motion 3

*La Chambre des Députés,*

*Au vu des chiffres-clef décrivant l'évolution économique du Luxembourg qui ont été publiés au cours du dernier trimestre de 2002, «qui renseignent une quasi-stagnation de noire économie en 2002, ainsi qu'une croissance minime pour 2003»;*

*Considérant que ces nouvelles données, en combinaison avec les estimations de recettes nouvellement effectuées par les administrations fiscales, ont eu un impact sur la finalisation du projet de budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour 2003, «dans la mesure où les prévisions de recettes pour l'exercice 2003 ont dû être revues à la baisse par rapport au projet initial»;*

*Considérant qu'indépendamment des statistiques et prévisions, la situation économique actuelle nécessite une gestion extrêmement prudente et rigoureuse des deniers publics ;*

*Invite le Gouvernement*

*À veiller à une exécution prudente et rigoureuse du budget des recettes et des dépenses de l'Etat de 2003;*

*À surveiller de près l'évolution des recettes fiscales et à en informer trimestriellement la Chambre des Députés.*

(s.) Lucien Weiler, Lucien Clement, Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Claude Wiseler.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech hu gewaart, bis dass Der mer géingt gréng Luucht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat geduecht, d'Budgetsdebatte wiere vläicht d'Geleeënheet och eng Ausenanersetzung effektiv op den Inhalter ze kréie vun enger Politik, déi awer ëmmerhin elo schonn dräi Joer bedriwwen gëtt, an ech gesinn, et ass fir vill Leit och nach e bësse Vergaangenheitsbewälteung dobäi. Dat bedauern ech e bëssen. Ech muss och soen, dass vu Säite vun der Majoritéit, dat, wat mer elo just héieren hunn, e gudden Deel Vergaangenheitsbewälteung war mat Feeler vu sech selwer, wou den Här Weiler sech huet missen dermat ausenanersetzen.

Vu Säite vun der DP, déi natierlech dee Problem net huet, well se iwwer 15 Joer déi Vergaangenheitsbewälteung net huet brächten ze maachen, huet een net ganz vill Prägnantes héieren. Ech muss soen, ausser elo an e puer kleng Remarken, ass dat Ganzt relativ schappeng bliwwen, an ech mengen, de Gusty Graas huet dat wierklech um 100,7 ganz couragéiert op de Punkt bruecht. De wichtigste Punkt war deen: „Eppes muss een dem Budgetsminister zumindest guttschreiwen: Hien hat de politesche Courage, fir d'Wouerecht ze soen“:

Also, wann dat politesche Courage elo op eemol erfuerdert, fir hei Wouerechten ze soen, da froen ech mech: Wéi wäit si mer da komm? An ech froe mech, Här Graas, wéi Der lech da wëllt ausenaner setzen mam Alexandre Krieps, deen esouguer gemengt huet, eenzel Parteien, an dat gëllt awer, menger Meenung no, dann och fir lech, missten d'Wouerecht emol an hire Grondsazprogramm setzen. Dat nëmmen zu där Lobhudelei, déi bis elo hei geschitt ass.

Da muss ech soen, et ass Onwouerecht, Här President, ze behaapten, dass mir et net gesot hätten an deene Jore virdrun an net Kritik ausgeübt hätten un enger ganzer Rei Recettëpunkten. Ob een domadder d'accord ass oder net, wien elo Recht huet oder net Recht huet, ech mengen, do hate mer eng Ausenanersetzung leschten Dënschdeg, déi ech net nach eng kéier wëllt maachen, mä et kann een zumindest awer net soen, mir hätten net mat Chiffere gedéngt, och an deene Jore virdrun.

Wat huet et geännert? Den Här Bodry huet lech op e puer Punkte virgezechent gehat, a gesot: Do an do leit Der falsch. Hutt Dir een Euro geännert dorunner, wéi mir dat gesot hu virun engem Joer? Nee. Dir hutt et net gemaach, also muss ech soen, hu mir eis och dës kéier erëm drop beschränkt, evident Feeler ervirzesträichen. A wann där do waren, hu mer et gesot. Dat ass eis Aufgab, Här Weiler.

Wat hu mer nach gemaach? Mir hu gesot, um Niveau vun de Recetten, wann et e bësse knapps gëtt wéi elo, ass et um Niveau vun de Recettë fir d'éischt wou een eppes mécht. Dat heescht, et kuckt een emol, fir d'éischt méi Suen eranzedriwwen, an zwar dat, ce qui est dû. Naischt Extraes, mais ce qui est dû.

Dir sot, dat wär eng Bibel vun där ech schwätzen, ma hätt Der eng ganz Rei vun deene Punkte gemaach, da géinge mer haut eng ganz Rei Steiere méi schnell anzéien, gerecht anzéien an iwwerhaupt emol anzéien. Well ech hunn lech virgewisen, eng Rei Steieren zéie mer net an, well Der dat net gemaach hutt, wat virgeschloe ginn ass. An d'Chiffere sinn do, fir et ze beweisen. Ech wäert meng Ried vu leschten Dënschdeg net nach eng kéier musse soen.

Dann deen zweete Punkt. Wann d'Zäite méi schwéier ginn, da geet ee méi eng riguréis Ausféierung vu sengem Budget maachen; hu mir lech och gewisen. A mir droen eise Beitrag an der Budgetskontrollkommissioun dozou bäi. An Dir kënnt eis mat Sécherheet net virwerfen, mir géingen net probéieren, ouni d'politescht Gedeessems, méi Uerdnung an d'Ausféiere vun eisem Budget ze féieren; dat deet de Budget schrecklech vill Geld aspueren.

Den drëtten Punkt ass, fir nei Ausgaben ze verhënneren. Mir hunn lech vum Schëff, vum Fliger geschwat, mir hunn lech vun der Privatschoule geschwat, mir hunn lech vun der Rockhal, net an de Fonctionnementskäsche mä ganz einfach an Invest, geschwat, mir hunn lech och vum Rehazenter geschwat. Règlement grand-ducal hin oder hier, et ass sécher, dass dee Projet, do wou en elo hikënn, duebel esou deier ass, wéi do wou en hätt sollen hikommen. Et ass e Punkt, do huet et kee Wäert, dass mir iwwer Prozedure schwätzen, dat ass e reng finanziellen Aspekt, dee mir hei ervirgeschriwwen hunn. Dat ass also, Här President, fir...

### (Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Här President, dat ass fir de Kollegen aus der Finanzkommissioun trotzdeem ze soen, dass dat schonn deen drëtten Punkt ass, wou mir gesot hunn, wou een den Hiewel usetze soll.

An da kënnt eréischt de véierte Punkt. An dat ass dee vun den ordinären Ausgaben. Wann een déi dote Punkten emol eng kéier kritesch hannerkuckt huet - an dat hunn ech leschten Dënschden am Numm vun eiser Partei gemaach, an dat huet den Dag duerno den Alex Bodry och gemaach -, wann een deen Exercice also gemaach huet, da geet een eréischt un déi aner Ausgaben erun. An et ass zevill bëlleg eis elo virzwerfen, mir hätten naischt dozou ze soen. Ech wollt och leschten Dënschden net domadder kommen, ech hat en Usaz gemaach vu Kritik um Budgetsrapporteur.

Wann Dir vun eis verlaangt mir sollen Alternativen...

### (Interruption)

Ech ginn lech der herno e puer, well esou einfach ass dat jo net.

Wann Dir vun eis verlaangt, op d'Budgetsinnen hätte mir solle soe wou mir agespuert hätten, da muss ech zum President vun der Finanzkommissioun, an haaptsächlech awer zum Rapporteur soen, mir hunn net eng Sitzung verwant op d'Ausgabepolitik vun där Regierung hei. Dat ass et nach ni ginn an der Finanzkommissioun. Ech hunn déi Jore virdru bemängelt, mir hätten net Sitzunge genuch, fir iwwert d'Ausgabepolitik, an zwar Linn fir Linn, Ministère fir Ministère, ze schwätzen. An déi Leit, déi heibanne sinn aus der Finanzkommissioun, déi sinn Zeien, dass ech dofir agetruede sinn, an dass de President vun der Finanzkommissioun, den Här Weiler, och domat d'accord war, fir en neie Wee ze goen, dass aus de Kommissioun Leit missten an d'Finanzkommissioun kommen, an iwwert déi Budgetsline schwätzen, déi e Problem duerstellen.

Här President, frot de President vun der Finanzkommissioun, frot de Budgetsrapporteur. Wéini hu mir iwwert déi Saachen do geschwat? Ech war an d'Classes moyennes, an déi Leit aus de Classes moyennes wëssen dat. An ech hu Punkt fir Punkt do meng Kriticken ubruecht. Wat ass dann domadder geschitt? Naischt. An der Finanzkommissioun waart Dir net bereet doriwwer ze schwätzen. Net eng eenzeg kéier ass dat doten op den Ordre du jour komm. Also loosse ech mir déi Kriticken hei net gefalen, mir hätten op der Ausgabesäit keng Alternativen. Wann Dir net gewëllt sidd iwwert d'Ausgabesäit ze schwätzen, da verlaangt net vun der Oppositioun, dass déi et mécht.

An ech muss lech soen, dass mir bei den Amendementer - ech werfe jo kengem vir, dass dat zum Schluss, an dat war nach ëmmer esou, relativ rabi a schnell erfoget -, net laang Diskussioun gefouert hunn. Ech hätt der awer kënnen féieren. Ech hätt lech kënnen drop hiweisen, dass Dir an der Adaptatioun vun den Dotatiounen bei de Fonds d'investissements koppech Chifferen hutt. Wou Dir op eemol sot, de Fonds de la dette publique géing nëmmen ëm -0,001% erfogoen. Dee Chiffer ass manifestement falsch.

### (Interruption)

Ech hunn dat net gemaach.

Ech hätt kënnen op eppes höchst Interessantes hiweisen, wa mer nämlech wierklech d'Chiffere gekuckt hätten. Mä loosse mer éierlech sinn, et huet jo kee sech dofir Zäit geholl; mir stinn déi ganzen Zäit ënnert engem schrecklechen Zäitdruck.

### (Interruption)

Här Weiler, mir hu vun der Regierung d'Version amendée an de Recettë virgeluegt krut: 6,2%. 6,2% Steigerung vis-à-vis vum definitive Budget 2002. Dir wësst awer ganz genau, dass dat jo net richtig ass. Déi richtig Zuel, déi een haut misst kucken, an déi déi ass, un där ee sech misst - loosse mer soen - orientéieren, dat ass déi vun 11%. Well de Budget définitiv vun deem mir do schwätzen, dee gëtt et jo an där Form schonn net méi. Haut wësse mer jo schonn ongeféier wat erakënn, a mer wëssen, dass 270 Milliounen Euro manner erakommen. Also ass et net vu 6,2% Steigerung vis-à-vis vun deem Budget wou mir schwätzen, mä vun 11%.

Dat dote kënnt och net eleng vu mir, och d'Banque centrale huet genau déiselwecht Iwwerleeung gemaach. Mä mir hunn eis jo net

ausenanergesat mat där doter Fro. Mir sinn op der Uewerfläch bliwwen. An esou, wéi et hei elo Usus war, dass dat wat d'Regierung virgeplättelt huet, dass dat hei als immens gutt ëmfonnt ginn ass, dat ass ee Feeler gewiescht. Ech soen lech, mir hunn eis net ausenanergesat mat deene Chifferen. An dat do ass dat beschte Beispill. Mir hunn nach ëmmer vu 6,2% geschwat; mir si scho längst bei 11%. D'Banque centrale huet lech et virgerechent, wéi een dat Ganzt hätt kënnen upaken. Mä Dir wollt jo net.

Déi Regierung hei, an déi Majoritéit hei, ass bis elo geprägt gi vun Iddiëlosegkeet, vu Reformstau, hu mir lech gesot. Och dat ass en Ennerscheid an der Politik. Et ass net nëmme fir - wéi en Epicier - deen ee Frang an deen anere Frang ze kucken. Et ass och wat een anescht géif maachen.

Déi Regierung hei hat elo méi wéi dräi Joer Zäit alles anescht ze maachen. Hat Zäit dat esou ze maachen...

### (Interruption)

...si huet zum Deel gemaach, wéi den Här Weiler dat jo och richtig gesinn huet, dass am Joer 2004 d'Land aneschers ausgesäit wéi am Joer 1999. En hat vergiess ze soen, dass et dësem Land wesentlech méi schlecht géif goen.

Mä ech akzeptéieren dann awer net, muss ech soen, vu Säite vum President vun der DP-Fraktioun, dass en hei op eemol seet, mir hätten eng ganz Rei Punkten évoquéiert, déi si souwisou géinge maachen. Mä Dir hat laang Zäit, fir se ze maachen. A fir dann hei e Speech halen ze kommen iwwert d'Risikokapital, schléit wierklech dem Faass de Buedem aus.

Dat si jo och Saachen, déi een normalerweis hei op der Tribün, vis-à-vis vu Kollegen, net mécht. Mä wéi ech déi Fro gestallt hunn, ech mengen et ass den Artikel 14, ech weess et net méi, iwwert déi Bestëmmung vum Risikokapital, iwwert déi ech schonn e puer Mol geschwat hunn - et ass nozeliesen: Wat ass dat do dann? Här Weiler, Dir sidd mäin Zeien, wat ass dann do vun Äntwert komm? Et wousst keen, weder de Rapporteur, nach iergendeen an der Finanzkommissioun, eng Äntwert drop ze ginn.

### (Interruption)

De Minister wousst et net, ganz richtig Här Bausch, dee wousst net ëm wat dass et géing goen. Mä fir dann après coup heihinner ze kommen, vun iergendengem sech eppes schreiwen ze loosse, an eis hei d'Lektioun iwwer Risikokapital ze maachen, an et weess een an der Sitzung, wou soll driwwer geschwat ginn, mol net ëm wat dass et geet, sou einfach geet dat do net, an dat do loosse ech och net an där doter Form op mer sëtzen.

Ech muss och soen, et mengt ee grad d'lescht Woch hätte mir hei d'Ennerscheeder net opgezechent an der Wirtschaftspolitik. Ob et lech gefält, déi 21 Punkten, oder net, ob deen een oder anere Punkt och bei engem anere steet, oder och schonn eng kéier een dru geduecht huet, ass net dat wat zielt. Mä wat ass gemaach ginn? Et ass, ausser Bedauern, net vill gemaach ginn. Ech muss soen, wat ass da geschitt um Plan d'action PME? Wat ass da geschitt? Ech hunn lech virgerechent, wat säit 1999 alles net geschitt ass. Wëllt Dir dann nach bis an d'Joer 2020 domadder waarden? Wat ass da geschitt mat der Studië iwwert d'Geschäftswelt? Wat ass da geschitt am elektronischen Handel, wou mir nach ëmmer op d'Zertifikatioun waarden? Ech schwätzen nach ëmmer nëmme vun der Wirtschaft.

### (Interruption)

Wat ass da geschitt, Här Hauptert? Dir hätt e laang kënnen realiséieren, de Guichet unique, dee gefrot ass. Wat ass da geschitt mat deenen neie Startbedéngungen, déi ee

jonken Entreprisë muss ginn? Wat ass da geschitt mat den Hëllef- a Förderprogrammen um europäesche Plang? Wat ass da geschitt, beispillsweis mat deene Virschléi, vu dass Dir ëmmer vu menger Bibel schwätzt? Um Niveau vun der Wirtschaft wieren déi frou wann dat duerchgesat gi wier.

De Stat ass ee schlechten „Zahler“, et ass e „mauvais payeur“. Ech hu gefrot, ob dat kéint, wann et och net an de Prozedure méi schnell kéint ginn, dann zumindest neutraliséiert ginn. Dat ass 1997 gefrot ginn. Als grouss Erkenntnis vum Budgetsminister huet en an där enger Sitzung gesot, si géingen elo probéiere Scholden, Steierscholden, eng géint déi aner ze neutraliséieren an opzerechnen; dat war 1997. D'Wirtschaft waart drop. Hei gëtt einfach...

### (Interruption)

Ech war net Minister, Här Weiler, ech war net Minister, ech war beoptraagt ginn, fir Virschléi ze maachen. Ech hunn lech eng ganz Rei Virschléi gemaach. Dir hätt d'Steierscholde scho laang kënnen neutraliséieren, Dir hätt kënnen aféieren, wat et bei all Bank haut gëtt, nämlech wann ech Suen iergendwou zegutt hunn, da kréien ech Zësen drop, esou wéi ech muss Zësen op deene bezuelen, déi ech schëlden. An dat ass net geschitt. An da weigert Dir lech nach ëmmer, dat ze maachen.

D'Wirtschaft dobause versteet net, an d'Betriber, och déi normal Steuerzueler, verstinn net, dass se Zësen ze bezuelen hunn op deene Suen, déi si ze bezuelen hunn, wa si se net bezuelen, mä dass se keng Zëse kréie bei deene Steierscholden, déi de Stat hinne schëlleg ass.

Wëllt Dir nach, dass ech e bësse weiderfueren an de Wirtschaftsfroen?

### (Interruption)

Well ech géif mengen, ech iwwerloossen de Leit dobause feststellen, ob op engem Punkt, Här Weiler, ob op engem eenzege Punkt, nämlech deem vun der Wirtschaft, et net ënnerschiddlech Positione gëtt, déi weisen, dass eng aner Politik méiglech ass.

An der Bildung - mengen ech, brauch ech net drop anzegoen - kréie mir jo och d'Geleeënheet bei PISA déi Ennerscheeder opzezielen.

An der Familljepolitik, hunn ech lech gesot, hu mir eng ganz aner Approche. Mir hunn eng Approche, net fir d'Leit doheem ze halen - nämlech d'Elteren, an an deem Fall meeschtendeels d'Fra -, mä hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, mat op den Aarbechtsmaart ze goen, hir Ausbildung, déi se haut besser huet wéi virun 20 Joer, auszenotzen. An dofir feelt et u Crëchen, et feelt u Gänzdaysbetreuung.

De véierte Punkt, soen ech lech dann, ass dee vun der Mobilitéit. Mir erstécke permanent am Stau.

### (Interruption)

Do sinn d'Alternativen: Wat ass dann elo d'Alternativ vun lech bis elo? Wat ass da vun dëser Regierung bis elo komm?

### (Interruption)

Kee Meter Schinn.

### (Interruption)

Méi Bussen? Wat hu mir vu méi Bussen? Dat bréngt guer naischt.

Dach, an der Stad Lëtzebuerg hu mir elo déi genial Iddi, fir deene Leit, déi en Auto hunn, eng Vignette ze froen. Dat heescht, d'Possessioun vun hirem Auto, an en op d'Strooss stellen, dat gi mir elo bestrafen, doduerch dass mer se do froen eppes ze bezuelen.

### (M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Dat ass jo d'Welt op d'Kopp gestallt. An den Här Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg huet



probéiert e Konzept dohinner ze leeën. Ech wier domat d'accord gewiescht, an ech hätt zumindest Verständnis dofir, wann een higaange wier, et hätt ee fir d'éischt den öffentlechen Transport ausgebaut, attraktiv gemaach, an effikass gemaach, an dann hätt een déi Mesuren do alleguerte geholl. Dann hätt ech nawell gestridde mat lech iwwer d'Vignette, soen ech lech. Mä aner Mesüren, déi hätt ech kënne matdroen.

Dat ass dat, wat an der Gesellschaftspolitik den Ënnerscheed mécht, Dir Dammen an Dir Hären. Hei hu mer awer schonn an der Drogepolitik gesinn, mir hu gesinn an deenen neie Partnerschaften, wéi déi behandelt ginn. Mir hu gesinn an de Froe vun der Ethik, dass et grouss Ënnerscheeder hei gëtt, ob een dat eent gutt fënnst oder dat anert. Mä et gi grouss Ënnerscheeder. An dat sinn d'Alternativen, déi eis Partei bitt. Mir hunn eng ganz aner Approche do. An der Nohaltgeheet hu mer lech se opgewisen, mir hunn lech se an der Kohesioun vun dëser Gesellschaft opgewisen.

Huelt nëmmen d'Verwaltungsreform, wou dann hei eng Oppositionspartei freet, fir dass endlech déi Barrieren ofgebaut ginn, déi jo awer festgestallt gi sinn, a wou den Här Frieseisen e Rapport ofginn huet. Wat ass da mat deem geschitt? Wat ass mat deem Rapport geschitt an der Zwëschenzäit? Mir hunn e Ministère krut vun der Verwaltungsreform. Mä ausser engem grénge Telefon ass dach näischt geschitt. De Service public, kuckt emol d'Ënnerscheeder, déi et do gëtt an der Approche. Mir hunn lech se e puermol gewisen, am Registre de Commerce, mir hunn lech se gewisen am Führerschäin; Dir kritt se op x Plaze gewisen, wou mir eng aner Approche zum Service public hunn ewéi Dir. An der Justiz wier se licht nozeweisen. Am Wunnengsbau hu mer lech se nogewisen. A muer wäerte mer gesinn, a Froe vu Sozialpolitik, wat d'Ënnerscheeder sinn. Den Här Lux, an anerer, wäerten lech dat muer weisen.

Dofir, et ginn hei am Land Méiglechkeeten, fir eng aner Politik ze maachen. Déi muss net - wéi en Epicier - ausgerechent ginn op de Frang. Ech muss lech soen, dat do sinn Alternativen, déi och méi Suen zu engem gudden Deel erabréngen. Eng aner Wirtschaftspolitik géng jo och méi Sue gegebenefalls erabréngen, ier mer mol ufänken un d'Ausgaben ze denken.

An ech mengen, déi Approche, dat ass déi, déi Dir scheinbar net geschnallt hutt, wéi se haut soen. An ech soen lech, et ass eng aner Politik méiglech. Dat do war nëmmen de Résumé dovun. An ech soen lech merci fir d'Opmierksamheet. Mä och dësen amendéierte Budget wäerte mer net stëmmen.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

■ M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mir suivéieren alleguerte mat ganz vill Intérêt déi Debatten, déi sech um Niveau vum Secret bancaire maachen. Mir erënneren drun, dass mer der Regierung do ons Ënnerstëtzung ubidden, am Kader vun deem Mandat, wat d'Chamber hir ginn huet.

Ech wëll awer och drun erënneren, dass mer net midd gi sinn ze soen, dass déi Basis, dee Changement de politique, deenen zu Feira gemaach ginn ass, ons an dës schwéierwiegend Situatioun bruecht huet, déi mer elo kennen. Mir hätte sollen zu Feira, zesumme mat den Eisträicher duerchkucken, dass mer eng Quellesteier direkt krut hätten zu Feira, anstatt dass mer elo versichen, nees erëm op deenen ale Kurs zrëckzegoen an dass mer mussen unerkennen, dass d'Taktik ons hei un d'Schliddere bruecht huet.

Loosse mer all hoffen, dass d'Regierung zolidd bleift, dass se sech net op Kompromësser aléisst, esou wéi d'Mandat vun der Chamber et ausweist.

Zweete Punkt, deenen ech wollt diskutéieren, dat ass eng Reaktioun op déi kleng Polemik, déi ech hei mat onsem Tresorminister, en fait Spekulationsminister, hunn.

■ Une voix.- Oh!

■ M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech wëll hei nach eng Kéier op eppes hiweisen, Här Minister, an dofir sinn ech frou, dass Der haut hei sidd, dass Der mer do kënnt direkt eng Äntwert ginn. Ech hunn hei héieren, dass den Här Minister ons déi Zuelen, déi mer vun der Cour des Comptes krut hunn, an déi ech och vérieféiere konnt, dass en déi hei a Fro stellt. Notamment, hu mer festgehalten, dass d'Placements à terme 3,49% abruecht hunn. Den Här Minister seet ons hei, op sengem Spuerbuch hätte se 3,21% abruecht. Ech wëll den Här Minister froen, ob et stëmmt, dass e bei sengen Zuele vläicht Äppel a Bire vermëscht huet, an notament d'Rendements vun de Comptes courants mat dra gerechent huet. Well da geet et nämlech op.

Deen zweeten Deel, dat ass bei der Rendement vum deenen Obligationen, wéi hie se nennt, déi op den Aktiemäert um Eurostocks ugelehnt sinn. Do seet en ons, dass d'Obligationen an d'EMTNen zesummen, an et ass déi Nuance déi ech gutt fannen, 3,39% Rendement bruecht hunn. Wann ee weess, dass d'Obligatione mat 6% ugeluegt sinn, da froen ech elo just den Här Minister: Wéivill hunn déi EMTNen bruecht? Stëmmt et, dass déi nëmmen 2% an eppes bruecht hunn, an dass doduerch par rapport zu engem Placement en bon père de famille um Spuerbuch ronn 1 Milliard bis elo verluer gaangen ass?

Dat sinn déi Donnéeën, déi mer krut hu vun der Cour des Comptes. Ech wier frou, Här Minister, wann Dir ons prezis Zuele kéint soen, a wann Der déi Informatioun, déi mer op der Cour des Comptes krut hunn, kéint offiziell dementéiere mat aneren Zuelen. Esou laang wéi dat net geschitt, hu mer Schwierigkeete fir lech ze gleewen.

Deen zweete Punkt, deenen Der hei awer hutt missen zouginn, dat ass, dass déi Engagementer op den EMTNen, déi sech ulehnen un d'Evolution vum Eurostocks, ënnert anerem, dat heescht un d'Performanc vum den Aktiemäert, dass wann een déi misst fréizäiteg verkafen, dass mer deen Abléck missen eng gehéiereg Perte afueren. Dat ass eppes, wat Der hei zouginn hutt, an ech mengen och dat muss een zrëckbehalen.

Nach eng Kéier, Här Minister, mir hoffen net, dass dat muss geschéien. Mä et muss een awer soen, dass wann een EMTNen engagéiert bis an d'Joer 2011, an et kéint eventuell sinn, dass déi Reserven, déi mer hunn, schonn 2005 erschöpft wieren, wa mer net zousätzlech Plus-valuë kéinte kréien. Der da musst verkafen. An dat bedeit Perte vun 10, 20, 30%, jee nodeem wéi de Maart et dann ausweist. Ech mengen, dass ass de Grond woufir mer gesot hunn, dass hei spekuléiert ginn ass an dass e Risiko besteet.

An nach eng Kéier: Mir géingen lech opfuederen, fir entweder hei konkret Zuelen ze soen, a Montanten ausgedréckt wéi et et sech gehéiert, oder lech weinstens d'accord ze erklären, fir mat ons an der Finanzkommission oder an der Commission du Contrôle budgétaire, eng Kéier déi Donnéeën do op den Dësch ze leeën, an dann eventuell herno, en connaissance de cause, nach eng Kéier hei an der Chamber driwwer ze debatéieren.

Den drëtten Problem, deenen ech wollt uschneiden, dat ass e Problem, wou Der och als Minister zoustän-

neg sidd, a wou Der näischt maacht. Dat ass déi Avance sur traitement non régularisé. Fir d'Joer 2000, 770 Milliounen Lëtzebuerger Frang, wou Gehälter ausbezuelte gi sinn, wou en Deel vun deene Gehälter, ech betounen: en Deel vun deene Gehälter, dem Gesetz net entsprécht, a wou keng Décision geholl gëtt, wou d'Gesetz virgesäit, dass dat sollt bei d'Cour administrative goen. D'Regierung mécht et net. Resultat: déi Montante ginn net verbucht. Wann een dat kuckt, wat elo nach aussteet vun de Jore virdrun, da kënnt een op 5,8 Milliarde Gehälter, wou augenblécklech nach net feststeet, ob se geschéllt waren oder net, ob en Deel dovunner geschéllt war oder net. An déi Dépense ginn net verbucht. Dépenses déi net verbucht ginn, déi huet een theoretesch awer getäteg, mä si si just nach net als Dépense verbucht ginn. An anere Wieder, mir hu 5,8 Milliarde méi an de Reserve stoen, déi a Wierklechkeet 5,8 Milliarde fiktiv Reserve sinn. An ech mengen, dat ass e Reproche, Här Minister, deenen Dir lech musst un den Hutt stichen, dass an dräi Joer Zäit hei näischt, guer näischt geschitt ass, an dass et monter weidergeet.

An anere Wieder, ech resüméieren: Spekulation an Illegalité sinn dat wat hei d'Aart a Weis charakteriséiert, wéi hei dës Regierung d'Finanze vum Stat an d'Reserve vum Stat uegt. An dofir ass et kloer, dass wann esou Saachen nach weider ginn, dass den ADR e Budget, oder e Budget rectifié, net ka stëmmen.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

■ M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären. Ech wollt am Fong kuerz nodeem den Här Budgetminister haut de Mëtten hei Stellung zu eiser Motioun gezunn huet, wou mir drageschriwwen hunn, dass d'Regierung soll mensuellement d'Chamber informéieren, a wou den Här Minister de Mëtten d'Proposition hei gemaach huet, fir dass een dat soll trimestriellement maachen, an ech direkt eisen Accord ginn hunn, dat och offiziell maachen, sou dass mer an eiser Motioun dat Wuert mensuellement duerch trimestriellement géifen ersetzen, fir deem Rechnung ze droen, wat den Här Budgetminister de Mëtten hei gesot huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat am Fong net méi wëllen haut d'Wuert zu dësem Budget ze ergräifen, mä ech hu mer awer scho geduecht, dass den Här Weiler d'Geleeënheet net géif verpassen, fir iergendwéi awer nach eng Kéier hei drop ze kommen, an da queesch duerch de Gaart d'Oppositionsparteien hei duerchzesuelen. An dass mir natierlech un éischter Stell stinn, dat éiert eis an dass bleift an der Tradition vum Här Weiler.

Dat gëtt eis dann ëmmer d'Geleeënheet, fir eis mat enger Rei vun Aussoen, déi den Här Weiler, dee jo bekanntlech dat aacht Gebot net esou genau kennt, gemaach huet, hei ausereneen ze setzen. Den Här Weiler huet domat ugefaangen, dass d'Madame Nicklaus d'lescht Woch hei net méi zu Wuert komm ass, an dass den Här Gibéryen hei mat miesen Tricke geschaff hätt, fir dass d'Madame Nicklaus net méi sollt zu Wuert kommen.

Här President, all Kéiers dann, wann een heibannen an der Chamber drop hält, dass eist Reglement ugewannt gëtt, inklusiv de President selwer, da sinn dat laut dem Här Weiler mies Tricken, wann et zum Nodeel vun der CSV ass. Mir

hunn hei e Chambersreglement, dat ze applizéieren ass an ech fanne et eng gelungen Approche vun engem Fraktiounspräsident, wann eng aner Partei sech drop behaapt, dass d'Reglement soll applizéiert ginn, dass da vu miesen Tricke geschwat gëtt.

Des Weideren huet den Här Weiler gesot, ech hätt d'lescht Joer zu kengem Moment gefrot, dass mir sollen Zäit bäi kréien, zum Beispill Zäit vun de Motiounen mat bäi huelen. Ma, Här President, mir halen eis un d'Reglement a wa mer keng Zäit méi hunn, da soe mer net: Mir hätten elo nach gären Zäit bäi. Mir wosste jo och, dass den Här Weiler zum Schluss erauskomme géif an dann iwwert den ADR hierfalle géif, well hien ebe wosst, dass mer keng Zäit méi haten. Kéint Dir lech da virstellen, Här President, dass wa mir, nodeem den Här Weiler d'lescht Joer dee miesen Trick do gemaach huet, nach Zäit gefrot hätten, d'CSV higaange wier a gesot hätt: Ah jo, elo kritt Dir nach Zäit bäi. Also déi si mer eis net siche gaangen. Mir hunn einfach keng Zäit méi gefrot, well mer keng méi haten, a well mer eis wëllen un d'Reglement halen. Dat esouwäit zum Här Weiler senger Ausso.

Mä och d'Madame Nicklaus huet de Mëtteg hei gemengt, op d'Tréinendruss missen ze drécken, fir dem ADR hei virzuerwerfen, mir wieren net gentil zu enger Fra gewiescht. Här President, ech wëll der Madame Nicklaus soen, dass si als Presidentin vun enger Kommission, déi fir Chancëgläichheet hei antrëtt, si un alleréischter Stell net misst heihinner kommen a soen: Och wa keng Zäit méi do ass, mä well ech eng Fra si misst ech awer elo nach Zäit kréien, fir hei ze schwätzen. Da misst se mat der Gläichberechtigung bei sech ufänken, well ech ka mech net erënneren, dass an eisem Reglement - well eist Reglement ass gläichberechtigt, Madame Nicklaus - virgesinn ass, dass eng Fra méi Rechter wéi e Mann heibannen an der Chamber huet.

Dann ass vun der Madame Nicklaus gesot ginn: Den ADR ass Schold drun - a mir hätten Ierbesenzielerei gemaach -, dass si net méi de leschten Donneschdeg zum Schwätze komm ass. Här President, ech wëll nach eng Kéier drun erënneren: Mir hunn net méi an net manner gemaach, wéi eist Reglement applizéiert. Den Här Weiler weess dat och, mä den Här Weiler versicht natierlech ofzelenken. Hie schwätzt léiwer mam ADR iwwer e Reglement wéi iwwer aner politesch Themen.

(**Interruption**)

D'Madame Nicklaus kënnt dann heihinner a seet: Firwat kommen ech érischt als lescht vun 21 Spriecher hei drun? Här President, dass war eng ganz interessant Fro, déi d'Madame Nicklaus hei gestallt huet, mä si hätt dem Här Weiler déi misste stellen, well den Här Weiler huet d'lescht eragi vun den Orateuren vun der CSV. A Madame Nicklaus, do stoungt Dir als néngt vun néng drop. Dir musst den Här Weiler da froen, firwat dass hien lech als néngt drop gesat huet. An da wësst Der och, firwat dass Der d'office op Grond vun eiser Prozedur als lescht hei an der Chamber dru komm sidd. A wa leschten Donneschdeg d'CSV keng Riedezäit méi hat, da war dat och net dem ADR seng Schold, mä d'CSV hat eben néng Orateuren eraginn, an déi aner hunn Är ganz Zäit opgebraucht, Madame Nicklaus.

(**M. Jean Spautz reprend la Présidence**)

Den Här Weiler, als Éischten an der Rei, huet zéng Minutten iwwerzunn. Op d'mannst wosst den Här Weiler dann, dass déi zéng Minutten, déi d'Madame Nicklaus hanne sollt kréien, net méi do wieren.

(**Hilarité**)

Dat weist déi grouss Léift, déi et an der CSV-Fraktioun gëtt. A wéi ech de Mëtteg hei gesot hunn, Här Pre-

sident, dass d'CSV frou wär, wa se op d'mannst eng Fra manner an hire Reien hätt, do hat ech keen Numm genannt, mä do huet déi grouss Léift sech beim Här Weiler erëm duerchgesat, well hien huet direkt gesot ech hätt d'Madame Nicklaus domadder gemengt. An domadder hat ech d'Madame Nicklaus guer net gemengt.

(**Hilarité**)

Här President, mä dës Debatt huet nach aner Saachen un d'Dageslicht bruecht. Mir kënnen eis erënneren, dass den Här Statsminister hei deklaréiert huet, dass et an dëser Legislaturperiod keng Gehälterrevisioun géif ginn. Mir wëssen awer, dass dat eent vun den Haaptziler, zumindest vun enger Partei, der liberaler Partei, an der Regierung war, well den Här Statssekretär huet net manner wéi 67 Organisationsen, Ënner- an Ënnerënnerorganisationsen aus der Fonction publique emfaangen iwwer Méint a Joren, fir eben déi global Gehälterrevisioun ze preparéieren.

Ech hunn och schonn zënter Joren hei gesot, dass d'CGFDP an der Regierung vertrat wier. Nach d'lescht Woch, wéi ech dat gesot hu vun der CGFDP, dann ass vun der DP aus gesot ginn, dat kéim net a Fro; dass wier net esou, ënner kengen Ëmstänn. Mä d'Geheimnis ass gelüft ginn. D'lescht Woch steet da keen aneren hei, wéi den Här Statssekretär Schaack zu spéider Stonn owes, mä et ass awer näischt, wat un der Realitéit dofir ännert, an hie seet dann dann zu de sozialistesche Kolleegen: „Wéi ech nach deenen aneren Hutt ophat, wéi ech nach gewerkschaftlech aktiv war, a wéi mir bei lech komm sinn hu mir ni eppes vun lech kritt.“ Mir, dass ass d'CGFP. An da seet dann hei de Statssekretär: Mir. Dat ass de Beweis, dass d'CGFP an der Regierung ass. Wann ech da gesot hunn d'CGFDP, da stëmmt dat zu 100%. Mir hunn de Beweis d'lescht Woch kritt.

Et ass du gefrot ginn, ob de Statssekretär dann averstane wier mat der Deklaratioun vum Här Juncker, dass et keng global Gehälterrevisioun géif ginn. Hien huet du gesot, dass wier esou an der Regierung décidéiert ginn.

■ Une voix.- Point - à la ligne.

■ M. Gast Gibéryen (ADR).- „Point à la ligne“, sot hien hei. Och dat huele mer zur Kenntnis.

Wat fir mech awer positiv ass, ech si jo elo net een, deenen dofir bekannt ass, dass hien ëmmer ganz fein mat der CGFP ass - si jo och net mat mir, dat mécht awer näischt -, mä wat awer d'CGFP éiert, dat ass, dass d'CGFP mat averstanen ass, dass déi global Gehälterrevisioun net kënnt,...

(**Hilarité**)

...well schliesslech souz jo d'CGFP mat um Regierungsdësch, wéi dat décidéiert ginn ass an de Statssekretär vun der CGFP huet jo hei deklaréiert, si géife voll hannert där Décision stoen.

Ech mengen, dass éiert an dësem Fall d'CGFP, dass se an där schwieriger Zäit, an där d'Land sech befënn, hei esou eng responsabel Haltung iwwerhëlt a mat der Regierung mat décidéiert an averstanen ass um Regierungsdësch, dass ebe keng global Gehälterrevisioun an dëser Legislaturperiod soll realiséiert ginn.

(**Interruption**)

Här President, en anere Punkt, deenen ech nach eng Kéier wollt uschwätzen, ass dee vun de Gemengefinanzen. Den Här Statsminister an den Här Budgetminister hunn d'lescht Woch an annerhalwer Stonn Ried kee Wuert iwwert d'Gemenge verluer. De Mëtteg huet den Här Budgetminister fir d'éischt e puer Wuert iwwert d'Gemenge verluer,...

■ Une voix.- Awer just e puer.



M. Gast Gibéryen (*ADR*).- ...awer hien huet näischt gesot. Dat war genau datselwecht wéi dat, wat den Innenminister an der zoustänneger Kommissioun gesot huet. Deen huet och e puer Wuert gesot, mä hien huet och näischt gesot. D'Gemege stinn einfach am Drépsschlag. D'Iescht Woch en Donneschdeg ass den Här Innenminister am Jeudi gefrot ginn, wéi hien dann zu där Situatioun vun de Gemegefinanze stéing. Du sot hien, hien hätt vollt Vertrauen an d'Gemengen, datt déi déi Saach scho géifen an d'Rei maachen.

Här President, ech wëll lech awer soen, esouwäit wéi ech d'Gemege kennen, hunn déi leider kee Vertrauen, a scho guer kee vollt Vertraue méi an den Innenminister an an dës Regierung, well déi ginn hei zu 100% am Reen stoe gelooss. Als ee vun de Majoritéitsdeputéierten huet den Här Graas hei selwer proposéiert - vläicht net proposéiert, mä zumindest an d'Diskussioun bruecht -, et sollt ee sech emol iwwerleeën, ob een net kéint d'Grondsteier héijen.

(*Interruption*)

D'Grondsteier, jo.

Dat heescht also, déi Regierung hei, déi recommandéiert de Gemengen, d'Steieren ze héijen. An d'Stad Lëtzebuerg ass gëschter mam gudde Beispill virgaang, se huet se massiv erhéicht. Dat heescht alleguer déi Leit, déi iwwert déi Steierreform keng Vergënschtegunge kruten, Kleng- a Mëttelverdénger, déi ginn elo iwwert de Wee vun de Gemegesteieren an -erhéijunge geschröpt. Well ob elo ee mam Mindestloun säin Auto an der Stad virun der Dier stoen huet oder e Bankdirekter, jidderee muss datselwecht elo an der Stad bezuelen.

Et gött also eng Déviation gemaach, an da kënnt de Statsminister heihinner an deet sech de soziale Mäntelchen un, datt hie fir déi kleng Leit do wier, fir de Mindestlounbeziéier do wier. A wat gött mat dëser Politik gemaach? Hei gi grad déi kleng a mëttel Revenuë voll getraff.

De Mëtte si mer elo verträischt ginn op de Januar, datt da géif den Innenminister mat de Gemengen zesummekomme fir ze kucken, wat do da kéint gemaach ginn. Mä wann d'Gemege keng Garantie kréien, wéi hir Finanzsech iwwer 2004 ewech entwéckelen, da wäerten d'Gemengen hir Investitioune bremsen. Wa mer dëser Deeg an den Zeitungen d'Gemengerotsberichter liesen, da gesäit een, datt queesch duerch d'Gemengen déi Attitude ageholl ginn ass.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann de Mëtten den Här Weiler hei gesot huet, si wieren net Schold drun un deem ekonomeschen Abroch, datt wier eng weltwäit Kris, da wëll ech awer soen, datt ëmmer déiselwecht Leit, wann et biergop gaangen ass, gesot hunn, si wiere Schold drun. Si hunn dach d'Äppel getässelt am Keller, dee mer haut huelen. Wien huet dann déi Äppel? War dann och net d'Regierung Schold un deene villen Äppel, wouvun elo dëser Deeg geschwat gött?

Et kann net esou sinn, wann et biergof geet, dann ass d'Regierung net Schold, a wann et biergop geet, dann ass dat de Mérite vun der Majoritéit. A wann et och nach esou wier, Här President, da wëll ech awer ganz kloer soen, wann dës Regierung d'Gemengen am Ree stoe léisst, datt d'Gemengen net méi investéieren an datt de Bau an d'Handwierk dann a seng gréisste Kris erarutscht an de Chômage an d'Luucht geet, dann ass awer all Chômeur, dee mer d'nächst Joer weider duerch déi dote Politik provozéieren, eleng an exklusiv d'Schold vun dëser Regierung, déi d'Gemengen all Joers am Ree stoe léisst. Kuckt d'nächst Joer all Mount, wann d'Chômagestatistiken erauskommen, wéi vill datt se an d'Luucht ginn, da kënnt Dir lech

déi un Ären Hutt schrauwen, well dat ass da ganz eleng dëser Regierung hir Schold, déi eben déi dote Politik provozéiert huet.

Als weidere Punkt ass hei vum Här Weiler gesot ginn, mir hätte keng Alternativen. Ech wëll awer soen, datt mir hei gesot hunn, datt ee misst zu dësem Zäitpunkt Prioritéite setzen. Prioritéite setzen, wou mer gesot hunn, d'Schoulen, d'Spieler, Altersheimer, Fleegeheimer, den öffentliche Transport, Kläranlagen, soll ee virsetzen, viru Rockhalen oder Muséeën. Et sollt een d'Lounmass afreieren an et sollt een eng Réforme administrative maachen, déi bis elo just doranner bestanen huet, datt de Statssekretär e gréngen Telefon mat 8 Nummeren agefouert huet. Virdrun huet ee véier Nummeroe gedréint fir keen ze kréien, lo dréint een der aacht fir keen ze kréien.

(*Hilarité*)

Här President, den Här Weiler huet dann och gemengt, mir hätte gesot, et misst ee staarke Coup de frein gemaach ginn, am Hibleck vun deene 700.000 Awunner. Et stëmmt, datt mir gesot hunn, als ADR, datt een net de Wuesstum kéint esou onkontrolléiert weiderlafe loossen. Mir schwätzen alleguer, an net nëmme mir, mä jiddereen am Land, an den Här Budgetsminister huet d'Iescht Woch och hei vun engem vertriebare Wuesstum geschwat, mir hunn net geschwat vun engem Minuswuesstum, oder engem Nullwuesstum, mir hu vun engem vertriebare Wuesstum - an dat vergësst den Här Weiler a senger intellektueller Eierlechkeet ëmmer - geschwat. An et wier, well mer schonn zu deem Zäitpunkt d'Infrastrukturen net méi gepackt hunn, well mer net méi Schoule genuch haten, well mer de Verkéierschaos an de Stroossen hunn, well mer kee Bauland méi haten, well d'Baupräsier an d'Onendlecht geklomme sinn, wat jo awer alles Konsequenze vun där Politik do waren. Dofir huet ee misen och déi Diskussioun uféieren, wann een net mengt datt et dohinner hätt kënne virgoen, fir op e vertriebare Wuesstum ze kommen.

Datt d'Regierung, Här President, net wosst, datt se scho méi gebremst hätten, wéi mir jeemools wollte bremsen, datt hu mer dëser Méint jo gesinn, Här President. Den Här Juncker, eise Stats- a Finanzminister, ass anere Länner Lektoune erdeele gaangen, wat se alles misste maache fir d'Stabilitétskritären ze respektéieren. An dat zu engem Zäitpunkt, wou Lëtzebuerg schonn d'rout Luucht, europawäit, am wirtschaftleche Wuesstum war. Esou huet scho laang kee Lëtzebuerger Stats- a Finanzminister sech méi blaméiert, dee jo iwwerall, bei d'Fransousen, bei déi Däitsch, gaangen ass, keen Interview ausgeloooss huet, fir deene Lektoune ze erdeelen, wat se alles misste maachen, deen an Däitschland bei der CDU/CSU op Wahlversammlungen opgetratt ass, fir deenen alleguer ze soen, wat se misste maachen, fir de Stabilitétskritär ze erfëllen, a mer waren zu deem Zäitpunkt schonn d'rout Luucht vun deene 15 EU-Staten.

Dat beweist, Här President, datt et mat der Wäitsicht an der Kloersicht an där gudder Finanzpolitik vun der CSV net esou ass wéi dat ëmmer gezielt gött. Hei huet d'CSV mat hire sougenannte Spezialiste sech net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä europawäit esou blaméiert, wéi scho laang kee sech méi blaméiert huet.

Dann nach ee leschten Thema, de Rentendësch.

Madame Stein, wann Der midd sidd, da kënnt Der schlofe goen.

(*Hilarité*)

Et ass keen deen lech heihält.

(*Coups de cloche de la Présidence*)

M. le Président.- Also, Här Gibéryen, Dir kënnt awer net hei d'Kollege perséinlech beleiden.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Ma neen, d'Madame Stein ass permanent amgaange mir hei ze soen: Dann hal op!

(*Hilarité*)

M. le Président.- Ech hunn awer näischt héieren.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Dach, Här President, ech héieren nach gutt.

Här President, den Här Weiler huet da gesot, den ADR hätt um Rentendësch...

Mme Nelly Stein (*CSV*).- Dir laacht och nach. Et war schonn an der Schoul esou: wann een domm war hunn déi aner gelaacht.

(*Hilarité et coups de cloche de la Présidence*)

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Här President, ech muss allerdéngs elo soen, datt d'Kollege méi gelaacht hunn no der Madame Stein hirer Interventioun wéi no menger.

(*Hilarité*)

Um Rentendësch, Här President, hate mir effektiv Fuerderungen erabruecht déi deene Chiffere correspondéieren, déi den Här Weiler virdrun hei gesot huet. Dat stëmmt. Dozou sti mir. Ech mengen, mir hu schrëftlech eraginn, datt mer dat verlaangt hunn, fir eben hei zu Lëtzebuerg Rentegerechtegkeet ze realiséieren. Wann een dee Chiffer do héiert, da gesäit een och wéi grouss d'Rentenongerechtegkeet hei am Land ass. Well dat do ass dee Chiffer, dee mer als Allgemengheet missten opbréngen a verdéngen, fir Rentegerechtegkeet hei am Land ze hunn. Den Här Weiler seet: Wa mer dem ADR seng Fuerderung erfëllt hätten - dat huet e virdu gesot -, da kéinte mer als Land de Schlëssel ënnert d'Dier leeën. Dat heescht an anere Wieder, wa mer hei am Land jidderee behandle sou wéi mer d'Fonction publique behandeln, da leeë mer de Schlëssel ënnert d'Dier.

Dës Regierung - an och déi viregt Regierung - ass higaangen an huet eng Reform vun de Pensiounen an der Fonction publique duerchgezunn, wou se en Iwwergangsregime gemaach huet, wou se 40, 50, 60 Joer, bis d'Leit gestuerwe sinn, nach deen deiere Renteregime weider lafen a weider finanzéiere loossen. Also 40, 50 Joer leeft dee Regim weider. Et huet kee gefrot, wat dat géif kaschten. An den Här Weiler net an och keen aneren huet gerechent, ob dat elo 10, 15, 20, 50 Milliarde géif kaschten. Neen, et ass ouni Kommentar gestëmmt ginn. A wann de Privatsektor déiselwecht Rechter aklot, da gött gesot, da musse mer de Schlëssel ënnert d'Dier leeën.

Mir loossen eis vu kenge Leit hei Lektoune erdeelen, déi mat alle Mëttelen d'Rentenongerechtegkeet hei am Land wëlle weiderféieren. Mir wäerte weider mat deene Chifferen déngen, datt all Mënsch, zumindest hei am Land, gesäit, wéi grouss datt déi Rentenongerechtegkeet ass. An den Här Weiler huet treffend de Mëtten hei ënnerstrach, wéi grouss datt déi Rentenongerechtegkeet hei am Land ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bléif sécherlech nach vill ze soen, mä meng Kolleegen an ech, mir hunn, mengen ech, alles an dëser Debatt gesot. Ech mengen, ech iwwerraschen lech net, wann ech och nach als Leschte vun eis soen, datt mer dësem Budget net wäerten zoustëmmen.

M. le Président.- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vun der Loi budgétaire a stëmmen driwwer of.

Ech wollt nach drop opmierksam maachen, datt d'Amendementer, déi vun der Commission des Finances et du Budget ugeholl goufen, en integrale Bestanddeel vum Budgetsprojert duerstellen. Den Texte coordonné vum Budgetsprojert ass un d'Deputéierte verdeelt ginn als Annexe zum Rapport complémentaire vun der Kommissioun a steet am Dokument 5000<sup>10</sup>. Déi verschidde budgetär Kreditter an Dépenses als Annexe zum Texte de loi gehéieren zum Artikel 1. Mir maachen elo d'Lecture vum éischten Artikel.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)**

M. le Président.- Den Artikel 1 ass gelies.

De Vote iwwert dësen Artikel 1 gött opgehuwe bis déi aner Artikelen ugeholl sinn, well hei d'Konklusioun vum Budget drastinn.

D'Artikelen 2 bis 45 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert den Artikel 1, dee gelies ass, of. Hëlt d'Chamber den Artikel 1 un?

(*Assentiment*)

Den Artikel 1, an deem de Budget säin Néierschlag fënn, ass ugeholl.

Da komme mer zum leschten Artikel iwwert d'Entrée en vigueur.

Den Artikel 46 ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5000.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 34 Jo-Stëmmen a 26 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Sauter, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(*Assentiment*)

Et ass esou décidéiert.

**Motions**

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zu de Motiounen, déi abruecht gi sinn. Kënne mer par main levée ofstëmmen? Den Här Minister Frieden, freet d'Wuert zu der Motioun 1.

(*Interruption*)

Entschëllegt, d'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler (*CSV*).- Här President, d'Motioun 1 ass u sech superfétatoire, well d'Motioun 3 geet an deem Sënn vill méi wäit.

(*Hilarité*)

Mir froen, well dat jo hei ëmmer Misär mécht, speziell bei der Madame Wagener an hire Kolleegen, d'Prioritéit net, well dat jo anscheinend antidemokratesch ass, wann een d'Reglement hei uwennt. Dofir wäerte mir déi Motioun 1 oflehen, stëmmen awer d'Motioun 3, wou méi gefrot gött wéi dat, wat an der Motioun vum Här Gibéryen dran ass.

M. le Président.- Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Merci, Här President. Ech si frou feststellen, datt d'CSV den Owend d'Guillotine hei net spille léisst an d'Prioritéit net freet fir hir Motioun. Ech géif awer trotzdeem mengen, well eis Motioun als éischt deponéiert ginn ass an datselwecht freet wéi d'Majoritéit...

(*Interruption*)

Här Weiler, Dir hutt Är Motioun erkläert, ech wëll dat och maachen.

Här President, wann den Här Weiler seet, hir Motioun géif vill méi wäit goen, da wëll ech soen, wat an hirer méi drasteet, dat ass: „à veiller à une exécution prudente et rigoureuse du budget des recettes et des dépenses de l'Etat de 2003“.

Ech fannen et éierlech gesot, Här President, fir eng Majoritéit blamabel, datt déi vun hirer Regierung verlaangt, datt de Budget misst „prudent“ a riguréis applizéiert ginn. Ech hat gemengt, datt wier eng Selbstverständlechkeet. Wëllt dat heeschen, wa mer déi Motioun vun der CSV hei stëmmen, datt an der Vergaangenheet dat ni gemaach ginn ass?

M. le Président.- Den Här Budgetsminister huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, aus Respekt virum Parlament hunn ech fir d'éischt d'Parlamentarier schwätze gelooss. Et sinn awer zwee Elementer, onofhängeg wéi d'Chamber décidéiert doriwwer ofzestëmmen, déi an där Motioun 1 an 3 anescht sinn, an déi si fir d'Regierung substanzzieller Natur.

An der Motioun 1 geet Rieds vun enger Information mensuelle. Ech hat virdrun a menger Ried gesot, datt dat net vill géing bréngen, well wann een d'Steiere vum Mount Januar kuckt oder d'Dépenses, an et vergläicht een déi zum Beispill mat deene vum Mount Dezember, do gesäit een esou Ënnerscheeder, datt een eng richtig Analys nëmme kann no dräi Méint maachen. Dat ass dat Eent.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Dat ass an der Zwëschenzäit scho geännert ginn.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- D'accord, wann dat geännert ass. Ech hunn nach déi Versioun mat „mensuellement“.

Deen zweete Punkt ass deen, datt an der Motioun 1 och Informatiounen gefrot ginn iwwert d'Situation économique du pays. De Wirtschaftsminister huet mech gebieden der Chamber ze soen, dass ausser deene Rapporten, déi all dräi Méint de Statereschreift, d'Regierung an ech selwer kaum gesinn, wat fir eng Rapporten dat



nach kënnle sinn. Dofir géing ech gären als Regierung wëssen, wat dann nach méi gefrot ass? Mir bréngen lech déi Informatiounen, déi mer hunn, mä et kommen ëmmer déi Notes de conjoncture vum Statec eraus, an déi kritt selbstverständlech och d'Chamber. Mer wëlle wëssen, wat dat genee heescht.

An der Motioun 3 geet Rieds vun der Evolution des recettes fiscales. Ech mengen, dat ass eppes, wat Der bis elo net kritt hutt, an dat kritt Der selbstverständlech. Dat hat ech d'lescht Woch schonn an der Chamber gesot. Dat gëtt mer iwregens d'Geleeënheet, fir och nach ze soen, datt contrairement zu deem, wat d'lescht Woch hei behaupt ginn ass, datt d'Steierverwaltung keng Leit hätt, fir hir Aarbecht ze maachen, datt déi dräi Finanzverwaltungen an dëser Legislaturperiod a bis an d'Joer 2003 140 Leit - ech ënnersträichen d'Zuel 140 - bäikritt hunn. Déi Poste si justifizéiert an dofir huet d'Regierung hinnen déi ginn. Et ass also net näischt gemaach ginn.

Am Résumé: D'Motioun 3 reflétiert méi déi Soucien, déi ech elo grad genannt hunn, mä d'Regierung wëllt trimestriellement an d'Chamber kommen. Et ass duerfir un der Chamber ze kucken, ob se d'Motiounen 1 an 3, oder nëmmen d'Motioun 3 stëmmt. Dat ass der Regierung en fin de compte egal.

**M. le Président.**- Den Här Alex Bodry huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, ech mengen, u sech kënnen déi zwou Motiounen Satisfaktioun ginn, wa mir eis eens si wat mir drënner verstinn, a wa mir och wierklech wëllen eng Rei vun Defiziter vun Informatioun behiewen, déi an der Vergaangenheet bestanen, an déi awer elo an der Zäit, wou et wirtschaftlech méi enk gëtt, effektiv kriddelech sinn. Et ass wichteg, dass d'Chamber, mengen ech, esou gutt wéi d'Regierung, lafend déi Situatioun verfolgegt, fir dann deementspriedchend kënnen anzegräifen, wann et néideg ass.

Niewent de Recettes fiscales, schéngt mir jo awer och d'Exekutioun selwer vum Budget eppes Wesentlech ze sinn. Dofir mengen ech, dass et net duergeet, wéi an der Motioun 3 vun de Majoritéitsparteien dra steet, dass et nëmmen hei ëm déi trimestriell Informatioun iwwert d'Einnahmesäit eigentlech geet. Et wär och wichteg, dass een eng trimestriell Informatioun iwwert d'Ausgabesäit hätt, fir datt ee gesäit, wéi am Laf vum Joer d'Exekutioun vum Budget duerchgefuert gëtt, well nëmmen dat erméiglecht et eis jo och den éischten Tiret hei ze kontrolléieren, wou d'Regierung nach eng Kéier opgefuerdert gëtt, fir eng gewësse Rigueur un den Dag ze leeë bei der Ausféierung vun hirem Budget, obwuel se schonn d'lescht Joer gesot huet, si géif dat riguréis duerchféieren - si huet dat och dës Kéier ermeng Kéier gesot -; duerfir bréngt dat doten eis theoretesch net vill Neies. Mä et ass awer wichteg, dass déi zwou Säite gekuckt ginn, souwuel d'Einnahmen ewéi och d'Ausgaben.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Si mécht dat och.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Da besteet nach en drëtten Defizit, deem och scho vun anere Leit festgestallt ginn ass, dat ass déi Programmation pluriannuelle, déi mir hunn, mat den Investitiounsfongen.

Do hu mer och dëst Joer misse feststellen, dass eenzel Käschtepunkte vu Projeten nach net à jour gesat gi sinn an der Programmation. Dat gëtt net méi au fur et à mesure gemaach. A virun allem, wat mech besonnesch stéiert, dat ass, dass se ab engem gewësse Datum ophéiert, an da just nach eng Rubrik do ass „exercices ultérieurs“, wat d'Dépenses ugeet.

Dat ass awer net realistesch, well u sech eenzel Projekte weider gefouert ginn iwwert déi Exercicer duerno. Dofir wär et wichteg, dass net nëmmen eng Period vu véier bis fënnef Joer gekuckt gëtt, mä dass een do méi wäit géif goen an eng Period vun aacht bis zéng Joer kucken, fir dass een och wierklech ka verfolgegen, wat lass ass. Et deet mir Leed, et ass fir mech ganz éierlech erschreckend, dass ech hu misse feststellen an eenzelnen Tableaux, déi presentéiert gi sinn, wat d'Ausgabe vun de Fongen ugeet, dass e puer Fongen ufank 2006, dat ass net méi laang, theoretesch op Null sinn, wat d'Avoiren ugeet.

Et ass also esou, dass, wann ee wëllt mat den Dépenses weiderfueren, mä genau weess een net, wat dat Joer drop vun Dépenses virgesinn ass, een eigentlech misst d'Dotation budgétaire dann drastesch eropsetze fir dat Joer. Do klappt jo iergendeppes net, an dofir menge mir, dass et wichteg wär, dass een och do regelméisseg, dat schéngt mir eng semestriell Basis missen ze sinn, géif eng Mise à jour maache vun deene Programmationen no den neisten Donnéeën, déi een huet, wat de reelle Käschtepunkt an de reellen Timing vun de Projeten ugeet, an dass een dann awer iwwer 2006 eraus géif méi prezis Zuele ginn. Soss ass, mengen ech, d'Chamber net à même ze kontrolléieren, ob déi Projeten iwwerhaapt nach iwwert deem Datum eraus finanzéierbar sinn oder net. Mir wäre frou, wann an deem Sënn d'Motioun 3 kënnt complétiert ginn.

**M. le Président.**- Kënne mir ofstëmmen? Hei ass d'Prioritéit verlaangt gi fir d'Motioun 3.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Jo, okay. Da schwätze mer bei der Motioun 3 nach eng Kéier doriwwer. Mir kucke bei der Motioun 3 nach eng Kéier.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Neen, d'Motioun 1 kënnt zum Vote. Mir froe keng Prioritéit; schéi proposer der Rei no.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Den Här Weiler ass emol eng Kéier verstänneg.

**Une voix.**- Mir halen eis net méi un d'Reglement. Den Här Gibéryen hätt dat gären esou.

**M. le Président.**- Mir stëmmen dann of iwwert d'Motioun 1.

#### Vote

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen, oder enthal sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 34 Nee-, 21 Jo-Stëmmen a 5 Abstentounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Sauter, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-*

*durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Jeannot Belling), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

Da komme mer zur Motioun 2, déi vum Här Bausch abruecht ginn ass. Kënne mer direkt doriwwer ofstëmmen?

#### (Interruption)

Den Här Budgetsminister Frieden freet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, den Här Bausch huet Recht, wann hie seet, dat hei wär eng Matière mat där hie schonn op d'mannst beim leschte Budget komm wär. Et ass awer esou, dass dat heiten eng relativ komplizéiert Matière ass. Et ass och dofir, firwat d'Regierung bis haut zu där Proposition de loi nach keng schrëftlech Stellungnahm ginn huet. Si wëllt dat awer a kierzester Zäit nohuelen. Dat fir Är Informatioun.

Dat Zweet ass, dass ech mat dëser Motioun awer Problemer hunn, well en fait gëtt hei gefrot, dass d'Regierung op Grond vun enger Proposition de loi e Projet de loi soll maachen. Wann den Här Bausch a seng Fraktioun esou iwwerzeegt si vun där Proposition de loi, da proposéieren ech, dass d'Chamber déi Proposition de loi kuckt, den Avis vom Conseil d'Etat freet an doriwwer ofstëmmt. Et ass jo awer e komesche Prozess, dass hei gefrot gëtt, e Projet de loi op Grond vun enger Proposition de loi ze schreien. Ech mengen, d'Parlament huet den Droit d'initiative législative. Se sollen da kucken, wat se domadder maachen.

Eng drëtt a lescht Observatioun ass déi, dass ech am Fong d'Kohärenz vum Discours vum Här Bausch net honnertprozenteg verstinn. Hien huet der Regierung virgeworf, ze vill Steueravantages ze accordéieren an dësen Zäiten, an am zweeten Tiret gëtt proposéiert, fir hei en «Abatement de revenu impossible» ze introduiséieren. Ech mengen, et ass net d'Zäit, fir nei Abatementer anzeféieren. Et muss een dat awer och gesinn à la lumière vun deem, wat mir schonn a Steuerreduktiounen gemaach hunn. Dat hält net onbedéngt eppes ewech vum Wäert, fir iwwer Investmentfonge mat dësem Objektiv ze diskutéieren, mä et muss een awer och kucken, dass et net un der Zäit ass, fir weider Reduktiounen vu Steieren ze ginn, och wa se positiv Aspekter beinhalten. Op Grond vun all deem géif ech mengen, dass d'Chamber dës Motioun net sollt unhuelen.

**M. le Président.**- Den Här François Bausch huet d'Wuert gefrot.

**M. François Bausch (DÉI GRENG).**- Här President, ech gesinn et war elo net einfach fir de Budgetsminister, hei Kéieren ze fannen, fir déi Motioun do kënnen ofzelehnen oder net, oder d'Chamber opzufuerderen se net unzehuelen. Ech wëll awer soen: Esou einfach ass et net.

Den éischten Tiret - dat wëll ech lech direkt soen - steet eigentlech just do pour mémoire, dass ech eng Initiativ geholl hunn. Ech sinn direkt bereet, deem ze sträichen, well dat ass mir eigentlech zimlech egal. Hei geet et mir drëms, dass eppes geschitt. Et ass mir zimlech egal, wien herno schlussendlech do den Initiator war. Also, ech sinn direkt d'accord deem ze sträichen.

Dann zum Punkt vun de Steieren, do wëll ech lech soen: Är Ausso ass interessant, a si ass virun allem interessant, well dat mir bestätegt, dass Dir einfach net wëllt no-lauschteren, wat ech lech hei elo schonn zwee Deeg laang erklären. Nämlech dass mir amplaz vun lech, wou Dir e Steuerreduktiounsprogramm gemaach hutt, eng Steuerreform gemaach hätten, déi engersäits dra bestanen hätt, dass mir wahrscheinlech och verschidden Erliichterungen zougestanen hätten, mä virun allem an der Struktur vun eise Steiersystem Saachen agebaut gi wäeren, déi e kloren Impakt gehat hätten op d'Ekonomie zum Beispill. Net andeem mir mat der Géisskan higaange wäeren an einfach breet verdeelt hätten, ouni ze wëssen, ob dat iergendeppes bruecht hätt. Dat heiten ass ee Volet dovunner.

Mir hätten, wa mir an der Regierung gewiescht wäeren, drop gedrängt, dass 2000 eng Steuerreform komm wär, wou dann eenzel Elementer dozou gehéiert hätten. Ech hat gesot d'ekologesche Komponent wär eng gewiescht, déi och dozou gehéiert hätt, an déi hei wär och eng gewiescht, déi dozou gehéiert hätt. Dofir si mir der Meinung, dass et awer wierklech äusserst problematesch ass, wann dës Regierung kee Problem dra gesäit, mat der Géisskan d'Geld ze verdeelen. An do, wou et selektiv drëm geet, ganz genau, ganz gezielt eppes ze förderen, wou ee kënnt moossen herno, wat den Impakt ass fir eis Ekonomie, do ass se dergéint. Dofir ass et fir eis natierlech kloer, dass mir zu deem Tiret hei sinn. Ech sinn zwar d'accord deem éischten Tiret ze sträichen, dat ass mir egal, mä deem anere bleift selbstverständlech hei dran, well dee läit an der Logik vun deem, wat ech argumentéiert hunn.

Ech muss och soen, Här Frieden, dat entsprécht awer zumindest och nach deem, wat ech virun engem Joer vum Finanzminister erkläert kritt hunn, souguer no deem wat dës Regierung jo duerch dee Steuerreduktiounsprogramm décidéiert hat, ass de Finanzminister der Meinung gewiescht, dass dat heiten eng Pist wär, och wat de steierlechen Aspekt ubelaangt, déi ee misst suivéieren, a wou ee misst onbedéngt eppes maachen. A sief et nëmme fir den nationale Marché, fir deem Aspekt, deem ech virdrun erkläert hunn: de Verloscht vun der Loi Rau an den Ersatzproduit vun der Loi Rau, wou een hei hätt kënnen en neie Kader dofir schafen.

Wéi gesot, ech proposéieren den éischten Tiret ze sträichen, Här President. Ech hätt gären e Vote électronique, well déi fadenscheineg Argumenter do, déi gebraucht gi sinn, fir dat ofzelehnen, kënnen mech kaum iwwerzeegen. Déi si just dofir geduecht, fir sech endlech aus der Situatioun heierauszerieden.

**M. le Président.**- Den Här Jeannot Krecké huet nach d'Wuert gefrot.

#### (Brouhaha général)

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Den drëtten Tiret: „Considérant le manque à gagner en termes d'image de marque...“. Mir wäer frou, wann Dir dat géift ëmänneren, wann Dir géift soen: „En considérant le gain que ces investissements pourraient...“. Et ass vläicht e bässe komesch ausgedréckt. An da géif ech virschloen, anstatt beim éischten „Invite le Gouvernement“ ze soen, „Invite le Gouvernement à accepter“ oder „à aviser favorablement la proposition de loi“ ze soen. Da kéint een effektiv de Projet de loi ewechloossen.

#### (Hilarité)

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här Krecké, zu „à aviser favorablement“; mir decidéieren nach selwer, ob mir eppes favorabel aviséieren oder net.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Dofir froen ech, fir dat ze maachen, well Dir musst jo mat Äre Leit eppes ausschaffen. Dat schafft jo soss keen aus.

**M. le Président.**- Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 2.

E Vote électronique ass verlaangt.

#### Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder enthal sech.

D'Motioun ass verworf mat 34 Nee-, 21 Jo-Stëmmen a 5 Abstentounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).*

*Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Sauter, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-*

*dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling;*

*M. Serge Urbany.*

Da kéime mer zur Motioun 3. Kënne mer do par main levée ofstëmmen?

#### (Assentiment)

Hëlt den Här Minister Stellung dozou?

#### (Interruption)

Da kënnen mer also direkt ofstëmmen?

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Neen, nach net.

**M. le Président.**- Den Här Bodry freet d'Wuert.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Ech wëllt, well virdru keen drop reagéiert huet, eng Propos maachen, dass mindestens awer géif an den zweeten Tiret stoe kommen: „A surveiller de près l'évolution des recettes fiscales et des dépenses budgétaires et à informer trimestriellement la Chambre des Députés“.

**Une voix.**- Très bien.

#### (Interruption)

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Nee, do steet net dran, dass d'Chamber soll informéiert ginn, dat schéngt mer wesentlech ze sinn. Dat wär nämlech nei, par rapport zu deem, wat mer haut hunn.

#### (Interruption)

**M. le Président.**- Also d'Regierung ass d'accord fir déi Ännerung unzehuelen. Da kommt mer stëmmen iwwert déi modifiéiert Motioun of, déi elo folgende Wuertlaut huet:



Motion 3 modifiée

La Chambre des Députés,

Au vu des chiffres-clef décrivant l'évolution économique du Luxembourg qui ont été publiés au cours du dernier trimestre de 2002, «qui renseignent une quasi-stagnation de notre économie en 2002, ainsi qu'une croissance minime pour 2003»;

Considérant que ces nouvelles données, en combinaison avec les estimations de recettes nouvelles effectuées par les administrations fiscales, ont eu un impact sur la finalisation du projet de budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour 2003, «dans la mesure où les prévisions de recettes pour l'exercice 2003 ont dû être revues à la baisse par rapport au projet initial»;

Considérant qu'indépendamment des statistiques et prévisions, la situation économique actuelle nécessite une gestion extrêmement prudente et rigoureuse des deniers publics ;

Invite le Gouvernement

À veiller à une exécution prudente et rigoureuse du budget des recettes et des dépenses de l'Etat de 2003;

À surveiller de près l'évolution des recettes fiscales et des dépenses budgétaires et à en informer trimestriellement la Chambre des Députés.

Vote

Deen derfir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass d'Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer a fänkt um 9 Auer un. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.33 heures)

MERCREDI, 18 DÉCEMBRE 200219<sup>E</sup> SÉANCEPrésidence: M. Jean Spautz, PrésidentM. Jean Asselborn, Vice-Président

Ordre du jour

1. Communication
2. Ordre du jour
3. 5053 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum4995 - Proposition de loi de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)
4. 4694 - Projet de loi portant

1. transposition de la directive 96/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 1996 concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services;

2. réglementation du contrôle de l'application du droit du travail(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.02 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Ech hunn e puer Kommunikatiounen ze maachen:

1. Communication

A la demande du Ministre du Travail et de l'Emploi, M. François Biltgen, Ministre aux Relations avec le Parlement a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 17 décembre 2002, le

- *Projet de règlement grand-ducal N° 5071 autorisant le Gouvernement à mettre en œuvre des travaux extraordinaires d'intérêt général au cours de l'année 2003.*

2. Ordre du jour

Wat d'Reiefolleg vun de Projeten ubelaangt, déi haut op eisem Ordre du jour stinn, wëll ech lech matdeelen, dass d'Projets de loi 4917, 4926 a 4923 iwwer d'Alters- a Fleegeheemer zu Mamer, Dikrech a Betzdorf aus organisatoresche Grënn haut de Mëtten um halwer dräi drukommen.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5053 zesumme mat der Proposition de loi 4995 vum Här Lucien Lux iwwert de Mindestloun. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Loes, Bettendorf, Jaerling, Bausch an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Glesener.

3. 5053 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

4995 - Proposition de loi de M. Lucien Lux portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi lescht Upassung vun de Mindestléin un d'Lounentwécklung ass den 1. Januar 2001 erfollegt. D'Bemessungsgrundlag waren d'Léin aus de Joren 1998 an 1999. Deen Ajustement war 3,1%. Profitéiert vun dësem Ajustement hate 35.705 Persounen. Dovu waren 18.465 Männer a 17.140 Fraen. Esou wéi beim Ajustement virdru waren och dës Kéier méi Männer wéi Fraen, déi vum Mindestloun ofhängeg sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Gesetz gesäit vir, dass all zwee Joer d'Regierung dem Parlament dee Bericht iwwert d'Lounentwécklung am öffentleche wéi am private Sektor virleeë muss. Déi Entwécklung vun de Léin gëtt no enger festgesater Method gerechent. Si ass festgeluegt duerch d'Gesetz vum 24. Abrëll 1994, an ass erwidert ginn duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 1994. Deen éischten Ajustement no der neier Methodologie ass den 1. Januar 1995 a Kraaft getrueden.

Geprüift gëtt ebenfalls déi wirtschaftlech Entwécklung an déi wirtschaftlech Capacitéit zu Lëtzebuerg. Op Grond vun dësen Analyse kann d'Regierung dem Parlament virschloen, d'Mindestléin un déi errechent Lounentwécklung unzepassen oder och net.

Dëse Bericht ass dem Parlament den 8. November 2002 mat engem Projet de loi virgeluegt ginn. Bemessungsgrundlag waren d'Joren 2000 an 2001. Während dëse Jore sinn d'Léin hei zu Lëtzebuerg ëm 3,5% an d'Luucht gaangen. D'wirtschaftlech Capacitéit zu Lëtzebuerg erlaabt et ouni Weideres, esou seet och de Projet vun der Regierung, dass d'Mindestléin och ëm 3,5% erhéicht kënne ginn. Dem zur Folleg proposéiert d'Regierung een Ajustement vun de Mindestléin ëm 3,5%, an dat ab dem 1. Januar 2003.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi zoustänneg Parlamentskommissioun huet den 21. November vun dësem Joer hire President als Rapporteur genannt, an hat eng éischt Berodung iwwert de Gesetzesprojekt. De Statsrot huet säin Avis den 10. Dezember 2002 ofginn. Dësen Avis beinhalt keng fundamental Bedenken. Aus dem Avis wëll ech ledeglech zwou Bemierkungen zitéieren: Éischtens, d'Erhéijung vum Mindestloun wäert, ausser den Horescasector, wéineg Auswierkungen op eis Wirtschaft hunn. Dat stellt de Statsrot och fest. Zweetens, mat Bezuch op d'Proposition de loi Lucien Lux, mengt de Statsrot, ausser dem Ajustement vun 3,5%, keng zousätzlech Erhéijung ze stëmmen. Sou wäit den Avis vum Statsrot.

De Statsrot bemierkt awer och, dass him bei senge Berodungen nach keen Avis vun iergendenger Berufschamber virlong. Leider hat och eis Kommissioun bei hirer Berodung vun dësem Rapport, och keen Avis vun enger Berufschamber virleien. Et ass natierlech bedauerlech, well mat Sécherheet wär deen een oder aneren Aspekt vun de Berufschambere mat an d'Diskussioun agefloss, an hätt mat Sécherheet dozou bäigedroen, dass den Iwwerleeunge vun deene Leit, déi fir dee Sektor zoustänneg sinn, Gewerkschaften a Patronatsverrieder, an eiser Kommissioun Rechnung gedroe gi wär. Mir hunn dat bedauert a riichten een Appel un d'Regierung, dofir ze suergen, dass an Zukunft de Projet de loi méi fréi op den Instanzewee bruecht gëtt.

Iwwregens hu mir scho virun zwee Joer déiselwecht Bemierkunge gemaach. Et ass awer net d'Schold vun der Regierung, mä de Problem läit an der Prozedur, well d'Regierung kann dee Projet jo eréischt déposéieren, wa se de Rapport vun der IGSS huet. Nun, wann d'Regierung awer spéit, um Enn vun dësem Joer dee Rapport kritt huet, da ka se net méi fréi e Projet

de loi op den Instanzewee ginn. Dat huet dann och zur Folleg, dass d'Berufschamberen esou wéi se funktionnéieren, net à même sinn, e Rapport ofzeginn. Dofir ass et natierlech fir déi Kommissioun, déi een objektive Rapport soll maachen a Berodunge féieren, och net einfach, wa se net weess, wat d'Berufschambere soen.

Mir hunn awer gëschter ausgedeelt kritt den Avis commun vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers. Esou wéi all déi aner Rapporte konnt dann och deen heiten net schrëftlech a mengem Rapport berücksichtegt ginn. Ech wëll awer dräi fundamental Bemierkungen erauspicken.

Wat steet am Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers? Éischtens soe se: keen Ajustement. Zweetens soe se, de Mindestloun ass eng Moossnam, déi net méi noutwendeg hei zu Lëtzebuerg ass. Wann een Ajustement soll geschéien, da muss en net an deem volle Betrag sinn, wéi d'Lounentwécklung et virgesäit. Weiderhi soe se, dass et och net ubruecht wär, fir d'Mindestléin all zwee Joer un d'Lounentwécklung unzepassen. Prinzipiell soe se: Keng Erhéijung vum Mindestloun, virun allem elo net an där wirtschaftlech onsécherer Zäit an där mir eis befannen.

Dann ass awer eng Ausso an deem Avis, déi mir mat Sécherheet méi konkret an eiser Kommissioun diskutéiert hätten, an déi mech awer e bësse stéiert. An zwar soen déi zwou Berufschamberen, dass déi Leit, déi de Mindestloun bezéien, u sech Leit sinn, déi net qualifizéiert sinn, a well se net qualifizéiert sinn, hu se wéineg Afloss op d'Produktivitéit hei zu Lëtzebuerg, an dofir wär et och net ubruecht, déi Léin unzepassen.

Dat fannen ech e staarkt Stéck, well et muss een awer wëssen, dass dee gréissten Deel vun de Mindestlounbezéier qualifizéiert Leit sinn. Dat si Leit, déi eng Berufsausbildung hanneru sech hunn, eng Geselleprüfung gemaach hunn, eng Berufsausbildung, op déi mir esou vill halen. A wa mir soen, dass dat keng qualifizéiert Leit sinn, jo da muss ee sech Froe stellen iwwert den Inhalt vun eiser Berufsausbildung. Iwwer eis Berufsausbildung ass awer net eleng d'Madame Brasseur als Erzéiungsministesch zoustänneg, mä fir den Inhalt vun der Berufsausbildung sinn eis Patronatsberufschamberen zoustänneg. Dofir fanne ech et schonn e staarkt Stéck, wann déi Leit, déi zoustänneg si fir d'Berufsausbildung, soen, dass d'Leit, déi de Mindestloun kréien, net qualifizéiert sinn, wou gewosst ass, dass vläicht de gréissten Deel vun de Mindestlounbezéier just qualifizéiert Leit sinn.

Da soen déi zwou Berufschamberen, dass si et net richtig fannen, dass mir eng Beitragsdecken hu fir d'Cotisioune vun de Sozial- a vun de Pensiounsversécherungssystemer, déi op dem Mindestloun baséiert a multipléiert gëtt mat engem bestëmmte Betrag. Et ass fënnemol de Mindestloun. Do ver-

stinn ech awer elo d'Welt net. Wat ass dann d'Alternativ zu enger Beitragsdecken? Eventuell keng Beitragsdecken. Wat heescht dat? Also och kee Plaffong méi bei de Leeschtunge vun de Pensiounen? Ech hunn näischt dergéint. A wa mir dogéint sinn, fir dee Plaffong bäizebehalen, fënnemol de Mindestloun, da mussen mir awer wëssen, dass doduerch d'Cotisiounen an d'Luucht ginn, an dat eng weider Belaaschtung just fir d'Entreprisë bedeit, déi ëmmer erm, an elo och net midd ginn, och net bei deem Rapport, deen den Niki Bettendorf eis muer hei wäert presentéieren, fir drop hinzeweisen, dass d'Belaaschtung ëmmer méi grouss gëtt, an dass se der Meenung sinn, dass misst déi Bestëmmung vum Rentendësch annulléiert ginn. Notamment si se och dergéint, dass iwwerhaupt een Ajustement fir d'Pensiounen soll erfollegen.

Also do fannen ech séier wéineg Koherenz. Et deet mer Leed, Kolleeginnen a Kolleegen, dass mer net d'Geleeënheet hatten, fir méi am Detail an eiser Kommissioun dorop anzegoen. Dat hätt mat Sécherheet zu interessanten Diskussiounen gefouert. Mä ech war mer dat als Rapporteur awer schëlleg, de Kolleegen hei an der Chamber matzedeelen, wat an deem schrëftlechen Avis vun de Patronatschamberen drasteet.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, selbstverständlech hu mer eis am Detail mat enger Rei vu Froen an der Kommissioun ausenaner gesat. An eng Fro war: Ass et ze veräntwerten, grad elo wou d'wirtschaftlech Prognosen net brilant sinn, de Mindestloun ze héijen? Wellech Auswierkungen huet d'Erhéijung vum Mindestloun op d'Compétitivitéit vun eise Betriber? Wat ass de Käschtepunkt vun dëser Upassung?

Op all déi Froe fannt Der eng Äntwert am Exposé des motifs vum Här Biltgen sengem Projet. An Dir fannt et och am Detail a mengem schrëftleche Rapport. Erlaabt mer awer ganz kuerz heizou e puer Bemierkungen. Eng Etüd vum Statoc beweist, datt d'Upassung vun de Mindestléin, wa se all zwee Joer virgeholl gëtt an d'Lounentwécklung sech net iwwert der Produktivitéit beweegt, den Ajustement vun de Mindestléin wirtschaftlech duerchaus onproblematesch ass, keen Ofbau vun Aarbechtsplazen zur Folleg huet an d'Lounentwécklung net no uewen dreift. Et ass dat schonn eng séier wichteg Feststellung, well déi doten Aussoen hunn Ulass ginn, fir ze argumentéieren, fir keen Ajustement virzehuelen, och hei an der Chamber. Den Ajustement vun 3,5% huet eng Erhéijung vun der Lounmasse vun nëmmen 0,21% zur Folleg. 0,21%, dat ass äusserst minim. Den Ajustement vun 3,5% bedeit fir d'Gesamtheit vun eise Betriber ee Käschtepunkt vun 2 Milliounen Euro pro Joer. Deem géintiwier awer, an dat ass och interessant mol eng Kéier ze kucken, steigen d'Ausgabe vum Fonds de l'Emploi ëm 1,5 Milliounen Euro.